# 04.
# OKTOBER
2024

Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

= Jo
= Nee
= Enthalen
= Procuratioun

# 04. OKTOBER
2024

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**4. Oktober 2024**

*Réunion à huis clos*

## 1.1. Questions de personnel ; décision

## 1.2. Office Social ; questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, ech begréissen Iech dann an däser éischter Gemengerotssëtzung no der Rentrée. Eng Rentrée, där e laange Summer virausgaangen ass, awer e gutt chargéierte Summer. An ech hoffen awer, dass jiddereen déi Erhuelung konnt iergendwéi fannen, déi en da gebraucht huet.

Éier mer ufänken, hunn ech e puer Wuert zum Ordre du jour. De Conseiller Marc Baum huet den 19. September am Numm vun de Lénken ugefrot, fir e Punkt op den Ordre du Jour vun der Sëtzung ze setzen: Les suites à donner aux jugements du tribunal administratif concernant le PAP QE de la Ville d'Esch-sur-Alzette.

Dat war am Delai an dowéinst proposéiert de Schäfferot, dann och dee Punkt als fënnefte Punkt op den Ordre du jour ze setze vum haitege Gemengerot.

Dann huet sech nach e Feeler ageschlach. Do ass tatsächlech ee Punkt, de 4.6., deen huet sech ageschlach. Dat ass en Avenant zu enger Konventioun mat der Wunnengshëllef, déi mer awer schonn de leschte Gemengerot ofgestëmmt haten, an och unanime gestëmmt haten, dowéinst brauche mer déi net nach eng Kéier ofzestëmmen an dee géing dann och vum Ordre du jour geholl ginn.

Ginn et nach Froen zum Ordre du jour? Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Mir wéilten als LSAP-Sektioun froen, dass de Punkt 4.2. vum Ordre du jour geholl ginn ass. Dat ass de Projet, wou d'Konventioun mat der Uni soll gestëmmt ginn.

Dee Punkt ass an der Kommissioun à l'unanime vun all de Parteie verworf ginn, well se nach Donnéeë bräichten. A wuelwëssend, dass et dann awer ëm 300.000 € geet, ass dat keen, keng kleng Affär.

Am Rapport stoung drop, dass de Projet trotzdeem géif traitéiert ginn an eiser Ronn hei, well Zäitdrock ass. Do wéilt ech awer dann de responsabele Schäffen an och de President do an d'Verantwortung zéien, dass déi et net hikréien, mat Zäiten déi Konventioun an eng Kommissioun ze kréien.

Mir hunn elo gesinn, déi ass am August ënnerschriwwe ginn. Dir hutt elo just gesot, den August ass e Mount, deen zimmlech, wou zimmlech vill lass ass, oder zimmlech wéineg lass ass.

An dofir géif ech awer trotzdeem appelléieren, déi Kommissioun huet dann awer e gewësse Wäert. Well wa mer nämlech elo higinn a mir loossen dee Punkt trotzdeem drop, da mussen awer virun allem déi Leit vun der Majoritéit, well mir wäerten elo dogéint stëmmen, musse sech d'Kolleege vun der Majoritéit awer froen, ob si hir Parteikolleege serió huelen.

A wann Der an der Koalitioun schreift, mir ginn der Kommissioun déi néideg Mëttel,

fir onofhängeg ze fonctionéieren, da proposéieren ech einfach, dass mer hinnen d'Mëttel ginn, fir een huelen ze goen, well dann ass am Fong hiren Avis net vill méi wäert.

Dofir, ech géif et begréissen, wann dee Punkt géif erofgeholl ginn, eleng aus Respekt vun deem, vun deem Organ Jugendkommissioun. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro huet als Jugendschäffen d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Jo, ech hat tatsächlech déi do Remarken natierlech am PV vun der Jugendkommissioun och gelies an och sinn ech informéiert ginn iwwer déi do Kritik.

Et muss ee soen, datt déi do Diskussioun net nëmmen op dës Legislatur leeft, mee datt dat do och schonn am, virdrun an den Diskussioune vun der Jugendkommissioun gelaf ass, an datt ee wierklech hei elo virun engem Moment steet, wou et drëms geet, elo wierklech weiderzekommen an deem doten Dossier.

Bon, ech mengen, et kann een natierlech déi Saach och nach eng zweet Ronn dréine loossen an der Kommissioun an dat nach eng Kéier duerchdiskutéieren. Ech géif awer Iech alleguer bieden trotzdeem, datt mer awer net méi spéit wéi déi nächst Gemengerotsitzung deen heie Punkt am Ordre du jour géinge bréngen, fir ze votéieren, well mer awer wierklech musse weiderkommen.

An do hu mer awer och en Engagement par rapport zu der Uni, zu all deenen Diskussiounen, wou mer gefouert hunn, fir dat doe kënnen ze realiséieren. A sou datt tëschent haut an déi nächst Gemengerotsitzung natierlech eng, eng Jugendkomissioun kann aberuff ginn, fir nach weider Detailer an Erklärunge kënnen ze ginn.

Ech sinn och gewëllt, natierlech an déi Kommissioun selwer ze kommen, wann et néideg ass. An da géinge mer dat, wéi gesot, de 25. November dann hei zum Vott presentéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Dir eppes soen, Madamm Braz?

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Jo, ech gi kuerz ... villmools merci. An Dir hutt elo nach zum Schluss gesot, mee dass da wierklech och ee vun der Uni géif selwer an d'Kommissioun kommen, fir dat dote virzestellen. Ech mengen, dat wär de Memberen aus där Kommissioun wichteg.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Ech kann dat elo net, ech kann deen Engagement elo net direkt ginn. Ech kucken natierlech mat de Leit vun der Uni, déi an deem Projet mat involvéiert sinn, ob se déi Zäit och hunn zu deem Datum, wou mir dann déi Kommissioun aberuffen. An ech wäert Iech do informéieren zum richtege Moment.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Merci. Et geet ëm vill Suen, ech mengen, dat wär de Minimum.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee, da proposéieren ech eeben, de Punkt 5 vum Här Baum drop ze hunn an d'Punkte 4.2. a 4.6. vum Ordre du jour erofzehuelen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2.1. Organisation scolaire définitive pour l'année scolaire 2024/2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de grousse Punkt 2. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeechter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vläicht bevir ech ufänken, géing ech gär d'Propos maachen, fir d'Punkten 2.1., 2.2., 2.3. an 2.4. zesummen ze diskutéieren, wann dat an der Rei wär, fir dass se thematesch a logesch zesummenhänken. Da géinge mer dat esou maachen.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, iwwer d'Organisation scolaire an och den Enseignement fondamental hu mer virun der Summervakanz ulässeg zum Vott vun der Organisation scolaire provisoire jo schonn intensiv an och am Detail geschwat, dofir wäert ech mech haut bei dësem Punkt op déi aktualiséiert Zuele beschränken a vläicht virun allem dorobber agoen, wat zënter Juli geännert huet, bezéiungsweis wat an dësem Schouljoer an den Escher Schoulen nei ass.

Vläicht ganz am Ufank zu den Zuelen elo aus der definitiver Orga,sou wéi se viru Kuerzem konnten avertéiert ginn. Mir hunn 3.261 Schülerinnen a Schüler, déi ageschriwwe sinn an eisen Escher Grondschoulen, 225 Inscriptiounen am Precoce, 56 Schülerinnen a Schüler an de Bëschklassen, 348 Schülerinnen a Schüler an der Ecole internationale, dovunner 168 Escher Kanner.

A mir hunn – an Dir erënnert Iech, dat war eng Diskussioun, déi mer virum Summer hate par rapport zu de Changementer, déi um Kannercampus Belval elo gëllen. Mir hunn an dësem Schouljoer just nach véier Kanner hei vun Esch, déi um Kannercampus Belval scolariséiert ginn.

E puer Zuelen och zu den, zur Inklusioun an de Kanner mat spezifesche Besoinen. Mir hu 37 Schülerinnen a Schüler, déi an engem Centre de compétences scolariséiert ginn. Wobrécken empfänkt dëst Joer eng Logo-Klass, also eng Logopediesklass, am Cycle 1 mat aacht Schülerinnen a Schüler, eng zweet Logopediesklass am Cycle 2 mat zéng Schülerinnen a Schüler, an och eng CTSA-Klass mat véier Schülerinnen a Schüler.

Wat nei ass mat dëser Rentrée, doriwwer sinn ech och frou, ass, dass mer och zu Lalleng an der Schoul elo konnten eng zweet CTSA-Klass zesumme mam Centre de compétences

opmaachen, wou elo mat dëser Rentrée sechs Schülerinnen a Schüler scolariséiert kënne ginn.

An dann nach vläicht zwou wichteg Neierunge bei eis um Territoire, wat elo d'Inklusioun an de Schoulen ugeet. Et ass dat éischt Schouljoer, wou elo wierklech all Schoul en eegenen IEBS huet, also en Instituteur spécialisé pour la prise en charge vun enfants à besoins spécifiques. Wéi gesot, all Schoul huet elo een, huet elo een.

An dann nei agefouert och mat engem Vott an der Chamber virum Summer, hu mer jo och elo de Profill vum AEBS, also vun den Assistente souzesoen och fir Kanner à besoins spécifiques. Do ass am Moment um Niveau vum Staat eng Rekrutéierungscampagne ënnerwee.

Mir ass gesot ginn, dass fir dëst Schouljoer 50 Rekrutementer solle gemaach ginn. Dräi AEBSe wäerten elo mam Ufank vun dësem Schouljoer hei zu Esch affektéiert sinn, nämlech an de Schoule Brill, Groussgaass an Dellhéicht.

Mir hunn insgesamt 125 Kanner, déi Cours-d'accueille wäerte besichen. Dat ass verspreet iwwer eng ganz Rei vun de Schoulen. Den Detail fannt Der do am Dossier, deen dem Gemengerot bäileet.

An da vun de Kanner vläicht eriwwer bei d'Schoulpersonal. Mir hunn insgesamt 444, also 444 Fraen a Männer, déi an, am, an den Escher Schoule schaffen. Dovunner 352 brevetéiert Enseignanten, 25 Chargéen, ee Fonctionnaire communal nach, 31 Educateuren a 35 Remplacant-permanenten.

Zum Contingent, also der Method, wéi déi, wéi dat dote Personal verdeelt gëtt an distribuéiert gëtt op déi verschëllte Schoulen, doriwwer hu mer jo ganz am Detail geschwat bei der Organisation provisoire.

Well eng jo eng Neierung hunn an dësem Schouljoer, nämlech dass mer mam Indice socio-économique, dee mer versprach hunn, wëllen dofir suergen, dass déi Ressourcen och de sozio-ekonomesche Realitéiten an eise Schoule Rechnung droen an dowéinst och an der Distributioun vun deene Ressourcen dat en compte geholl gëtt.

Et ass eng wichteg Neierung an dësem Schouljoer, eent vun de grousse Verspriechen, dat mer gemaach hunn, wat eis Schoulpolitik ugeet. A mir si wierklech frou, dass mer dat och scho konnte sou séier ëmsetzen.

Et hu sech no eiser leschter Diskussioun, nom Vott och hei am Conseil communal, nach eng Rei klenger Ännerunge gemaach, déi och nach eng Kéier néideg gemaach hunn, dass deen Indice socio-économique nach eng Kéier appliziéiert gëtt.

Dir wësst, dass et eng ganz Rei vun Dechargë gëtt am Enseignement, wou Personal fräigestallt gëtt, fir verschidden Aktivitéiten ze assuréieren. An déi Stonnenunzuel, déi mer quasi vum Staat a Form vun Dechargë kréien, déi hu mer natierlech erëm am Däppen, fir déi nach eng Kéier ze verdeelen.

An dat hu mer gemaach Enn Juli, wéi d'Schouljoer eriwwer war, zesumme mat der Schouldirektioun, mat der Direktioun 6, déi hei fir Esch zoustänneg ass, an zesummen och mat den néng Presidentinnen a Presidente vun de Schoulen am Bureau des présidents. Soudass mer dee fräie Contigent, deen duerch dës Dechargen nach fräi ginn ass, zesumme verdeelt hunn, och en application also vum Indice socio-économique, wat bedeit, dass een zousätzleche Posten – a ganz wichteg, déi Ännerungen, déi ech elo nach soen, sinn, et ass net de ganzen Indice socio-économique, deen hei spillt.

Dat ass zousätzlech zu deem, wat mer schonn am Juli diskutéiert hunn. Dat heescht, een zousätzleche Poste fir Lalleng, aacht Stonne ginn an der Dellhéicht an der Ganzdaagsschoul

bäigesat a véier zousätzlech Stonnen nach am Brill an an der Groussgaass.

Mir haten elo am neie Schouljoer schonn eng éischt Schoulkommissioun an och schonn eng éischt Reunioun vum Bureau des présidents, wou nach eng Kéier d'Schouldirektioun, d'Services scolaires an d'Presidentinnen an d'Presidente vun de Schoulen zesummekommen. An de Feedback vum Terrain ass, dass et eng roueg, eng smooth Rentrée war an dass d'Kanner an d'Léierpersonal iwwerall gutt an d'Joer gestart sinn. An dat ass eng gutt Nouvelle.

Erlaabt et mer, och well et haut um Ordre du jour steet, d'Konventioun mam Pedibus, eng Kéier kuerz op de Pedibus an op de Schoultransport insgesamt anzegoen. Mir hu mat dësem Schouljoer zwou nei Pedibus-Linnen agefouert um Brill. Domat ass den Total vun deem Pedibus-Reseau gewuess op 13 Linnen insgesamt. 13 Linnen, wou insgesamt 152 Schülerinnen a Schüler an d'Schoul bruecht ginn, accompagnéiert vun 18 Accompagnateure fir de Moment.

De Pedibus-Reseau huet Succès, an dofir expandéiere mer och weider a verbesseren d'Qualitéit vum Service an deem dote Beräich. Fir dat sécherzestellen a well mer, dat wëll ech ganz oppe soen, an der Vergaangenheet Schwieregkeeten haten, Personal ze rekrutéiere fir de Pedibus, hu mer op der Assemblée générale vun der ASBL decidéiert, dass mer d'Stonneléin vun den Accompagnateure substanziell an d'Luucht setzen. Déi sinn eropgaange vu ronn 14,5 € d'Stonn op 20,00 € d'Stonn dëst Joer.

Mir wäerten do elo, mir hunn eng ganz Rei vun Demanden erakritt, soudass mer do nach eng Kéier eng Rekrutéierung maachen, an ech eigentlech optimistesch sinn, dass mer do nach eng weider Verstäerkung vum Service kënne maachen, déi eis hoffentlech och erlaabt, vläicht op verschiddene Linnen och nach en zweeten Accompagnateur mat op de Wee ze ginn, fir d'Sécherheet nach ze verbesseren.

Am Beräich vum Transport scolaire gëtt et och eng kleng Neierung, déi sech erklärt aus dem, aus der Ëmsetzung vum séchere Schoulwee. Et war gefrot ginn, fir um Leesbierg e Minibus-Service kënnen unzebidde fir d'Kanner, déi do bis elo eigentlech e relativ wäite Wee haten, wou se misse méi oder manner Kilometer ze Fouss goen.

Do hu mer elo eng Navette, sou wéi et gewënscht war, eng Navette en place gesat a wäerten och haut dann och den afferente Busarrêt dann hoffentlech, oder de Verkéiersreglement fir den afferente Busarrêt stëmmen.

Ech hunn et gesot, ech wëll haut manner eigentlech agoen op den Enseignement fondamental, well mer déi Diskussioun jo wierklech haten am Juli an ech lech deemools versprach hat, dass mer, dass ech op d'mannst haut wéilt méi op d'Betreiungsstrukturen an d'Situatioun do agoen an och op d'Infrastrukturen an deem Beräich.

Wat de Beräich SEA ugeet, fannt Der all déi relevant Zuelen am Rapport d'activités, deen an der Dokumentatioun bäiläit. Ech wäert haut op zwee, menger Meenung no essentiell Aspekter wëllen agoen. Eng Kéier, an dat ass eppes, wat mer vläicht net oft genuch diskutéieren, d'Pedagogie an och d'Qualitéit vun der Offer, déi mer hei kënnen zu Esch maachen, an op der anerer Säit natierlech déi Fro vun der Infrastruktur, vun den Infrastrukturen. An dann déi Zuel, déi Zuelefro am Endeffekt vun de Capacitéiten a vun de Chaisen.

Mir hu mat dësem Schouljoer mëttlerweil 21 Haiser, déi d'Stad Esch betreit, zwee dovun an Zesummenaarbecht mam CIGL. An et handelt sech dobäi mëttlerweil ëm ee vun de

gréisste Servicer vun der Stad Esch mat 343 Employéen, déi sech all Dag dofir engagéieren, fir de ronn 1.700 Kanner, déi mer an der Betreiung hunn, fir deenen eng gutt Betreiung unzebidden, wärend d'Eltere schaffe ginn.

Pour rappel: De primären Objectif ass et, Familljen, wou béid Eltere schaffen, bezéiungsweis Mono-parentauxen a Famillje mat Schwieregkeeten d'Méiglechkeet ze ginn, fir Schoulkanner betreien ze loossen. Et ass wichteg ze betounen an deem Kontext, dass mer eng enk Zesummenaarbecht hu mat der Schoulinklusiounskommissioun, mat der CI, an och aneren ëffentlechen Instanzen, déi déi Familljen ënnerstëtzen.

Eis éischt Maison relais hei zu Esch, dat war de Brill 1. Déi ass 1990 opgaangen, deemools mat ronn 40-50 Chaisen. Säitdeem huet sech, mengen ech, an deem Service extreem vill geännert an d'Offer huet sech extreem staark entwéckelt.

Mir hunn notamment och an deene leschte sechs Joer d'Capacitéit fir d'Betreiung quasi verduebelt, vun 1.200 Chaisen op – an do hu mer dëst Joer eng wichteg Mark gebrach, mengen ech – op 2.000, iwwer 2.000 Chaisen ab dësem Schouljoer. An ech mengen, dass déi Mark vun 2.000, déi mer elo gerass hunn, eng wichteg Mark ass.

Wat mir perséinlech wichteg ass, mir sollten trotz der weiderer Penurie un de Chaisen an och trotz dem Besoin, fir weider och ze investéieren an d'Strukturen, net d'Qualitéit, net d'Qualitéit vun der pedagogescher Offer aus dem Bléck verléieren.

Erlaabt et mer, vläicht kuerz op d'pedagogescht Konzept anzegoen, wat eigentlech an engem ganz groussen Deel vun eisen, vun eisen Haiser appliziéiert gëtt. Dat ass de Reggio, och nach Weltatelier genannt. Dat, mengen ech, wat déi meescht kennen als oppent Konzept.

D'Zil ass et, de Kanner méi Fräiheet ze ginn, fir sech ze beweegen an och sech selwer ze entwéckelen, fir, am beschte Fall, esou e Prozess vun Autoeducatioun ze promouvéieren. Dëst Konzept encouragéiert d'Onofhängegkeet an d'Fräiheet vun de Kanner, an an der Praxis bedeit dat eigentlech virun allem, dass d'Kanner fräi an der Struktur zirkuléieren, vun engem Sall an deen anere Sall kënne goen a sech virun allem selwer aussichen, wéi eng Aktivitéite se wëlle maachen.

D'Kanner hunn zwar d'Fäegkeet, sech selwer ze entwéckelen an ze léieren, dovu sinn ech iwwerzeegt, mee fir d'Welt ze entdecken, brauch et … an dat ass eppes, wat ganz oft, oder munchmol op d'mannst falsch vestane gëtt: Oppent Konzept heescht net, dass … heescht wuel, d'Kanner sinn onofhängeg a fräi an huelen hiren eegene Choix.

Dat bedeit awer net, dass se net encadréiert ginn. An dowéinst ass de Rôle vun den Educateuren, vum Personnel pédagogique an deem oppene Konzept immens wichteg. Well oppent Konzept heescht ganz kloer net, dass d'Kanner sech selwer iwwerlooss bleiwen. D'Kanner brauchen aner Persounen, fest Repèren an och Opportunitéiten, déi hinnen opgemaach ginn. A well se voll an der Entwécklung sinn, brauche se Sécherheet, Opmierksamkeet an Ënnerstëtzung, an dofir ass eist Personal do.

Eis pedagogesch Ekipp gëtt hiert Bescht, fir gutt Virbiller ze sinn an als Referenzpersounen fir d'Kanner ze déngen. D'Erzéier si present, begleeden d'Kanner a ginn hinnen d'Méiglechkeet, matzemaachen, ze entscheeden an Acteur vun hirer eegener Entwécklung ze sinn.

Dës Opmierksamkeet hinne géintiwwer gëtt de Kanner e Gefill vu Vertrauen a vu Wuelbefannen, wat hinnen erméiglecht, an aller Rou ze léieren. Dofir verstäerke mir eis Efforten, fir gutt

ausgebilt Personal op Esch ze rekrutéieren, notamment duerch eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen.

Mir hunn an deene leschten 12 Méint, en accord mat der Personaldelegatioun, eng Flexibiliséierung gemaach am Beräich vum Congé, fir eebe kënnen eisem Personal méi Flexibilitéit, wéi et bis elo méiglech war, méi Flexibilitéit am Huele vun de Congéen, an der Planung vun de Congéen ze ginn, wat selon deene Feedbacken, déi ech kritt hunn, appreciéiert ginn ass an, mengen ech, och ee vun de Kompetitivitéitskrittären ass, wann d'Leit kucken, wou se schaffe ginn.

Dir wësst, dass et e Secteur ass, wou eng Penurie ass a wou mer a Konkurrenz stinn net nëmme mat villen anere Gemengen oder privaten Trägere vun Haiser, mee och mat enger ganzer Rei vun aneren Acteuren, déi déi selwecht Profiller rekrutéieren.

An dowéinst hu mer och ab dësem Schouljoer och eis Zesummenaarbecht mam LTPES, awer och mat der neier Antenn, déi am Lycée Belval och an dësem Schouljoer opgaangen ass, wou mer eng Educateursformatioun um Belval elo, wou eng ugebuede gëtt.

Mir hunn do d'Zesummenaarbecht renforcéiert an dësem Schouljoer an hunn och ganz proaktiv, op meng Demande hin, de Kontakt gesicht mat där Klass, mat där Educateursklass um Belval, wou mer wëllen zesummeschaffen, an am beschte Fall och do nach kënnen e Bäitrag ze leeschten an do och Leit ze fideliséieren, an der Hoffnung, dass se da bei eis schaffe kommen.

Zesumme mat der Equipe pédagogique ronderëm d'Sylvia Marques hu mir an deene leschten zwielef Méint och grouss Efforte gemaach, fir d'Qualitéit vun der pedagogescher Offer nach weider ze stäerken an d'Formation continue vun eisem Personal ze verbesseren.

Et si Matinées pédagogiques fir d'Responsabel vun deenen 21 Haiser agefouert ginn, wou a reegelméissegen Ofstänn u sech eng gewëss Formation continue an och eng oppen Diskussioun ass iwwer verschidde kruzial Aspekter vum, vun der Betreiung – dem Amenagement vun de Säll, den Teammanagement, den Teambuilding an den Ekippen, den Ëmgang mat schwierege Situatiounen am Alldag, awer och administrativ Froen asw. – wou déi Saache konnte beschwat ginn an eng gewëss Formation continue stattfonnt huet.

An dann den zweete wichtegen Aspekt, d'Infratrukturen, an domat och déi Fro, déi sech onweigerlech stellt, déi Fro vun de Waardeleschten, oder vun der Waardelëscht. Do hunn ech eng gutt Nouvelle. Säit dësem Schouljoer hu mir d'Mark vun den 2.000 Chaisë geknackt, dat hunn ech scho gesot.

Ech wëll awer dat och nach eng Kéier elo notzen, fir de groussen Effort, deen an de leschte Jore gemaach ginn ass, fir dat méiglech ze maachen, ausdrécklech ervirzehiewen a vun hei aus och e Bravo ze ginn un all déi Ekippen, ob et am Service SEA ass, bei den Architekten, un alle Servicer, déi bäigedroen hunn, fir deem Kraaftakt, dee remarkabel ass, aus de leschte Joren, fir deen ze maachen.

Mir wäerte weidermaachen op deem Wee. An et erméiglecht et eis eigentlech, an dësem Schouljoer wierklech eng notabel Verbesserung vun der Situatioun op der Waardelëscht festzestellen.

D'lescht Kéier, wou mer driwwer geschwat hunn, hate mer eng Waardelëscht an der Gréisstenuerdnung 250 Kanner. An Dir wësst, dass ech deemools gesot hat, dass all Kand op där Waardelëscht eent ze vill ass an dass mer

weider eisen Engagement wäerte maachen, fir déi Zuelen ze reduzéieren.

Mir wäerten dëst Schouljoer an der Positioun sinn, fir d'Limitt vun den 150, hoffentlech, däitlech ze ënnerschreiden an dësem Schouljoer.

Dat huet Erklärungen. Notamment déi 260 Chaisen, déi d'lescht Schouljoer dobäikomm sinn op de Wobrécken, déi 145 Chaisë bei de Pompjeeën, déi dëst Schouljoer bäikommen, wou an enger éischter Phas 43 Kanner aus der Kanalstrooss a 46 Kanner aus dem Breedewee eriwwer wäerte goen an déi nei Struktur.

A mat der neier Struktur hu mer elo d'Méiglechkeet, fir, éischtens, d'Maison relais aus der Kanalstrooss an de Brill ze affektéieren. Sou kënne mer do och dem Brill seng Waardelëscht praktesch ganz ofbauen dëst Schouljoer a kréien och elo fir d'éischt Kéier eigentlech d'Méiglechkeet, fir am Brill net nëmme Kanner eranzehuelen, wou d'Elteren all d'Krittären erfëllen, mee wou mer schonn eng éischt Kéier kënnen och Kanner eranhuelen, wou deen een oder anere Krittär net erfëllt gëtt vun den Elteren.

An dann zweetens gëtt eis déi nei Maison relais och d'Méiglechkeet, fir d'Maison relais aus dem Breedewee, fir do Kanner ze affektéieren, déi just eigentlech fir d'Mëttesstonn kommen.

Déi Leit, déi eis Struktur do um Breedewee kennen, wëssen, dass se vun der Infrastruktur hier, vun de Gebailechkeeten hier net optimal ass, fir dat oppent Konzept voll ëmzesetzen. An dowéinst hu mer do eng gewëss Flexibilitéit, fir do an enger éischter Etapp elo d'Mëttesstonnen ze couvréieren, kleng Ännerunge virzehuelen a fir eventuell ab dem, ab dem nächste Schouljoer se ze notze fir Kanner am Zentrum, déi am Precoce sinn.

An dann zulescht, an dat ass, dofir ass och de Marc Lucas hei, de Chef vum Service Architectes – moie Marc. Zulescht eeben och e ganz neie Projet, dee mer eigentlech an där heiter Form nach net hei diskutéiert hunn, well mer nämlech dorunner schaffen, fir och fir d'nächst Schouljoer nach d'Capacitéite weider ze erhéijen, 80 weider Chaisen a Betrib ze huelen, an engem Quartier, wou mer et dréngend brauchen: op den Nonnewisen.

De Projet op den Nonnewisen, um 6N, ass ganz nei, gouf och nach net am Gemengerot diskutéiert. Usprénglech sollten dës Raimlechkeeten an d'Vente goen, de Schäfferot huet kuerzfristeg decidéiert, se ze behalen an eeben ze notzen, fir eng nei Betreiungsstruktur doran ze amenagéieren.

Fir dass d'Aarbechte kënne lassgoen, muss de Conseil communal haut en Devis ofstëmmen an der Héicht vun 1,5 Milliounen Euro. An ech hunn dofir de Marc Lucas eeben do dobäi, fir lech de Projet ze presentéieren. Marc, du hues d'Wuert.

**M. Marc Lucas**

Merci fir d'Wuert.

Also mir hunn dee Projet do gemeet aus dem besteeënde Projet vum 6N, wat jo e Logementsprojet ass a wou awer vir zur Plaz hin, zum Guillaume-Capus-Strooss hin, och Commercë virgesi waren.

Déi Commercë sinn, waren eigentlech als oppe Commercen, wou een dann hätt kënnen och en externen Exploitant drasetzen, geduecht, an et ass dunn awer decidéiert ginn, wéi den Här Sehovic grad erkläert huet, dass, well Besoin do ass am Quartier, fir nach Maison-relais-Plazen ze schafen, dass mer déi Commercen da géingen notzen, fir, déi Commerceflächen da géingen notze fir eng Maison relais.

Dir gesitt hei um Ecran elo eng Vue vum Projet, sou wéi en am Fong och elo schonn do steet. An Dir gesitt zur Plaz hin déi grouss verglaast Flächen, wou hannendrun dann déi Raim wäerten ageriicht gi fir d'Maison relais.

Ech schifften dann emol op den nächste Slide. Do gesi mer nach eng Kéier eng Situatioun – ee Mol als Plang, ee Mol als Vue aérienne, wou mer gesinn, dass dat Gebai mat deem, op der Foto mat deem méi donkelen Daach zur Plaz ënnen, wou mer dann um Rez-de-chaussée déi Raim wäerten ariichten.

Hei hu mer e puer Fotoen, wéi et am Fréijoer do ausgesinn huet +/–, bis op dat Material, wat nach stockéiert war, wat mëttlerweil mam Rescht vum Chantier verschafft ass, mee dat ass méi oder wéineger d'Ausgangsbasis, wou mer dann déi Raimlechkeeten do dra wäerten ariichten.

Dann hu mer eng kleng 3D hei vum Architekt, eng Axonometrie, wou mer gesinn, wéi déi Raimlechkeeten opgedeelt goufen. Mir hunn do am Haaptdeel véier Grupperaim mat enger Capacitéit tëscht 10 a 15 Kanner. Dann hu mer ee klenge Raum mat fënnef Kanner, dat ass eng Cuisine pédagogique, déi awer och als Ausgab fir d'Iessen an der Mëttesstonn wäert genotzt ginn.

An dann hu mer hannelaanscht e Rigel mat Raim, déi haaptsächlech Sanitärraim sinn, Toilettë sinn, e klengen Technikraum an da Raim fir d'Personal vun der Maison relais, an eng Vestiaire natierlech.

Dann hu mer, op der rietser Säit gesitt Der e separate Raum. Dat ass geschëllt dem Fait, dass et eebe geduecht war, verschidde Commercen dran ze maachen, wou awer och elo e Grupperaum da vu 25 Kanner amenagéiert gëtt. Dee Raum huet bal 80 $m^2$ an do ass och, well dat separat ass, dass d'Kanner net mussen erauslafen, ass do och eng Toilette an deem Raum integréiert, dass d'Kanner do direkt kënnen op d'Toilette goen. Ech ginn emol weider. Do hu mer e klenge Moodboard, wéi eisen Architekt, de Büro Ballini, sech dat virgestallt huet, wéi dat bannendra kéint ausgesi vun den Ambiancen hier. Mir gesinn, dass e mat relativ duussen Ambiancë schafft, fir eeben och eng gewëss Rou an dat Ganzt ze bréngen, dass d'Kanner sech do wuel fillen an eng entspaant Atmosphär do kann entstoen.

Et wäert och op d'Akustik opgepasst ginn. Mir hunn och hei elo e Konzept, wou mer mat massive Maueren, Trennwänn och wäerte schaffen. Dat ass eemol fir d'Immersive, d'termesch Immersive vun de Raimlechkeeten ze amelioréieren, awer och fir d'Akustik eeben op engem gudden Niveau ze halen, fir dass mer entspaant Atmosphär do dranner kréien.

Hei nach en zweete Moodboard mat Materialen, wat op de Buedem kënnt, wat op de Plafong kënnt, Plafond accoustique, och mat Holz geschafft, fir déi fest agebaut Miwwelen, voilà. An dann, wéi gesot, d'Faarwen éischter am duussen, a rouege Faarftéin bliwwen hei.

Hei hu mer dann nach eng 3D. Hei si mer an engem bësse méi grousse Grupperaum an do gesitt Der hannen eng grouss zweefligeleg Dier. Déi geet op déi Cuisine pédagogique, déi, wéi gesot, och an der Mëttesstonn als Iessensausgab wäert déngen. Dat heescht, mir hunn do e klenge Buffet am Fong, wou d'Kanner dann d'Iesse kënne siche goen an dann duerch déi grouss Dier, d'Verbindungsdier kënne se dann an deem grousse Grupperaum dann iessen.

Hei ass nach eng 3D da vun engem anere Grupperaum, vum Gank a vun, rietser Säit gesitt Der nummeréiert Vestiairesschief, wou d'Kanner hir perséinlech Saache kënnen dra maachen, wärend se an der Maison relais da betreit ginn.

Hei hu mer eng Kéier de Grondrëss. Do hu mer, do gesitt Der nach eng Kéier, wat Der och schonn op der 3D am Fong gesinn hutt, wéi déi verschidde Raim agencéiert si mat e bëssen och Dëscher, eng Méiglechkeet, wéi dat kéint mat den Dëscher amenagéiert ginn.

An och uewe gesitt Der, wéi d'Toiletten agedeelt sinn. Déi mof Fläch an der Mëtt uewen ass, wéi gesot, d'Vestiairesfläch, niewendrun eng kleng Reunioun, e klenge Bürosraum fir d'Personal. Voilà, a ganz riets nach eng Kéier och da mat der Toilette de grousse Grupperaum vun 78 m$^2$.

Bon, hei hu mer eng Fassad. Dat ass elo dat ganzt Gebai, awer wéi gesot, d'Maison relais erstreckt sech just um Rez-de-chaussée. Et ass och e Sonneschutz virgesinn, fir dass et net ze waarm gëtt de Summer. Well dat Ganzt awer eng grouss verglaast Fläch duerstellt, gesi mer do Storë vir, dass een dat ka verschatten.

An dann zur Heizung wollt ech nach soen, déi gëtt jo, wéi alles op den Nonnewisen, si mer hei un d'Wärmenetz vun den Nonnewisen ugeschloss och mat dëse Raimlechkeeten. An d'Heizung wäert iwwer Foussbuedemheizung dann erfollegen.

A mir hunn natierlech och eng Lüftungsanlag dran, mat double Flux, mat Recuperatioun vun der Wäermt, déi dann ofgesaugt gëtt.

Hei hu mer nach eng Kéier e klenge Zoom op déi Raimlechkeete vum Vestiaire, Reunioun, Büro fir d'Personal an déi verschidde Sanitärraim. An hei nach eng Kéier déi Raim och uewen: Sanitärraim, e klenge Fließenspiegel, wéi dat herno wäert ausgesinn. An ënnen och, mat de Fouen duergestallt, eng Vue vum Gank. An d'Foue vun den zille Wänn, déi do virgesi sinn, wat, mengen ech, och eng ganz flott Ambiance wäert ginn.

Da komme mer op d'Zuelen. Do hu mer déi verschidde Lousen, de Gros-oeuvre ass natierlech e klenge Posten an dësem Fall. 100.000 € nach eng Kéier fir haapstächlech déi massiv Trennwänn, Chappen asw., well d'Gebai, d'Hüll steet jo am Fong schonn.

Dann hu mer e Lous Parachèvement, deen natierlech méi grouss ass : knapp 420.000 €. Technik: 475.000 €. De Miwwel fix an de lasse Miwwel, also Dëscher a Still: 125.000 € opgeronnt. Den Divers et imprévus vu 86.637 €, Frais honoraires ronn 270.000 €. An da komme mer opgeronnt op dee Montant, deen den Här Sehovic scho genannt huet, vu 1,5 Milliounen Euro.

An dann hu mer, zum Schluss hu mer nach de Planning, wou Der gesitt, wou mer elo dru sinn. APD ass, wéi gesot, am September ofgeschloss ginn. Commodosprozedur leeft, d'Bautegeneemegung leeft och. A Projet d'exécution ass bei den Architekten an der Aarbecht an Ufank vum Chantier ass elo virgesinn am November, Enn November unzefänke mat verschiddenen Aarbechten.

Sou dass mer dann hoffen, an och vun eise Büroe versprach kruten, dass dat kann Enn Juli, ugangs August fäerdeg sinn, soudass mir fir d'Rentrée 2025 dann dat Haus kéinten a Betrib huelen.

Voilà, sou wäit meng kleng Virstellung vun deem Projet. Hei nach eng Kéier déi Vue vum Grupperaum mat der Iessenausgab als Ofschloss. An dann, wann nach Froe sinn ...

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Marc.

Wéi gesot, de Projet fir dann nächst Schouljoer nach eng Kéier 80 Chaisë kënnen opzehuelen an eis Offer.

Doriwwer eraus dann hoffentlech fir d'iwwernächst Schouljoer kënnt dann och den nächste Projet, op deem mer schonn erëm schaffen, nämlech eng weider Maison relais fir Lalleng. En anere Quartier, wou mer wierklech och e Besoin hunn. Um Lallenger Deich dann. Do wäerte mer dann och nach eng Kéier op Iech zeréckkommen.

Voilà, sou vill vu mir, Här Buergermeeschter.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Da froen ech als éischt: Ginn et technesch Froen, déi un den Här Lucas ze riichte wieren? Dat ass net de Fall.

Da froen ech, wien ech kann aschreiwen, fir zu dësem Punkt ze schwätzen.

Da proposéieren ech, dass den Här Pulli ufänkt.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Just eng Fro: Muss ech elo zu deenen zwee Punkten zesumme schwätzen oder schwätze mer als éischt zu der Schoulorganisatioun jiddwereen an dann zu deem Rapport?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech mengen, dass mer zu all de Punkten zesumme schwätzen an d'Votten herno separat kënne maachen. Ausser Dir wéilt, dass mer zu all Punkt eenzel schwätzen.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Ech mengen, dat géif vläicht e bësse méi Sënn maachen, oder?

Da musst Der just e bëssen nolauschteren, wann Der ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir lauschtere ganz gären no.

*(Zoustëmmung aus dem Sall)*

Nee, mer maachen et zesummen an d'Votten herno separat.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Okee.

Merci fir d'Wuert. Ech probéieren dann elo e bëssen d'Madamm Agovic ze vertrieden haut, déi jo ëmmer ganz pertinent a kritesch Remarken zu der Schoulpolitik mécht.

Jo, fir unzefänken, den Här Sehovic ass am Fong e bëssen op de Rôle vun der Gemeng an der Organisatioun vum Enseignement fondamental agaangen. Well dat ass jo net ëmmer esou kloer.

Wat ass dat? Ech mengen, dat ass d'Schoulorganisatioun, déi mer jo schonn am Juli diskutéiert hunn. Do hu mer och iwwer d'Opdeelung vun de Ressorte geschwat, d'Gestioun vun den Aschreiwungen.

Mir haten am Juli den, déi verschidde PDSen hei, an awer och dat, iwwer technescht Material hu mer geschwat, oder d'informatescht Material an eeben den Entretien vun den Infrastrukturen. An op déi zwee Punkte géif ech am Ufank vläicht elo gär eng Kéier agoen.

Dir hat am Juli drop higewisen, dass neit technescht Material bestallt, géif geliwwer ginn. An no eisen Informatioune war dat Material awer elo leider net fir d'Rentrée do an

ass och nach ëmmer net bei de Schülerinnen a Schüler gréisstendeels ukomm. Woubäi mer wëssen, dass et jo elo schonn eigentlech bei Wäitem net duergeet.

Dat selwecht gëllt eigentlech fir den Entretien vu verschiddene Schoulinfrastrukturen. D'Madamm Agovic hat jo hei am Juli vun enger Schoul geschwat, wou et zum Deel géif era reenen, an och no zwee Méint Summervakanz ass dat nach ëmmer de Fall. An dobäi kënnt, dass dat no eisen Informatioune scho säit Joren, scho säit méi wéi siwe Joer de Fall ass, dass dee Problem do ass vum Erareenen an enger Schoul, déi net wäit hei ewech ass.

Fir vläicht e konkreet Beispill ze ginn: Dat heescht, mir hunn am Fong geholl e Schüler oder eng Schülerin, déi an der Groussgaass-Schoul am Joer 2017 ageschoult ginn ass, déi elo mëttlerweil am Lycée ass, déi huet eigentlech dräi verschidde Schoulschäffe kenne geléiert mat der Madamm Ragni, dem Här Weis an elo dem Här Sehovic, huet awer vläicht nach ni en Daachdecker gesinn.

An ech mengen, dat sinn awer Problemer, wou mer … jo, mir hunn elo hei e schéine Projet virgestallt kritt, wou vun … an hei hu mer elementar Investissementer an aktuell Gebailechkeeten, wou et awer hapert a wou mer net verstinn, dass dat nach ëmmer, nach ëmmer de Fall ass an eiser Situatioun.

E weidere Punkt, wou eis wierklech an der Schoulorganisatioun, oder an der Schoulpolitik souzesoen hei feelt, dat ass eigentlech de politesche Rôle. De politesche Rôle vum Schäfferot oder och vum Schoulschäffen.

Wann een dem Här Sehovic hei nolauschtert, dann, jo, ech hunn éischter e bëssen d'Gefill, hei schwätzt en Administrator oder e Chef de service, deen eis déi Saachen e bëssen opzielt.

Mee mir stellen eis do awer wierklech aner Froen. Wat ass déi politesch Visioun an der Schoulpolitik? Wou probéiert Der politesch Akzenter ze setzen? Wat probéiert Dir konkreet ze maache fir déi vill Escher Kanner, déi jo schonn duerch hir sozio-ekonomesch oder hir sproochlech Situatioun et net einfach hunn? Wat probéiert Der ze maachen, fir déi konkreet ze ënnerstëtzen?

Dozou hu mer eigentlech am Juli an och elo haut, mengen ech, net vill héieren. A well mir jo awer probéieren, eng konstruktiv Oppositioun ze maachen, probéiere mer dann e bëssen, elo de politesche Rôle ze iwwerhuelen.

Ech géif do aus Zäitgrënn just zwee Beispiller ginn, wat ee kéint maachen zu Esch, fir déi vill Escher Schoulkanner ze ënnerstëtzen. Ugefaangen z.B. beim Precoce: Aus den Zuele vun deem Rapport geet ervir, dass ongeféier 60 % vun de Kanner an de Precoce ginn. Also vun deenen, wou et méiglech wär. Laut enger Etüd vum Observatoire de la qualité scolaire sinn et awer éischter déi méi séier Kanner aus deene méi séiere Familien, wou vun där Offer profitéieren.

Dobäi beleet och eng aner Etüd vun der Uni Lëtzebuerg, dass et grad fir Kanner aus méi defavoriséierte Millieue wichteg wär, fir hir sozial, hir schoulesch Kompetenzen a fir hir ganz schoulesch Entwécklung, dass grad déi géifen an de Precoce goen.

Do misste mir also als Gemeng konkreet usetzen a kucken, firwat verschidde Famillien net vum Precoce profitéieren a wat een als Gemeng kéint ënnerhuelen, dass dat, dass dat sech ännert, oder wou ee kéint do eng Hëllefstellung leeschten.

En zweet Beispill bezitt sech op déi sproochlech Situatioun. Zu Esch sinn ongeféier 75 % vun de Schüler a Schülerinnen, wou weeder Lëtzebuergesch, nach Däitsch

als éischt oder als zweet Familljesprooch hunn. A mir hunn eigentlech domadder de Landesrekord vu Kanner aus friemsproochege Familljen.

An och do kéint een awer aktiv ginn als Gemeng. Laut dem Bildungsbericht wär et bei esou Kanner nämlech interessant, fir éischter mam Däitschen z.B. am C1 unzefänken. An do kéint een z.B. e Pilotprojet, natierlech ëmmer sous condition, dass se duerno och op Däitsch alphabetiséiert ginn, do kéint een och e Pilotprojet maache mat der Uni Lëtzebuerg, déi dat da wëssenschaftlech begleet an domat vläicht villen Escher hire Schoulparcours virbereeden.

Ech kéint elo nach e puer méi konkreet Beispiller ginn, mee dat géif mer bëssen de Kapp, bëssen den zäitleche Kader hei sprengen. Mee wat eis wichteg ass, dass mer eigentlech erëm dat ginn, wat mer, mengen ech, zu gewëssen Zäiten hei zu Esch waren. An dat ass e bëssen e Virreider an der Schoulpolitik.

Okee, dat heescht, elo schwätzen ech zu deem anere Punkt nach? Okee. Eng Sekonn.

Jo, dann zum ... dann halen ech mech do ganz kuerz zu deem Rapport vum, iwwer d'Maison-relaisen. Ech picke just zwee Punkten eraus.

Engersäits d'Zuelen; Dir hutt op d'Zuel vun de Waardeléschten higewisen. Et ass awer och esou, dass mer, wa mer eng aner Zuel, déi vläicht fir de Gemengerot interessant ass, kucken, dass de Prozentsaz vun de Schoulkanner, wou effektiv an der Maison relais sinn, zu Esch relativ niddreg ass am Verglach zu aner, zu aner Gemengen.

Zum Beispill d'Nopeschgemeng, wou de Prozentsaz bei 70 % läit oder z.B. d'Gemeng Réiser 73 %. Dat heescht, wann een eis do eigentlech mat aner Gemenge vergläicht, si mer an deem Sënn net gutt, quitt dass eeben Efforte gemaach ginn.

Dann en zweete Punkt, wou ech och eigentlech zu deem Punkt schonn d'lescht Joer, déi selwecht Zäit ongeféier, ugeschwat hunn. Dat ass en Artikel aus dem leschte Bildungsbericht och, wou et ëm d'Entwécklung vun de Maison-relaisen zu Lëtzebuerg geet.

Do ass eng relativ grouss Etüd gemaach ginn an enger grousser Maison relais vu 600 Kanner an do ass sech mam Wuelbefannen eigentlech vun de Kanner an der Maison relais beschäftegt ginn. An do huet d'Personal uginn, dass si a just 6,8 % vun hirer Aarbechtzäit eigentlech fir pedagogesch sënnvoll Aarbecht verwenden. Déi gréisst Zäit geet fir Surveillance drop oder fir d'Organisatioun an d'Verwaltung.

Iwwer d'Hallschent vum Personal sot och, dass hirer Meenung no d'Kanner net genuch emotional Zouwendung kréien. An zwee Drëttel mengen, dass duerch Zäitmangel d'Kanner net géife genuch gefuerdert ginn.

Ech hat dat och schonn d'lescht Joer hei gesot. Ech hat do proposéiert, fir Kontakt eebe mat de Wëssenschaftler vun der Uni opzehuelen, fir mat hinnen ze kucken, an natierlech och mam Personal, fir d'Situatioun eng Kéier zu Esch ze analyséieren – well dat ass elo, dat war elo net zu Esch, déi Etüd, wou gemaach ginn ass – an da mat hinnen zesummen no Léisungen ze sichen.

An, jo, vu que dass elo ee Joer duerno mer net wierklech eppes héieren hunn zu deem Sujet, wollte mir dann als LSAP haut eng Motioun proposéieren, wou mer dann de Schäfferot géifen invitéieren, am Interêt vun de Kanner déi néideg Schrëtt an deem Kader ze ënnerhuelen.

Ech wäert d'Motioun elo ronderëm ginn. Okee, merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. Da geet d'Motioun ronderëm. En attendant ginn ech der Madamm Ragni d'Wuert. An duerno dem Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeescher. Merci fir d'Wuert.

D'Schoulen, hu mer jo schonn héieren, ass net nëmmen eng Plaz, wou Kanner léieren, mee och eng Plaz, wou jonk Mënsche sech begéinen, soziale Kontakt opbauen, Frënn fannen, Akzeptanz léieren an Diversitéit kenne léieren.

Et ass begréissend ze héieren, dass eigentlech dës Schoulrentrée gutt verlaf ass, souwuel fir déi 3.261 Schüler wéi och fir d'Schoulpersonal. An natierlech muss ech dem Här Pulli recht ginn, wat d'Precocen ugeet, dass do e klenge Sputt no uewen ass. A firwat dass dat esou ass, ass eigentlech … ech als Mamm hat deen dote Problem och, dass mer keng Kanner eebe vun de Precocen an de Maison-relaise virdru konnte ginn.

2017 war eigentlech déi éischt Schoul, déi mat ugeduecht ginn ass, fir Precoce-Kanner kënnen an eng Maison relais mat ze integréieren. An ech sinn och frou, dass souwuel de fréiere Schäfferot, wéi dëse Schäfferot op de Wee geet, fir déi nei Schoulen direkt mat de Precoce-Kanner u sech ze plangen.

Firwat ass dat esou schwiereg, dass een eigentlech an déi fréier Maison-relaise Precoce-Kanner mat integréiere wëll? Dat ass, well de Ministère gëtt engem en Agrement. A bei de Precoce-Kanner ass dat eigentlech e ganz anere Kader, wéi bei de Schoulkanner ab 5, 6 Joer, well se eng Schlofplaz brauchen, well se aner Meterkareeë brauchen an dëst eigentlech an de bestoend Gebaier dofir schwiereg ass.

Dat heescht, wann een net am Virfeld dëst mat aplangt, fir Precocen an eng Struktur mat eranzebréngen, ass et immens schwéier, fir se duerno do mat eran ze kréien. Ech denken, dass dat ee vun de grousse Voleten ass, firwat dass mer deen dote Sputt no uewen hunn, well einfach déi Leit an och sozial schwaach Leit oder och manner sozial schwaach Leit, déi eigentlech e ganzen Dag schaffen, och eng Betreiung vun hire Precoce-Kanner dann duerno brauchen.

Ech weess awer, dass mir elo net déi eenzeg Gemeng sinn, déi do nach e Sputt no uewen hunn. Ganz oft kënne sech d'Leit ënner dem Precoce net wierklech eppes virstellen, ass dat do elo dat selwecht wéi Crèchen. Oder wat gëtt wierklech an deem Precoce gemaach?

An ech weess, dass do z.B. Gemengen op de Wee gaange sinn, natierlech mam Accord vun der Schouljoffer, vun den Educateuren, fir eng Kéier e klenge Video ze weisen, wat eigentlech sou en Alldag an engem Precoce heescht. Wat eigentlech eng ganz flott Iddi ass, fir och no baussen ze weisen, wat hir Kanner dann eigentlech scho mat dräi Joer alles sou léiere kënnen.

Wat och wierklech begréissenswäert ass, ass, dass den CTSA, déi Klassen direkt an de Schoulgebaier integréiert ginn, a wou jo dann och zu Lalleng elo ganz nei eng Klass dobäi komm ass, respektiv opgaangen ass. An, jo, an der Wobréckener Schoul souwisou déi CTSA-Klasse jo schonn existéiert hunn.

Wann een esou schaffe kann, dass een eigentlech direkt dat doen um Terrain huet an déi Hëllef direkt um Terrain ass an d'Kanner eigentlech esou integréiere kann an der Schoul, datt se, wa se wierklech

et brauchen, an déi Klasse ginn, wou se déi néideg Hëllefstellung kréien a sech trotzdeem kënnen an de Pausen, am Sport, an den Aktivitéite begéinen, ma dann hu mer eigentlech d'Inklusioun wierklech als Sollches, als Ganzes gesinn a mir huelen déi Kanner net méi aus de Schoulen eraus.

Ech denken, dass doe wierklech eng Win-Win-Situatioun fir béid Säiten ass. Souwuel fir d'Kanner, wéi awer och fir d'Léierpersonal, déi dann dee Moment och wierklech kënnen do déi, op déi Hëllef och zeréckgräifen an an deene Klassen, wou se da sinn, dee Moment och wierklech richteg encadréiert ginn.

Wat d'AEBSe sinn, ech mengen, dat ass wierklech e Punkt, dee méi wéi néideg ass. Ech mengen, wann ee sech e bësselchen och kuckt an och an de Medie kuckt, wat eigentlech beim Schoulpersonal lass ass, dann ass den AEBS, denken ech, „helfende Hände" och nach genannt, wierklech eppes, wat méi wéi dréngend um Terrain ass.

Ech mengen, déi Leit kënne wierklech einfach do hëllefen, wou wierklech de Besoin ass an d'Léierpersonal an d'edukatiivt Personal esou ënnerstëtzen, datt een och all de Kanner dee Moment gerecht ka ginn.

Wéi gesot, d'Inklusioun ass wierklech e wichtege Sujet, mee fir dëst richteg um Terrain kënnen ëmzesetzen, brauch een déi néideg Ressourcen. An dofir fannen ech et och, dass mir als Gemeng Esch dëse Schrëtt ginn an dat wichtegt Zeeche setzen, am Sënn vun de Kanner, awer am Sënn vu jiddwerengem, dass mer sou Klasse wierklech an d'Schoule mat integréieren.

Jo, begréissend ass et och, dass eigentlech duerch déi Ressourcëverdeelung eigentlech do wierklech och an deene Schoule gehollef konnt ginn, wou och wierklech et gebraucht gëtt.

Ech mengen, de Brill, d'Groussgaass, den Ale Lycée an och Lalleng neierdéngs, wou jo och Flüchtlingskanner elo do bäikomm sinn, dass déi och déi néideg Hëllefstellung da kréien, respektiv do Detachementer vun de Posten da kréien, fir do ze hëllefen. Dat begréisse mer natierlech och.

Wéi gesot, zu gudder Lescht, wat d'Schoulorganisatioun geet, wënsche mer einfach dem Léierpersonal, de Kanner, den Elteren awer och en erfollegräicht Joer 2024/25. An da géif ech awer och ganz gären nach op de Rapport komme vun de Maison-relaisen.

D'Sprooch ass eigentlech virdru komm, respektiv d'Stäerke vun der Sprooch an deene verschiddenen Institutiounen. An do wëll ech awer och eng Kéier ervirhiewen, dass eigentlech immens flott Aktivitéiten an de Maison-relaise stattfannen, wou ee sech eigentlech guer net mol bewosst ass am Alldag, wéi vill dat z.B. och zu der Sprooch bäidréit.

Ob dat d'Franséischt, d'Lëtzebuergescht, d'Däitscht ass, wou se z.B. – ech hu mer déi Aktivitéit erausgepickt, well ech déi immens léif fonnt hunn – deen Teatime, wou se organiséieren. Wou se einfach éischtens emol kënnen duerch hiren Alldag fueren, einfach do mol eng Kéier och soen, wéi et hinne geet, wat och hir Gefiller sinn an der Maison relais an dass se als sollch, als Mënsch do ugesi ginn. An awer och einfach fräi schwätze léieren, d'Sprooch ënner sech austauschen, vläicht verschidde Sprooche kenne léieren an dëst dann och do gefuerdert gëtt.

Ech mengen, mir mussen eis einfach och eng Kéier erëm bewosst sinn, wat fir eng grouss Ënnerstëtzung eigentlech déi Maison-relaise sinn. Déi Maison-relaisen ass fir vill Familljen eng Risenënnerstëtzung am Alldag, fir datt se wierklech kënnen zu zwee schaffe goen, dass

hir Kanner richteg an anstänneg encadréiert sinn, datt hir Kanner kënne sech do wéi am zweeten Doheem fillen, sech fräi fillen, sech ënnerstëtzt fillen, bei den Hausaufgaben Hëllef kréien.

An all dëst ass net ëmmer esou einfach fir jiddwereen, ënner een Hutt ze kréien. Ech denken do ganz besonnesch un d'edukatiivt Personal, dee wierklech am Joer eng super Aarbecht leeschten, fir wierklech versichen, all de Kanner gerecht ze ginn, fir wierklech déi ganz Kreativitéit um Terrain kënnen auszeliewen an all déi Aktivitéiten eisen Escher Kanner proposéieren.

Awer och hunn ech et immens flott fonnt, dass et e Kannerkommitee an de verschidde Maison-relaise ginn. Dass d'Kanner och do scho mat ënnerstëtzt ginn, fir hir Meenung ze äusseren, fir sech mat ze bedeelegen, fir einfach och ze soen, wat hinne gefält, wat se brauchen am Alldag. An dat, wat hir Bedürfnisser sinn, an dat fannen ech och einfach immens flott.

Oder eng Meditatioun am Bësch, wat och eigentlech fir Maison-relaisen eng aussergewéinlech Aktivitéit ass, wat ech awer och immens spannend fannen.

Ze begréissen ass, dass d'Statistike vun eise Chaisë vu Joer zu Joer ëmmer erop ginn, a wéi den Här Sehovic dat och schonn u sech erwäänt huet, ass all eenzelt Kand op der Lëscht e Kand ze vill. An ech gleewe wierklech ganz staark drun, dass mer dat hikréien an deenen nächste Joren, dass mer iergendwann eng Kéier all zesumme sëtzen an dass mer kënne soen, mir hu kee Kand méi op der Lëscht.

Dat ass eist Zil an dat wäerte mer och dofir schaffen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum an duerno d'Madamm Weyrich.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Här Sehovic fir déi Explikatiounen an och fir déi Presentatioun, déi hie gemeet huet.

Ech mengen, et kann een effektiv do ufänken, wou de Kolleeg Sascha Pulli och drop agaangen ass. Mir sinn als Escher Gemeng definitiv net verwinnt, wat d'Erausfuerderungen ugeet, wat eis Schoulpopulatioun betreffend.

Mer wëssen och all Donnéeë vum Bildungsbericht, datt Lëtzebuerg e Bildungssystem huet, dee leider Inegalitéite souguer nach éischt creuséiert, wéi datt e se méi kleng mécht, wat eigentlech d'Aufgab vun engem Bildungssystem wier.

A mer wëssen och, datt d'Gemeng sech och un e gewësse Kader muss riichten. Dat heescht, dee Kader gëtt ganz groussen, zu ganz groussen Deeler vum Ministère virginn, mee d'Fro stellt sech effektiv: Mécht d'Gemeng alles, wat an hirer Kraaft ass, fir mat deene Méiglechkeeten, déi se huet, déi sou auszeschëpfen, wéi dat misst sinn?

Mer wäerten, oder ech wäert elo net nach eng Kéier all déi Remarke vu leschter Kéier widderhuelen. Ech wéilt se awer vläicht rappelléieren als Invitatioun. Als Invitatioun fir d'Zukunft, als, wéi ech hoffen, Méiglechkeet, datt de Schäfferot an déi Richtung geet.

Et war jo vill d'Diskussioun gewiescht iwwer d'Etüd, fir d'Berechnung vum Contingent, well Resultater erauskomm sinn, déi awer och iwwerrascht hunn. Doropshin hunn Negociatioune quasi ugefaangen

tëschent de Schoulpresidenten, an et ass eppes erauskomm, wat och de facto net honnertprozenteg der Opdeelung vun der Etüd entsprécht.

Eng éischt Inviatioun wier, déi Etüd wierklech nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, se wierklech nach eng Kéier genau ze kucke mat alle Bedeelegten, also och mat de Schoulpresidenten. Och vläicht nach eng Kéier mat de Chercheuren, och vläicht nach eng Kéier ze iwwerleeën, ass déi Gläichgewiichtung vun deenen eenzele Facteuren, wéi z.B. Sproochekompetenz a sozio-ekonomesche Background, déi Gläichgewiichtung vun deene fënnef Facteuren, ass dat richteg, muss een dat nach vläicht an Zukunft adaptéieren, a gemeinsam déi Reflexiounen ze féieren.

Ee vun de Problemer, an dat hat Der d'lescht Kéier och zouginn, war effektiv den Timing, den Zäitdrock, dee bestanen huet, fir dës Schoulorganisatioun dat esou hinzekréien. Wann ee sech dat elo mat Zäiten zu Häerz hëlt an déi Demarchë mécht, dann, mengen ech, kéint ee sech och den Zäitdrock zumindest reduzéieren an à tête reposée dat wierklech nach eng Kéier kucken.

An et ass natierlech och esou, datt eng ... bei enger Etüd kann ee just dat erauskréien, wat een och freet. An dofir wär eng zweet Invitatioun, fir eng zukünfteg Etüd ze maachen, géif doranner bestoen, se méi filigran nach ze maachen, nach méi feindeeleg.

Dat heescht, och no Stroossen ze kucken, no Stroossenzich, fir eebe justement kënnen och mat de Secteuren esou ze spillen, datt ee souwuel eng sozio-ekonomesch Diversitéit huet, wéi awer och Facteure wéi de séchere Schoulwee mat arechne kann. An dat kann een, mengen ech, awer eréischt, wann een nach méi granular an där Etüd virgeet. An dat wier dann eng zweet Invitatioun un Iech.

Ech géif Iech och invitéieren an deem selwechte Sënn, d'Zustanekomme vun der Schoulorganisatioun nach eng Kéier ze iwwerdenken. Ech hat d'lescht Kéier och gesot, et ginn aner Gemengen, déi hunn eng aner Approche. Do vläicht och emol um Terrain einfach ze sondéieren, gëtt et eng Bereetschaft vun den Acteuren, méi an esou eng Richtung ze goen, méi an eng – enfin, demokratesch ass elo e grousst Wuert, mee awer méi eng Ausschaffung, déi méi direkt un der Basis geschitt, wéi dat am Moment de Fall ass.

Eng kleng Enttäuschung hat ech, wéi ech den Dossier gelies hunn, well ech hu mech nach drun erënnert, datt Der eis bei der Virstellung vun der provisorescher Schoulorganisatoun versprach hutt, datt am September, oder op jidde Fall fir d'Rentrée, datt Der och géift de Plan de développement des infrastructures scolaires presentéieren. Do wiere scho vill Viraarbechte geschitt, hat Der am Juni/Juli gesot.

An ech sinn elo e bëssen op mengem Honger sëtze bliwwen, well ech nach näischt dovunner gesinn hunn. An ech mengen, datt dat awer e ganz weesentlecht Instrument ass, fir Schoulraumplanung virzegoen, unzegoen, fir och kënnen an enger pluriannueller Optik ze kucken, wou ass Besoin, wou ass och zukünftege Besoin.

A virun allem, och ab elo an esou enger Planung scho matzedenken, datt d'Uspréch, wat d'Raimlechkeete vu Schoulen ugeet, méi grouss gëtt. D'Alphabetiséierung op Franséisch, déi komme wäert, bedeit och eng Erausfuerderung fir d'Raumplanung vun de Schoulen – vun deene bestoenden, wéi awer och vun deenen, déi nach kommen.

Inklusiv ze schaffen ass eppes ganz Fortschrëttleches, ass eppes Guddes, mee och dat huet Besoinen u Raim. Dat heescht,

déi Fro vun der Raumplanung schéngt mer wierklech eng ganz, eng ganz essentiell ze sinn.

Den Här Pulli ass och schon drop agaangen, oder huet d'Fro och scho gestallt, wéi et dann elo mam informatesche Material ass. Ech héieren éischter am Moment esou Saachen, wéi et kënnt au compte-gouttes. An da soubal eppes do ass, gëtt et verdeelt. Wou ech dann awer och mengen, oder mer d'Fro stellen, ob een dat net méi koherent an zentraliséiert kéint ugoen, oder iwwerhaapt emol. Vläicht kënnt Der eis dozou e puer Explikatioune ginn.

Dann zu de Maison-relaisen. Et ass richteg, an deene leschte Jore sinn Efforte gemeet ginn, an et gesäit een och éischt Resultater. Ech mengen, virun net grad zéng Joer ware mer nach bei engem Taux de couverture vu ronn engem Drëttel, elo si mer bei iwwer 50 %. Mee nawell ass et nach ëmmer vill manner wéi eis Nopeschgemengen, déi ëm 70, 75 % leien.

An ech mengen, datt dat och de Schlëssel ass, fir d'Planung vun de Maison-relaisen. Dat heescht, datt mer kucken, datt mer eng Zilsetzung hunn, déi de Ministère d'ailleurs och virginn huet, bis 2030 100 % ze erreechen. Da si mer elo an der Hallschent ongeféier ukomm vun den Efforten, an et sinn nach 5, 6 Joer.

Dat heescht, fir ze kucken, d'Zil misst sinn, misst manner sinn, eng Waardelëscht ofzeschaffen, a wa se dann eng Kéier kuerz ofgeschafft ass, da soen, et ass gutt. Mee d'Zil misst sinn, eng honnertprozenteg Betreiungsugebot, d'Méiglechkeet kënnen ze garantéieren, an datt ee sech och dorunner an Zukunft géif moossen.

Dir hutt de Pedibus erwäänt, deen d'Cité Leesbierg elo mat der Dellhéicht-Schoul verbënnt. Dat ass sécher gutt, mee d'Fro stellt sech awer, wier eng Schoul am Neiduerf net nach méi en einfache Wee gewiescht. Och do si mer dann erëm an der, am Kontext vun den, vun der Infrastrukturplanung.

Dir hutt och, inhaltlech sidd Der op de sougenannten Oppene System agaangen. An ech mengen, datt mer alleguer wëssen, datt et do an der Vergaangenheet och Problemer gi sinn, oder et zu Schwieregkeete komm ass. Well wéi Der ganz zurecht sot, en oppene System brauch e ganz definéierten a ganz strikte Kader, innerhalb vun deem den Oppene System iwwerhaapt funktionéiere kann.

An do stellt sech effektiv och d'Fro vun der Applikatioun vun dem Oppene System, vun der Formatioun vun deene Leit, déi do dra sinn. Ech hunn awer entre-temps och héieren, datt verschidde Doleancen, déi komm sinn, datt dat um Wee vun der Besserung ass. Also datt do och wierklech, wierklech Fortschrëtter geschéien.

Ech mengen awer, datt et och fir d'Akzeptanz vun deem Oppene System ganz wichteg ass, datt een d'Qualitéit vun deem, wat do ugebuede gëtt, och weiderhi ganz staark, ganz staark am A behält.

Dann hutt Der – woumat ech natierlech ganz averstane sinn – d'Maison relais Nonnewisen presentéiert, wou ech mer just d'Fro gestallt hunn, et war an der Vergaangenheet jo och scho méi wéi eng Kéier rieds, datt eng richteg Schoul, eng zweet Schoul do an der Planung wier. Wou ass dat drun?

Well dat wier natierlech eppes, wat erëm zesummenhängend wier, datt ee Schoulraum konzipéiert a gläichzäiteg eng honnertprozenteg Couverture ubitt, wat d'Maison, d'Maison relais ugeet.

An dann eng aner Remark, déi awer dann och domadder zesummenhänkt. Den Architekt huet dat just sou an engem Niewesaz gesot,

mee déi Maison relais entsteet elo do, well d'Commerceaktivitéiten, déi geplangt waren an den Nonnewisen, net sou stattfannen, wéi urspréngléch geduecht.

Dat heescht, an den Nonnewisen hu mer net nëmmen, leider, e grousse Leerstand, wat d'Wunnengen ugeet, mee awer och e Leerstand, wat d'Geschäftslokaler ugeet.

An dësem Fall ass et, sinn ech komplett domadder averstanen, datt mer dat dann notzen. Notzen, fir eng Maison relais ze maachen. Mee déi Fro vun der, vum Leerstand an den Nonnewisen ass eng, déi eis awer, mengen ech, warscheinlech nach op engem aneren, op engem anere Gebitt wäert interesséiere mussen.

Voilà, dëst gesot, Här Sehovic, Dir hutt elo sou vill Invitatioune kritt, ech mengen, Är Weekend ass gutt gefëllt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Dann d'Madamm Weyrich.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als éischt wollt emol zu éischt deene Leit Merci soen, déi dozou bäigedroen hunn, dass d'Schoulorganisatioun dëst Joer sou gutt geklappt huet.

An da bezüglech der Schoul wollt ech gär op dräi Punkten agoen. Ganz kuerz: Säit Jore gouf dat jo gefuerdert vum Indice socio-économique bei der Posteverdeelung, dass dat berücksichtegt soll ginn.

A genau dat ass jo elo mol éischtmoleg duerchgezunn ginn, an zwar op der Basis vun der Etüd vum LISER, wou e Koeffizient fir all Schoul berechent gin ass. Sou koum et dëst Joer zu enger méi gerechter Verdeelung vu Personal, notamment fir de Brill an d'Lallenger Schoul.

Mir begréissen dësen éischte Schrëtt, well eng Berücksichtegung vum Indice erméiglecht eng besser Ënnerstëtzung vu de benodeelegte Schüler. Sproochbarriären, Léierschwieregkeeten oder e Mangel un der familiärer Ënnerstëtzung kënnen duerch méi an e besser qualifizéiert Personal geziilt ofgebaut ginn.

Zousätzlech hëlleft et dobäi, enger Iwwerlaaschtung vum bestoende Personal an de sougenannte „Brennpunktschoulen" entgéintzewierken. Eng chronesch Iwwerfuerderung vum Personal féiert nämlech zu ëmmer méi Burnout-Ausfäll an zu enger méi héijer Fluctuatioun vum Léierpersonal.

Mat dësem Schrëtt kann d'Schoulklima an d'Bildungsqualitéit lues a lues an eiser Gemeng verbessert an d'Bildungschancë fir d'Escher Schüler gerecht verdeelt ginn.

E weidere Punkt, op deen ech drop agoe wollt, ass, dass de Schülerschlëssel dëst Joer de fir Esch historesch niddregsten Effektiv opweist. Mir schwätzen am Moment vu 14,11 Schüler pro Klass.

Dat erméiglecht eng individuell Fërderung, well d'Léierpersonal sech besser dem Tempo an dem Leeschtungstand vun all den eenzele Kanner besser upassen kann. Et féiert, fërdert d'Léieratmosphär a méi intensiv Léierpersonal-Schüler-Interaktiounen.

Insgesamt weisen d'Studien nämlech ganz kloer, dass méi kleng Klasse besser Léierresultater opweisen an och d'sozial Integratioun, wat bei eis zu Esch jo ganz wichteg ass, méi einfach vu statte geet.

Schliisslech wollt ech och nach op den ëmmer erëm opkommende Kritikpunkt vun der Oppositioun kommen, nämlech dat vun der Digitalisa, Digitaliséierung vun de Schoulen.

Et ass schéin ze gesinn, dass d'Schoulen och dëst Joer erëm nei iPaden, elektronesch Tafelen an och Online-Ressourcen ëmmer méi an de moderne Schoulbetrib integréiert ginn. Dat ass och gutt esou an et fërdert och nei Forme vum Léieren an et hëlleft och dobäi, dass eis Kanner digital Kompetenze mat op de Wee kréien, déi hautzudaags wichteg sinn.

Mee, an do kënnt de klenge Bemoll bei der ganzer Saach op: Technik ersetzt keng pedagogesch Methoden.

Jo, si kënne se ënnerstetzen, mee automatesch verbessere maache se se net. An dat heescht, dass deen Zuelendebat, wie wéi vill iPaden a wat fir enger Schoul kritt, heiansdo sech zimmlech hei no „Materialschluecht" unhéiert.

Bis elo ginn et iwwregens keng eenzeg wëssenschaftlech Etüd, déi beweist, dass digital Technologien an der Schoul iwwerhaapt d'Léiere verbesseren. An dofir ass et a mengen Ae méi wichteg, déi aktuell pedagogesch Konzepter ze hannerfroen.

Jo zur Digitaliséierung als Ergänzung zum Unterricht, mee awer net op Käschte vun der Pedagogik, well et zu enger zousätzlecher Aarbeschtsbelaaschtung vum Personal féiert. An och net op Käschte vun der sozialer Gerechtegkeet, duerch déi digital Kluft, déi sech bilde kann doduerch, well net all Schüler oder all Schoul déi entspriechend Medien zur Verfügung huet.

An a propos Gerechtegkeetsfro a sozio-ekonomeschen Index, dee jo wichteg ass: Sollte mir net mol léiwer kucken, dass all Kand déi selwecht Méiglechkeet kritt, hei sech ze beweegen an dobaussen ze spillen?

Nëmme kuerz, well dat sou mäi Liblingstheema ass: Adipositas bei Kanner, oft bedéngt duerch den niddrege sozio-ekonomesche Stand, dee mer och hei zu Esch gesinn, huet méi staark Aflëss op hir Zukunft, wei all iPad oder elektronesch Tafel.

Ech mengen, dofir ass et méi wichteg, am Sënn vun enger richteger Preventiounsstrategie ze kucken, dass méi Spillplazen, méi Spillstroossen, méi oppe Konzepter an de Maison-relaisen, méi sportlech Aktivitéite fir all Kanner uzebidde sinn.

Dann zur Maison relais. Zu Lëtzebuerg herrscht en eenzegaartegt Betreiungssystem, wat eis Nopeschlänner an dëser Form net sou kennen.

Mir erméiglechen nämlech eise Kanner eng pedagogesch héichwäerteg a gratis Ausbildung un, versiichen d'Elteren d'Aus-übung vun hirem Beruff a Kombinatioun mam Familjeliewen duerch Betreiungsarriichtungen nieft der Schoul ze erliichteren. Dëst ass eng gutt Saach, kann ech nëmme soen, an dréit och indirekt zur Gläichstellung vu Fra a Mann zou, mee dat ass eng aner Geschicht.

Schéin ze gesinn ass, dass an eise Maisons de relais bei de Rapports d'activités e grousse Merkmal op Beweegung, Emotiounen, Wäerter an och Nohaltegkeet geluecht gëtt – dat kann ee jo am Rapport liesen. Dat an engem breet gefächerte Programm an den eenzelen Haiser an och duerch e puer ganz interessant Kooperatiounen a Partenariaten ass.

Wann een elo ganz eleng op déi plakeg Zuele kuckt, gesäit et definitiv besser aus, wéi déi Jore virdrun. Insgesamt si mir jo elo vun 880 Kanner op de Waardelëschten op nach 190 Kanner op der Waardeléscht am Hierscht

2024 erofgaangen. Jo, d'Zuele vun de Kanner op der Waardeléscht soll net den eenzegen Indikator sinn, mee et muss ee bedenken, dass e grousse Retard huet missen opgeschafft gi vun de leschte Joren.

Dat heescht, dat héichgegraffent Zil vun 100 Chaisë  pro Joer ze kréeieren ass domadder also souguer iwwertraff ginn, wann ee bedenkt, dass elo gläich och nach d'Maison relais „Bei de Pompjeeën" mat insgesamt 145 Chaisen opgeet.

An an der Zukunft gesäit et och nach vill besser aus. Eng zweet Maison relais op den Nonnewisen, déi eis virgestallt ginn ass, fir d'Rentrée 2025 mat insgesamt 80 Chaisen, 2026 soll warscheinlech d'Maison relais fir Lalleng geplangt gi mat 140 weidere Chaisen. An dann, wéi den Här Baum gefuerdert huet, déi och ze erwäänend geplangt Maison relais op der Rouder Lëns an op der Metzeschmelz, wou déi gefuerdert 100 %-Betreiungsschlëssel, wou deen dann domadder soll erfëllt sinn, well d'Maisons relais direkt geplangt gi mat der Schoul.

Wichteg ass och ze erwänen, dass et nëmmen drëms geet, Chaisen ze kreéieren, mee och dat noutwendegt Personal dofir ze hunn. An dofir ass et och gutt, dass d'Maison relais iwwerluecht Schrëtt fir Schrëtt opgemaach ginn.

Et kann een also soen, dass dës Majoritéit als Garant fir eng uerdentlech Bildungs- a Betreiungsstruktur steet. An et kann ee gespaant sinn op déi weider Entwécklungen. Merci.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Très bien!

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Weyrich. Ech mengen, dat waren all d'Wuertmeldungen zu deene Punkten.

Da géing ech elo proposéieren, dass den Här Sehovic äntwert, par contre nach net direkt zu der Motioun. Da stëmme mer duerno d'Schoulorganisatioun of, da reagéiert Dir op d'Motioun, Dir reagéiert, Här Pulli, dann d'Motioun an dann de Rescht.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci fir d'alleréischt fir awer déi breet Ënnerstëtzung, déi ech hei elo eraushéieren.

Madamm Weyrich, merci och nach eng Kéier, dass Der mer dat rappelléiert hutt, well dat ass och eng gutt Nouvelle, déi ech tatsächlech vergiess hat, dass mer effektiv op engem duerchschnëttlechen Effectif sinn an enger Escher Klass vu 14,11 Kanner, wat, mengen ech, also eng kontinuéierlech Tendenz no ënne war aus de leschte Joren.

A wat, mengen ech, eng … also mir hu wierklech gutt Bedéngungen, mengen ech, Grondviraussetzungen, fir kënnen anstänneg Schoul ze halen.

Merci och fir Är Remarken, déi Der gemaach hutt par rapport zur Digitaliséierung. Ech gesinn dat genau d'selwecht. Et ass Material ënnerwee. Honnert iPade sinn ënnerwee an de Schoulen, sou wéi dat versprach war. Eng weider Bestellung vun nach 100 iPaden ass och ënnerwee a wäert am Laf vun dësem Schouljoer kommen.

Dräizéng elektronesch Tafele wäerten nach dëst Joer – a wann ech soen „dëst Joer", mengen ech net dëst Schouljoer, mee dëst kalendarescht Joer – installéiert ginn. Do sinn

nach Cabelage-Aarbechten ze maachen, notamment an der Annex vum Ale Lycée an op der Dellhéicht, deen an der Allerhellgevakanz soll gemaach ginn.

Meng Instruktioun un de Service Architectes ass, dass, wann nëmme méiglech, wärend de Schoulzäiten net an de Gebaier geschafft gëtt. An dowéinst reservéiere mer eis hei ans do eeben, d'Schoulvakanze fir Aarbechten ze maachen. An dat bedeit dann heiansdo och, dass een e Mount oder zwee Méint méi laang waarde muss, fir eng Aarbecht kënnen ze maachen. Mee ech wëll net, dass de Schoulbetrib gestéiert gëtt iwwer d'Mooss duerch déi Aarbechten, déi mer ze maachen hunn.

An da wëll ech awer och wierklech, an dat war och mäi Message gëschter un d'Schouldirektioun an och un de Bureau des présidents, wéi mer zesummekomm sinn a punkto Digitaliséierung. Mir hunn am Moment um Escher Territoire zwou Aart a Weisen eigentlech, mat där Digitaliséierung ëmzegoen.

Mir hunn dediéiert iPad-Klassen, sougenannt iPad-Klassen. Dat sinn der siwen insgesamt an eise Schoulen. Do ass et esou, dass u sech an der Klass all Schülerin, all Schüler een iPad kritt fir säin individuelle Gebrauch.

An dann hu mer, an dat ass eigentlech déi méi normal Modell an dat wat d'Majoritéit vun de Schoule mécht, sou „Racken", also sou Charioten, wou d'Material drop ass, déi dann den Enseignant oder den Titulaire ka reservéieren, wann en an där Stonn grad wëll eppes mat digitalem Support eeben ënnerriichten.

Déi siwe Klassen, déi sougenannt iPad-Klassen, si lancéiert gi vun der Schouldirektioun virun enger Rei Joren, si lancéiert gi vun der Schouldirektioun als Pilotprojet.

Ech hu gëschter gefrot, ob dee Pilotprojet evaluéiert ginn ass an ech krut d'Äntwert: Nee. Sou dass ech d'Schouldirektioun gefrot hunn, an och versprach hunn, dass ech dat am Verlaf vun dësem kalendaresche Joer nach eng Kéier geliwwert kréien, eng Evaluatioun vun deem dote Pilotprojet.

An da wäerte mer zesumme mat der Schouldirektioun an och zesumme mat de Schoulpresidentinnen a Schoulpresidenten eng Diskussioun féieren, wéi mer, net nëmme wat mer wëllen deployéieren an eise Schoulen, mee wéi mer wëlle mat deem digitale Material schaffen. An ech fannen, dass dat eng Diskussioun ass, déi ze kuerz kënnt.

Mir hu vu Säite vun der Regierung am Moment eng Diskussioun iwwer den Handy an der Schoul, an ech mengen, dass mer ganz grondsätzlech sollen eis d'Fro stellen, wéi mer am beschten ëmgi mat deenen Ecranen a wéi mer se eeben notzen, fir eng pedagogesch Plus-value ze maachen.

An dat ass eng Diskussioun, déi eeben net ka gefouert ginn iwwer reng Materialschluecht, iwwer reng Zuele vum „Wéi vill sinn der dann elo um Terrain ukomm". An ech hoffen, dass mer och hei am Haus kënne méi an déi qualitativ Diskussioun kommen, well ech mengen, dass déi, dass déi wichteg ass.

Här Pulli, par rapport zu de Schoulgebaier ass et effektiv esou, dass mer – an d'Madamm Agovic hat virum Summer op zwou Situatiounen higewisen, wou mer effektiv, wou et erareent.

Ech fannen elo, et kann ee wierklech driwwer diskutéieren, déi Dramaturgie, déi Der der ganzer Geschicht gitt. Et ass net a Schoulklassen oder a Klassesäll, wou et erareent. Et ass eng Situatioun gewiescht an der Lallenger Schoul, wou et an de Preau eran, eng Plaz ondicht war a wou et eragereent huet.

Dat ass mëttlerweil provisoresch behuewen. An da gëtt et effektiv déi Situatioun oder déi Problematik an der Groussgaass, déi scho ganz laang Joren ass, mee déi eigentlech en Duerchgang betrëfft an net e Klassesall en tant que tel. Ech soen dat awer net, fir déi dote Situatioun ze relativéieren.

Mir schaffen dorunner, et ass just, dass et do och net ... et ass eng Situatioun, dass et eng Mauer erof ... Fiichtegkeet eigentlech ... et ass, et reent net eran. Et kënnt Fiichtegkeet duerch eng ondicht Plaz, an déi Situatioun ass nach net behuewen, well se net sou einfach ze behiewen ass. Do musse méi grouss Aarbechte gemaach ginn, mee déi wäerten awer, oder d'Budgeten dofir wäerten awer fir den nächste Budget, an den nächste Budget opkommen. Dat heescht, dat huele mer un.

An da wëll ech awer wierklech grondsätzlech soen, well dat sollt een net vergiessen, komm, mir halen op, eis Schoule schlecht ze maachen. Mir hunn extreem gutt Schoulen, mir hunn extreem engagéiert Personal. An ech fannen, dass mer a ganz ganz villerlee Hisiicht, an ech mierken et och ëmmer erëm. Kolleeginnen a Kolleegen, déi op Esch kommen.

Ech hat elo viru Kuerzem de Stater Schoulschäffen op Besuch, dee sech d'Situatioun hei zu Esch wollt ukucken an heemgaangen ass mat enger ganzer Rei vu Saachen, wou hien der Meenung war, dass d'Stad Lëtzebuerg sech kéint och nach eng Scheif ofscheide vun der Aart a Weis, wéi mir dat hei zu Esch maachen.

Dat heescht, et gëtt vill Aarbecht, dat wëll ech net niéieren, mee et gëtt immens vill geleescht. An ech wëll all deene Leit och wierklech Merci soe fir dat, wat se fir d'Escher Kanner all Dag leeschten.

Dir hutt gefrot no der politescher Visioun. Ech maachen eng kleng Klamer op, Dir wësst dat awer sécher och. Et ass jo eigentlech de Schoulschäffen an och d'Gemeng net zoustänneg ass fir d'Pedagogie a fir dat, wat an der Schoul souzesoe wärend dem Schouldag passéiert.

A mengem Selbstverständnis vum, vun där Tâche hunn ech virun allem d'Responsabilitéit, dass alles, wat ronderëm ass a bis d'Kanner an der Schoul dra sinn a wéi d'Gebai ass asw., do hu mir eng Responsabilitéit primairement. Dat kann een als eng, als eng Administrateursroll gesinn, mee dat ass awer déi primär Kompetenz, déi eng Gemeng huet.

An dann doriwwer eraus kann ech awer soen, dass dat, wourunner mer schaffen, an ech mengen, dass de Fait, dass mer den Indice socio-économique agefouert hunn, sou séier agefouert hunn, sou prioritär och agefouert hunn, awer weist, dass, genau wat de Kär ass vun deem, wat mir hei probéieren ze erreechen.

Nämlech eng Schoul, oder Schoulen ze hunn, déi eeben, wou den Erfolleg vun de Kanner net dovunner ofhänkt, wéi de Portmonni vun hiren Elteren ass. An do hu mer nach ze dinn. Dat ass, an den Här Baum huet dat ganz richteg jo ernimmt, mengen ech, en nationalen Challenge.

Mee mir sinn nach net an engem Schoulsystem, deen Inegalitéiten ofbaut. Mir sinn an engem Schoulsystem, deen et am schlëmmste Fall souguer nach méi hierstellt. A fir dogéint ze kämpfen, fir op d'mannst dat ze maachen, wat mir hei op Escher Plang kënne maachen, iwwer d'Allocatioun vun de Ressourcen – dat maache mer jo ab dësem Schouljoer –, iwwer d'Material, iwwer d'Gebailechkeeten, awer och iwwer den Urbanismus, dee mer maachen, d'Mobilitéitspolitik, déi mer maachen, eebe grondsätzlech bäizedroen zu enger kannerfrëndlecher Stad, wou Kanner kënne sécher an d'Schoul kommen, zu Fouss

oder mam Vëlo, wou Kanner Plaz hunn, wou se sech kënnen entfalen, wou se och no der Schoul kënne spillen an a Beweegung sinn.

An dat ass eeben den zweete wichtege Punkt, dee mir um Häerze läit, deen eng absolutt Prioritéit ass, an och dat huet d'Madamm Weyrich schonn ugeschnidden: eis Kanner beweege sech net méi genuch. An dat huet och mat deenen Ecranen ze dinn, iwwer déi mer virdru geschwat hunn.

An dowéinst muss et eis Prioritéit sinn, an dowéinst ass et keng Klenglechkeet, wa mer nei Spillplaze bauen, Spillplazen nei maachen, temporär Spillstroossen afoueren, wa mer d'Schoulweeër sécheren asw. Dat sinn alles Deeler vun deem Effort, dee mer versichen ze maachen, fir d'Kanner a Beweegung ze kréien.

Well Kanner, déi en Defizitt an der Motorik hunn – an ech hat d'Zuelen am Juli jo scho matbruecht, wéi d'Situatioun hei zu Esch ass. Kanner, déi en Defizitt an der Motorik hunn, am schlëmmste Fall zitt sech dat duerch e Liewen. Am schlëmmste Fall zitt sech dat duerch e Liewen, huet en Impakt op d'Selbstwäertgefill, op d'sozial an emotional Kompetenze vun de Mënschen.

An dowéinst muss et eis geleeë sinn, fir do eppes ze maachen. An dat, an dat ass, mengen ech, déi politesch Visioun, déi hannendrun ass. Eng Schoul, déi Inegalitéite bekämpft, an eng Schoul, déi Kanner zu selbstbestëmmten, fräien, gesonde Mënschen erunzillt. Dat ass, dat ass déi Ambitioun, un där mir schaffen.

Bei de Maison-relaisen ass effektiv ugeschwat ginn, dass den Taux de recadrement zu Esch manner héich ass, wéi a verschiddenen Nopeschgemengen. Ech hat elo genau déi selwecht Zuel bruecht wéi den Här Baum, dass mer effektiv do, an dat ass jo, mengen ech, si mer eis alleguerten eens, nach eng gewëss Aarbecht hunn, mee dass deen Taux eigentlech an de leschte Joren an enger steeteger Croissance ass, wat natierlech och ze dinn huet mat den zousätzleche Capacitéiten, déi entstane sinn.

Mee effektiv, 2030 hu mer eng gesetzlech Obligatioun an e gesetzlech verankert Recht vun all Kand, fir eng Plaz ze kréien. Do si mer nach net. Mee ech mengen, dass mat deene Projeten, déi mer an de leschte Joren ëmgesat hunn, déi, déi mer haut votéieren, an déi, déi duerno nach wäerte kommen an iwwer déi mer nach wäerte schwätzen, dass mer do um gudde Wee sinn.

An ech géing souguer behaapten, dass et am Land am Moment keng aner Stad gëtt, keng aner Gemeng, déi mat sou enger Prioritéit a mat sou engem Invest och hannert där Saach hier ass, an deem Bewosstsinn eeben, wéi wichteg et ass, och fir eng méi gerecht Gesellschaft ze hunn a fir och eeben eng gutt Qualitéit kënne vu Betreiung unzebidden de Kanner.

Wat den Indice socio-économique – an do vläicht virdrun, wat ... nee, zur Motioun schwätze mer dann duerno. Da kënne mer do duerno kommen.

Dann, wat d'Etüd vum LISER ugeet an den Indice socio-économique. Ech mengen, mir hate ganz vill Diskussiounen am Juli, dofir wëll ech net nach eng Kéier an alles agoen. Här Baum, Dir wësst, dass et mir dru geleeë war, fir eng objektiv Basis virzestelle fir déi Diskussioun iwwer d'Distributioun vum Contigent, vun de Ressourcen allgemeng.

Ech hätt kënnen higoen, an dat hunn ech bewosst net gemaach, ech hätt kënnen higoen a soen, ma komm, mir kucken emol, fir d'Krittären opzestellen, no deene mer dat dote wëlle maachen.

Ech hätt mech do awer ugräifbar gemaach an Dir hätt mer warscheinlech an deem Zenario virgeheit, dass ech mer Krittären erausgesicht hätt, sou wéi se mech arrangéieren, oder sou wéi se dës Majoritéit arrangéieren. An dofir hu mer dat net gemaach.

Wat mer gemaach hunn, ass, den Optrag, dee mer dem LISER ginn hunn, ass, fir op Basis vun deene Krittären, wou d'Regierung an den Educatiounsministère den Indice socio-économique fir déi national Distributioun vum Contigent, deen eebe fir Esch z.B. 2,1 ass.

Mir hu genau déi selwecht Methodologie a genau déi selwecht Krittären einfach erëmgeholl a mir hu se nach weider erofdeklinéiert eeben op déi verschidde Schoulentitéiten, soudass ee ka schwätzen iwwer sinn déi Krittären elo ugepasst oder net.

Mee ech mengen, dass dat dann, an do kënne mer zu zwee jo eventuell och emol dru schaffen, dass dat virun allem mol eng national Diskussioun ass, wou ee schonn eng Kéier kann iwwerleeën, ob déi Aart a Weis, wéi den Indice socio-économique fir d'ganzt Land ausgeschafft gëtt, ass dat nach, ass dat nach zäitlech, passt dat nach an eis Zäit, ass dat nach adequat.

Mee do gesinn ech awer elo net eng primär Responsabilitéit vun der Gemeng. An ech wëll och do wierklech net den Androck ginn, dass mir elo géingen Etüde maachen, sou wéi et eis arrangéiert, fir dat erauszekréien, wat eis arrangéiert.

Et sinn eng Rei Surprisë gewiescht an der Etüd, ganz kloer. Dat hunn ech och deemools gesot, wéi mer se virgestallt hunn. Mee et ass awer eng objektiv Basis, wou Sozialwëssenschaftler dru geschafft hunn, mat de Krittäre vum Staat.

Ech hat am Juli scho gesot, dass mer deen Indice an déi doten Etüd wäerten notzen als Basis fir dës Rentrée an och déi puer nächst Rentréeën. An doriwwer eraus awer natierlech muss nach eng Kéier déi Etüd souwisou och muss op de Leescht geholl ginn an dann och nach eng Kéier neigemaach muss ginn, well dat do jo och keng konstant Situatioun ass. Eng Situatioun ass, déi an der Verännerung ass.

An ech mengen, dass Iech och schonn am Juli gesot hat, dass ech grondsätzlech och e Besoin gesinn, e Besoin gesinn, fir nach méi an d'Déift ze goen, fir notamment um Niveau vun de Ressorts scolaires och ze kucken, ob mer och iwwer deen Outil kënnen nach eng méi gerecht Distributioun vun de Ressourcen, vun all eise Ressourcë kënne maachen. Ech mengen, dass dat eng Aufgab ass fir déi nächst, fir déi nächst Joren.

Schoul am Neiduerf ass gefrot ginn, an dann och de Verweis op d'Schoul op den Nonnewisen. An dann hutt Der Iech d'Äntwert eigentlech awer och scho selwer ginn. Ech hätt deen awer elo net a menger Erënnerung versprach fir September. Et muss een awer och e bëssen eppes halen heiansdo fir ... mir hu jo haut schonn e ganz chargéierten Ordre du jour.

De Plan de développement des infrastructures scolaires wäert Äntwerte liwweren op déi dote Froen. Souwuel wat de Besoin u Schoulraum ugeet, mee och wat de projezéierte Besoin un och weidere Betreiungscapacitéiten ugeet. An do si mer, wéi gesot, intensiv um schaffen, an ech wäert Iech do zäitno domadder befaassen. Voilà.

An dann ... Wéi ass et? Ass den Här Pulli nach eng Kéier, deen zur Motioun schwätzt?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Nee, da stëmme mer elo mol als éischt d'Schoulorganisatioun of. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz**
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Schoulorganisatioun ass ugeholl.

Ech froen elo als éischt de Conseil, ob nach een eppes wëll soen zu der Motioun. Duerno géing den Här Sehovic reagéieren an da kann den Här Pulli nach eng Kéier par rapport zu der Motioun zum Här Sehovic reagéieren.

Wëll een eppes zu der Motioun soen? Nee. Dann den Här Sehovic zu der Motioun.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, grondsätzlech ass ze soen, dass déi Aart a Weis, wéi an der Maison relais geschafft gëtt am Oppene System, regéiert gëtt virun allem vum nationale Rameplang zur nonformaler Bildung. An dass do eng ganz Rei vun Direktiven drasti fir den Ëmgang mam oppene System.

Ech mengen, dass déi Constaten, déi d'LSAP hei mécht an de Consideranten, evident sinn. Ech wëll awer och kloer soen, an dat ass och de Grond, wisou ech dem Conseil communal recommandéieren, géint dës Motioun ze stëmmen, dass déi Invitten, déi hei gemaach ginn, scho Géigestand si vun eiser Aarbecht.

Et gëtt e Commissaire, deen d'Maison-relaisen alleguerte kontrolléiert, notamment wat d'Sécherstellung vun den Aktivitéiten ugeet. An do ware jo eng Rei vu Conseilleren, déi dorobber opmierksam gemaach hunn. Do géing ech wierklech nach eng Kéier verweisen op de Rapport d'activités vun de Maison-relaisen, ze kucken, wat fir flott Aktivitéiten hei gemaach ginn.

Et ass esou, dass an all Maison relais en Tableau de bord ass. An an deem Tableau de bord mussen d'Educateuren all Dag ganz prezis eigentlech festhalen, och wéi eng Zorten Aktivitéite gemaach ginn.

Elo kann ee soen, dat wär administrativen Opwand, mee dat ass eng vun deene Mesuren. Den Här Baum huet et „strikte Kader" genannt, déi eebe sécherstellen, dass den Oppene System net e System ass, wou d'Kanner sech selwer iwwerlooss sinn, mee wou e Suivi ass a wou eng pedagoesch Offer ass.

A soudass mer eigentlech déi Saachen, déi hei gefuerdert ginn, scho maachen, mat anere Moyene maachen, mat ... an ech eeben hei elo net onbedéngt de Besoin gesinn, fir d'Uni oder en aneren Acteur och nach mat enger neier Konventioun ze beglécken. Mee an der Saach, mengen ech, si mer eis eens.

Ech recommandéieren dem Conseil, fir hei dogéint ze stëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Här Pulli, wellt Dir nach eng Kéier reagéieren?

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Jo, am Fong, Är Argumentatioun verstinn ech elo net sou. Dat heescht, no Ärer Argumentatioun misst Der jo eigentlech … Dir fannt alles gutt, mee Dir stëmmt awer dogéint an enger gewësser Hisiicht.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Et ass wéi Dir bei der Schoulorganisatioun.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Nee, ech fannen, mir fanne bei Wäitem net alles gutt. Dofir stëmme mer jo dogéint.

Jo, wéi gesot, ech mengen, dat géif scho Sënn maachen, dass dat do wierklech am Interêt och vum Personal géif gekuckt ginn. Well hei ass et jo effektiv, an där Etüd ass d'Personal gefrot ginn. D'Personal war am Zentrum vun där Etüd, fir ze kucken, wéi d'Wuelbefanne vun de Kanner ass.

Dofir fannen ech dat do schonn am Interêt, souwuel vum Bien-être vun de Kanner, wéi och vun der Aarbecht vum Personal. An doropshi kéinte mer jo da Recommandatiounen ausschaffen. Dofir, eigentlech gëtt et eiser Meenung no kee Grond, fir dogéint ze stëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. Au vote.

☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
☑ **Marc Baum**
☒ **Pascal Bermes**
☑ **Liz Braz**
☑ **Tammy Anna Broers**
☒ **Bruno Cavaleiro**
☑ **Steve Faltz**
☑ **Ben Funck**
☒ **Pierre-Marc Knaff**
☑ **Sacha Pulli**
☒ **Mandy Ragni**
☒ **Dejvid Ramdedovic**
⊜ **Bernard Schmit**
☒ **Daliah Scholl**
☒ **Meris Sehovic**
☑ **Jean Tonnar**
☒ **Christian Weis**
☒ **Joy Weyrich**
☒ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, et ass am Fong geholl esou, datt eng weider Etüd, d'Pertinenz, solle mer soen, net onbedéngt fir mech op der Hand läit. Zumools ëmmer ze bedenken ass eis finanziell Schwieregkeeten. A mer hu scho sou vill Etüden duerch de Bësch an Auftrag ginn, déi wou eis trotzdeem Onmenge kaschten.

An do ech mer net sécher sinn, ob dat wierklech eng, e Plus géif bréngen, sinn ech dann éischter hei neutral bis negativ agestallt, fir sou eng nach unzefroen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmitt.

### 2.2. Rapport d'activité du service des Maisons relais ; présentation et discussion

### 2.3. Maison relais Nonnewisen Lot 6N ; présentation et devis ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Ofstëmme vum Devis fir d'Maison relais Nonnewisen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 2.4. Convention Pedibus ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. An da stëmme mer den Avenant zu der Konventioun vum Pedibus. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 3.1. Modification de la limite communale entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la commune de Schifflange ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci. Da komme mer bei den nächste Punkt. Do geet ëm eng Ännerung bei de Grenze vun eiser Gemeng.

Dir wësst, d'Aarbechte vun der Metzeschmelz gi weider virun. D'Zil ass, dass 2031 déi éischt Leit heihinner wunne kënne kommen. Mir sinn nach ëmmer an den administrativen Demarchen, éier dass déi éischt Baggeren do kënne rullen, fir ze bauen. An dozou gehéiert, dass mer dann och no engem éischten net

detailléierte Vott, dee mer schonn hei haten, dann och elo hei driwwer ofstëmmen, dass d'Grenzen tëschent Schëffleng an Esch ugepasst ginn.

Dir hat e Plang am Dossier leien. Rosa ass deen Deel, deen d'Gemeng Schëffleng kritt, d'Stad Esch kritt deen Deel, dee giel ass. Et ass a béide Fäll 1 Hektar, 12 Ar an 1 Zentiar. Et ass ganz einfach: Déi nei Grenz, dat wäerten dann d'Schinne vun der CFL sinn.

No dësem Vott gëtt den, gi mer d'Decisioun un den Inneministère weider, an da gëtt d'Chamber dofir saiséiert, well do nach e Gesetz muss gestëmmt ginn.

Gëtt et Froen dozou? Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 3.2. Zone protégée et corridor écologique „Ellergronn"; avis

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei d'Zone protégée an de Corridor écologique am Ellergronn. Do huet den Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, den Ellergronn ass zënter 1988 klasséiert als nationaalt Naturschutzgebitt. Et ass eent vun den eelsten ausgewisene Gebidder am Land.

Mat sengen aktuell 110 Hektar ass en e relativ klengt Gebitt, mat Bësch bedeckt an zeechent sech duerch seng Weieren, Dréchewisen an och duerch seng extreem Biodiversitéit aus.

Viru ronn zwee Joer koum d'Iddi, fir d'Naturschutzgebitt ze vergréisseren. Dat ass ze gesinn am Kontext vun enger europäescher Direktiv, déi d'Memberstaate vun der EU verflicht, fir d'Naturschutzzonen op méi wéi 10 % vun der Landesfläch auszeweiden.

Et houng also, et louch op der Hand eigentlech, dass een ufänkt a kuckt, déi bestoend Gebidder, do wou se sinn, ob een déi kéint vergréisseren. A fir den Ellergronn war eis Äntwert séier Jo.

Sou kënnt elo en Deel iwwer, also den Deel iwwer d'Seelebunn an der Eisekaul, bis an de Vëloswee uewen zu Rëmeleng an ënne bei der Waldschoul, alles mat eran an dat Naturschutzgebitt, sou dass mat, soudass d'Surface vun 110 Hektar op an Zukunft 193 Hektar soll eropgoen.

Et ass, soe mer mol, virun allem eng administrativ Geschicht. Um Niveau vun

der Bëschbewirtschaftung ännert sech an deenen doten Zonen näischt. Ech biedem ëm Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.1. DemocracyNext; Memorandum of Understanding; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir komme bei de Punkt 4, dat sinn eng ganz Rëtsch Konventiounen. Mir fänken u mat DemocracyNext, den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci Här Buergermeeschter. Léif Membere vum Gemengerot, mir haten an dësem Gremium schonn de Projet mat DemocracyNext hei diskutéiert, dofir ginn ech elo net an allen Detailer an deem dote Beräich eran.

Ech dierf Iech haut de Memorandum of Understanding tëschent der Stad Esch an der Organisatioun DemocracyNext virzestellen. Dëse Memorandum ënnersträicht eis gemeinsam Ambitiounen an eis Bereetschaft, eng nei Form vu Biergerbedeelegung hei zu Esch ze entwéckelen.

D'Zil vun dësem Accord ass et, eng Bierger-Assemblée ze organiséieren, déi am Joer 2025 hei an eiser Stad stattfënnt. Dës Assemblée soll e wichtege Schratt sinn, fir d'Bierger méi staark an d'politesch Entscheedungen anzegräifen. Mir wielen, mir wëllen de Mënschen d'Méiglechkeet ginn, aktiv an direkt un den Diskussiounen deelzehuelen, déi hir Zukunft betreffen.

Wat de finanzielle Kader ugeet, huet d'Stad Esch sech engagéiert, eng Zomm vun 90.100 € an dëse Projet ze investéieren. Dëst beinhalt net nëmmen d'Koordinatioun vum Projet an d'Organisatioun vun der Bierger-Assemblée, mee och den Ënnerhalt vu spezifesche Léierprogrammer, déi vun internationale Spezialisten iwwer Biergerbedeelegung geleet ginn.

Dës Zomm gëtt an dräi Tranchë bezuelt: déi éischt vun 30 % am Oktober 2024, déi zweet vu 60 % am Februar 2025, an déi drëtt a lescht Tranche vun 10 % am Juni 2025.

Wat d'Phaséierung vum Projet betrëfft, gesi mir eng Zesummenaarbecht an dräi Haaptetappe vir. An zwar, déi éischt, Léier- an Opbauphas ab September dëst Joer wäerten d'Mataarbechter vun der Stad Esch an engem Léierprogramm matmaachen, dee vun DemocracyNext organiséiert gëtt. Dëst wäert d'Basisfäegkeeten iwwer Bierger-Assemblée stäerken an eis Virbereedung fir d'Ëmsetzung verbesseren.

Den Design- an Organisatiounsphas ass den zweeten, déi zweet Phas. Dëst ass déi nächst wichteg Etapp, an där mir zusamme mat DemocracyNext d'Assemblée designéieren a mat den entspriechende lokale Partner d'Logistik a Planung tëscht der Assemblée ofklären.

An da schlussendlech déi drëtt Phas; et ass dann d'Duerchféierung an d'Evaluatioun. Déi Bierger-Assemblée selwer wäert am Joer 2025 ofgehale ginn. DemocracyNext wäert eis duerch de ganze Prozess begleeden an och hëllefen, dës nei Form vu Biergerbedeelegung nom Ofschloss vun der Assemblée ze evaluéieren, mat der Ambitioun, dës Praxis an eiser Stad weider anze, auszebauen an ze institutionaliséieren.

Zesumme mat DemocracyNext wäerte mir och d'Méiglechkeet hunn, mat aneren europäesche Stied, déi änlech Initiativen ënnerhuelen, Erfarungen auszetauschen an zesummen ze léieren.

Mir sinn iwwerzeegt, datt dës Partnerschaft en entscheedende Bäitrag fir d'Entwécklung vun enger méi inklusiver, demokratescher a biergernoer Politik zu Esch wäert, wäert sinn. Mir freeën eis, wéi gesot, op déi kommende Méint a Joren a soen DemocracyNext villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung.

An domadder, wéi gesot, nach eng Kéier merci fir Är Opmierksamkeet an op jidde Fall géing ech lech invitéieren, déi dann och matzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. De Projet war jo scho presentéiert ginn, ginn et awer nach Wuertmeldungen hei?

Nee. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

## 4.3. Convention avec l'État concernant la participation financière de l'État aux frais de création d'un centre d'accueil „Foyer de nuit AbriSud" ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir bleiwe beim Här Cavaleiro mat der Konventioun fir den AbriSud.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Voilà, hei hu mer dann eng weider Konventioun. Dës Kéier mam Staat, mam Ministère de la Famille a mam Finanzministère fir déi nei Struktur vum AbriSud.

Dir hutt an Ären Ënnerlagen de Projet vun der Konventioun mat dem Familljeministère kritt, déi d'finanziell Participatioun vum Staat un den Investitioune fir de Foyer de Nuit AbriSud traitéiert.

Dës Konventioun bedeit eng entscheedend Ënnerstëtzung vum Staat fir de Bau vun dësem neien Zentrum, dee vital Hëllef a Schutz fir déi vulnerabelst Membere vun eiser Gesellschaft ubitt. Den neie Foyer soll, wéi ech et scho bei menger Interventioun den 29. Mäerz 2024 betount hunn, eng ëmfangräich Äntwert op déi spezifesch Besoine vun den Obdachlosen hei zu Esch bidden.

Duerch dës Konventioun gëtt d'Stad Esch duerch eng finanziell Participatioun, Participatioun vum Ministère fir 31 Better ënnerstëtzt. Den Totalbetrag vun dësem Subsid läit bei maximum 7.590.689,76 Euro, wat ongeféier 75 % vun de Gesamtkäschte vum Projet duerstellt.

Dëst ass e weesentleche Bäitrag vum Familljeministère, deen d'Wichtegkeet vun dësem sozialen Engagement vun der Stad Esch ënnersträicht.

De Bau vum neie Foyer an der Rue de la Fontaine Numero 9 ass eng laangfristeg Investitioun an déi sozial Infrastrukture vun eiser Stad. Wéi ech den 29. Mäerz beschriwwen hunn, wäerten dës Ariichtungen d'Capacitéite fir d'Opnam vun Obdachlosen signifikant erhéijen, vun aktuell 18 op 31 Better.

Do wëll ech trotzdeem nach soen, datt mer och elo scho vun 18 op 22 Better eropginn. Dat war och eng Demande vum Ministère deemools bei menger Visitt, wou gefrot ginn ass, ob een déi wierklech kéint op de Maximum vum besteeënden, vun der besteeënder Capacitéit erhéijen.

Dat maache mer elo och duerch eng Mise en conformité, déi elo wäert, also en cours ass. A soudatt mer, bis datt déi nei Struktur en place ass, awer schonn en attendant déi Capacitéit elo schonn op 22 Better erhéijen.

Mat, wéi gesot, mat enger spezifescher Berécksiichtegung vun de Besoine vu Leit mat reduzéierter Mobilitéit hei och nach.

Ech wëll hei ervirhiewen, datt dës finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère net nëmmen d'Baukäschten ofdeckt, mee och déi operationell Käschten fir d'Verwaltung an d'Betrib vun dësem neie Foyer.

Eis Verhandlunge mam Familljeministère hu gewisen, datt d'Bedrief, Bedriefnes, d'Bedierfnesser, pardon, vun der Stad Esch kloer erkannt goufen, an et gëtt en Accord fir d'Erhéijung fir déi operationell Käschte vun 18 op 31 Better och.

Trotz der substanzieller finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère musse mir och déi Investissementer vun der Stad Esch mat aberechnen, déi net direkt an de Projet integréiert sinn, déi awer essentiell sinn, fir e funktionellen a séchere Betrib vum Foyer ze garantéieren.

Duerch dës Konventioun stellen mir sécher, datt mir net nëmmen d'Noutwennegkeet Ressourcen hunn, fir dëse wichtege Projet ëmzesetzen, mee datt mir och den engagéierten a kontinuéierlechen Ënnerhalt an d'Operatioun vum Foyer sécherstellen.

D'Bedeitung vum Foyer de Nuit AbriSud geet wäit iwwer eis lokal Grenzen eraus. Als regiounale Pilier fir déi vulnérabel Leit gëtt dës Struktur eng onëmgänglech Roll fir d'Ënnerstëtzung an d'Integratioun vun deene Leit spillen, déi soss kee sécheren Ënnerdaach fannen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt dëse Projet mat vill Engagement vu béide Säiten entwéckelt gouf, a wëll och de Familljeministère besonnesch Merci soe fir hir Kooperatioun an Ënnerstëtzung bei dësem wichtege Projet.

Ech invitéieren Iech all, dës Konventioun mat aller Stäerkt ze ënnerstëtzen, fir datt mir zesummen e méi sécheren a solidaresche Raum fir déi, déi et am meeschte brauchen, schaffen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, dat hei ass emol d'Geleegenheet, fir eppes Positives ze soen, wat d'Aarbecht fir déi manner Bedeelegt an eiser Gemeng hei, solle mer soen, ervirzehiewen.

An ech muss soen, datt mir dee Projet do total ënnerstëtzen, an datt déi Plazen iwwer 30 dann elo eropginn ass engersäits ze bedaueren, well dat natierlech ausdréckt, datt e Besoin do ass, an anerersäits awer sou wichteg, fir de Leit ze hëllefen.

Also ënnerstëtze mir dat doten natierlech och mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. D'Madamm Ragni wëll nach eppes soen.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt hei just nach eng Kéier trotzdeem e klenge Rappel maachen, och un eis Nopeschgemengen.

Ëmmer erëm schwätze mir hei, dass Esch seng Verantwortung iwwerhëlt fir déi sozial Schwaach, fir d'Sans-abrien, a mir gesinn awer, wat mat deenen z.B. geschitt. Ech mengen, et dierf een nach ëmmer net vergiessen, wat an der Stad geschitt ass. An et ass natierlech, déi Leit, wa se dee Platzverweis kréien, sech an déi aner Gemengen natierlech himaachen, wou se nach trotzdeem gedult ginn.

An ech fannen, dass dat trotzdeem vis-à-vis vun deenen anere Gemengen a Verantwortlechen, déi an deene Gemenge sëtzen, awer trotzdeem net ganz fair a kollegial ass. Well ech mengen, jiddwereen huet op sengem Terrain vill ze dinn a grouss Erausfuerderungen. An dofir wär et nach eng Kéier e klenge Rappel awer un eis Nopeschgemengen, dass jiddweree seng sozial Verantwortung soll huelen.

An deemools ass et och nach vun enger mobiller Fixerstuff geschwat ginn. Dofir nach eng Kéier e klenge Rappel, dat wär och net, mengen ech, vu Muttwëll, wa mer sou eng mobill Fixerstuff hätten, déi kéint z.B. ronderëm an de Südgemengen ënnerwee sinn. Well mir sinn eis jo eens, dass net nëmmen Esch dëse Problem huet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Wëllt Der drop äntweren, Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**
Au vote.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.4. Convention avec l'État relative à la gestion des OA1498 et OA1499 ainsi que des aménagements et infrastructures connexes (Vëlodukt) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer zu der Konventioun, déi de Vëlodukt betrëfft. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, mir hate virun e puer Méint schonn emol quasi déi selwecht Konventioun hei leien. Et geet hei ëm d'Laaschteverdeelung tëschent der Stad Esch an dem Mobilitéitsministère beim Entretien vum Vëlodukt, an an dësem Fall eeben den annexten Infrastrukturen.

An dësem Fall musse mer ganz einfach eng zousätzlech Konventioun stëmmen, well entre-temps d'Passerelle an och de Park op der Belvaler Säit rezent fäerdeggestallt goufen, domadder och neits Gréngs an och nei Méiglechkeeten, fir sech um Belval auszerouen, enstane sinn.

Bon, an do eeben, an där heiter Konventioun gëtt gereegelt, fir wéi eng Deeler vum Entretien d'Stad Esch zoustänneg ass a wat de Mobilitéitsministère soll maachen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ech profitéieren, wann dat Theema Vëlodukt um Ordre du jour ass. Vëlodukt, also ech notzen e +/- oft, et ass mäin Aarbechtswee. E Vëlodukt, deen 2021 ugefaangen huet an am Dezember 2022 ageweit gouf, do war Esch awer net prett, well erëm iergendwellch Signalisatioun net do war an et keng Verbindung do war, mee dat war jo ëmmer der Ponts & Caussées hir Schold.

Elo ass dee Wee vun der Ponts & Chaussées amgaangen, sech lues awer sécher Richtung Rond-point Deich ze beweegen, an do hunn ech dann héieren, an – wéi gesot, mir hunn am Dezember 200.000 € Etüde gestëmmt fir an der Kanalstrooss. Etüden, fir de Vëlo ze maachen.

An elo hu mer an engem Interview an der Press héieren, dass, wat do elo soll geschéien, wann déi, wann déi Strooss dann elo reell op deem Rond-point ukënnt. An da seet dann den Här Sehovic, seet deen: „Mir kucken".

Dat mécht mer dann e bësse sou en … also Dir benotzt et vläicht net sou oft wéi ech, mee ech waarden elo schonn e bëssen drop, dass een … an Dir gitt eeben elo leider Gottes un Ären Ambitioune bewäert.

Dir hutt gesot, mir wëllen, dass ee ka vum Belval bis an de Stadzentrum fueren. Also, mir geet „Mir kucken" net duer.

An elo eng gutt Iddi wär gewiescht, ausser elo deen Test, deen Der elo op der Remparts-Plaz gefuer hutt – an dee wëll ech elo hei guer net bewäerten. Mee dat wär eng gutt Iddi gewiescht, fir genau déi Entrée an d'Kanalstrooss, fir déi vläicht als Test ze fueren, wann Der net sécher sidd, wat Der do wëllt maachen. Well do hätte sech vläicht Erkenntnisser ginn, déi wierklech relevant gewiescht wären, amplaz déi Der elo kritt hutt, wou Der d'Kiermes nach eng Kéier simuléiert hutt.

Dofir, wéini ass do ze erwaarden, dass aus deem „Mir kucken" vläicht mol net nëmme „Mir kucken", mee „mir gesinn eppes", an zwar op Pabeier, wat do soll geschéien. Well ech fäerten, dass do et um politesche Courage feelt, fir do genau déi Léisungen ze sichen, déi do opportun wären.

An dofir, vläicht kënnt Der mer do hëllefen, wéini dass mer dann do kënnen op sécherem Wee Richtung Stadzentrum fueren. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, de Summer-Popup op der Place des Remparts huet eppes ze di mat eisen Iwwerleeungen, wéi mer an deem ganze Beräich an am ganze Quartier wëllen de Verkéier organiséieren an den nächsten, an den nächste Joren.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

O Mamm, o Mamm, o Mamm.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

An deem Sënn, dass et net just drëms geet, oder mir net just drëms geet, ze kucken … ech fannen dat interessant, well ech … effektiv och Dir wäert eng Kéier musse Faarf bekennen dann an Äre Reien, wat Der dann elo wëllt a wat Der net wëllt.

Wa mer elo mat de Projeten, wa mer elo mat de Projete kommen …

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Mir hunn dat schonn.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Gutt.

*(Interventioun Här Jean Tonnar)*

Ech mengen awer … also ech hunn Iech awer do gesinn op deem, op deem Popup. Et huet Iech jo awer gutt gefall.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Jo, ganz gutt.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Well et eeben an deem Sënn net just ze kucken ass, wat mer mam Vëloswee maachen, mee well mer am Quartier och e Problem hu vun Duerchgangsverkéier. An dat heescht, déi Léisungen, déi mer amgaange sinn, auszeschaffen, och änner där, änner där Perspektiv eebe sollen eng Entlaaschtung fir de Quartier bréngen.

Mir kucken net just, mir schaffe grad un engem konkreete Projet, a mir wäerten dee virstellen, wa mer prett sinn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech mengen, dass mer d'Konventioun kënnen ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.5. Convention relative à la ventilation du nombre des emplois salariés auprès du ZARE pour l'exercice 2023 ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei eng Konventioun betreffend de ZARE. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro** (CSV), Schäffen

Merci Här Buergemeeschter. Also déi Konventioun, déi hu mer jo, wéi gesot, alljoers.

Mat der Reform vun der Gemengefinanzen ab 2017 gouf de Fonds de dotation globale des communes geschafen. Dës Dotatioun, déi de Staat un d'Gemenge bezilt, deelt sech zanterhier, wéi gesot, a sechs Kapitelen op, dorënner och d'Enveloppe des emplois salariés.

Dat heescht, all Gemeng kritt pro Salarié, deen op hirem Territoire schafft, e gewësse Montant. Dat wat, dat ware fir d'Joer 2023 bal 162 € pro Salarié. D'Stad Esch ass Member vum Gemengesyndikat ZARE an d'Membersgemengen aus dem ZARE deele sech all Recetten an Dépensen, deemno och d'Gewerbesteier an en Deel vun der Dotatioun.

Initial waren et dräi Gemeng, Grënnungs-gemengen: Esch, Monnerech a Suessem. An der Tëschenzäit hu mer, wéi gesot, och nach Schlëffl, Schëffleng, wat och dobäikomm ass. déi zu een Drëttel engagéiert waren. Zanter, wéi gesot, September 2023 ass och d'Gemeng Schëffleng mat dobäi an all Gemeng ass elo zu 25 % engagéiert.

Mee fir d'Verdeelung vun der Gewerbesteier a vun der Unzuel vun de Salariéen aus der Dotatioun gëtt et nach déi nächst Joren eng Iwwergangsreegel. Dat bis och op Schëfflenger Säit den neie Zoning „Op

Herbett" eng Occupatioun vun 80 % erreecht huet. Also och nach déi nächst Joren deele sech Esch, Monnerech a Suessem zu jee een Drëttel d'Dotatioun, déi sech iwwert d'Unzuel vun de Salariéë rechent.

De Syndikat huet 2023 dräi Aktitéitszone geréiert – ZARE-Ouest, ZARE-Est an de Sommet hei zu Esch – mat engem Total vun 2.662 Salariéen. Dat heescht, plus 28 Salariéë wéi Enn 2022. Mir schwätzen also hei vun enger Gesamtrecette vun iwwer 429.000 €, déi déi dräi Gemenge sech deelen.

Elo muss ee wëssen, wéi de Ministère de l'Intérieur zu den Zuelen kënnt, fir déi Dotatioun ze rechnen. An zwar iwwer d'Unzuel vun de Steierkaarten, déi un d'Salariéen ausgestallt sinn, mat hirem respektive Lieu de travail. Dofir sinn all d'Salariéen, déi hei zu Esch am Sommet schaffen, och automatesch an der Dotatioun vun Esch gelant. An dofir sinn all d'Salariéen, déi zu Éilereng am ZARE-Est a Ouest schaffen, zu Suessem bäigerechent ginn.

Et ass der Steierverwaltung net méiglech, fir ouni groussen Opwand selwer eng Ventilatioun ze maachen, wéi z.B bei der Gewerbesteier, déi automatesch tëscht den dräi Gemenge vum ZARE gedrëttelt gëtt. Dofir ass d'Léisung déi, datt de Syndikat selwer déi Ventilatioun mécht, mat Hëllef vun der Inspection générale de la Sécurité sociale.

D'Konventioun vun haut gesait vir, datt mer d'Joer 2023 regulariséieren. Mat dëser Konventioun gëtt also déi vum Staat ausbezuelt Dotatioun réckwierkend tëschent de Membergemengen vum ZARE ventiléiert.

Vun der Gemeng, Gesamtrecette vu liicht iwwer 429.000 Euro huet Esch, wéi gesot, een Drëttel zegutt a kritt heimat nodréiglech fir d'Joer 2023 nach exakt 70.353,15 Euro vu Suessem iwwerwisen, fir domat op säin Undeel vun iwwer 143.000 Euro ze kommen.

Déi genau Montanten hutt Der, wéi gesot, an der Konventioun. Ech bieden Iech also, dëst Konventioun matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.7. Convention relative au Kufa's Urban Art ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Kufa. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei geet et ëm eng Konventioun, déi haaptsächlech tëschent der Chemin de fer

an der Kufa gemaach ginn ass. Déi haten am Kader vum Urban Art e Projet gemaach um Terrain vun der CFL.

Deen Iwwerdaach war e bëssen abiméiert ginn. En ass du restauréiert gi vun der Kufa, an et ass och e Produit anti-grafiti drop applizéiert ginn. A fir déi Aarbechten, déi d'Kufa gemaach huet, kritt se vun der CFL 10.000 € – also d'Gemeng ass net impaktéiert.

Ech géif lech bieden, där Konventioun zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Keng Remark dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.8. Convention du 17 mai 2013 entre le Syndicat d'Initiative d'Esch-sur-Alzette ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir bleiwe beim Här Knaff.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, hei geet et ëm eng Konventioun, en Avenant zu der Konventioun, déi mer mat eisem Syndicat d'Initiative hunn.

Et huet sech erausgestallt, datt de Gros vun hiren Aktivitéite sech an der éischter Hallschent vum Joer ofspillen. Et war awer esou, datt eng, e Paiement vun zweemol 50 % vun der Subventioun virgesi war zu zwee verschiddene Momenter vum Joer.

Mir géifen elo déi Konventioun esou changéieren, datt den éischten Deel vum Joer méi bezuelt gëtt, wéi den zweeten Deel. Dat heescht, datt 70 % géife bezuelt gi bis spéitstens de 15. Februar, an déi zweet Tranche, déi 30 %, déi bleiwen, géife bezuelt gi bis de 15. Juli vun all Joer.

Et geet elo hei nach net ëm d'Montanten, déi si jo Diskussioun ëmmer vum Budget. Et geet elo just ëm d'Modalitéite vum Paiement.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen dozou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Knaff, ech kommen awer net derlaanscht, fir zwou Froen zu de Clausen ze stellen, wa

mer hei vun de Modalitéite vum Paiement schwätzen.

Ech war u sech der Meenung, dass dat heiten en Avenant wär, fir méi Transparenz ze kréien. An ech hu geduecht, dass dat heiten u sech de Suivi ass vun där Säit, déi mer virun zwee Joer kritt hunn, wou mer missten de Subside extraordinaire stëmmen, well mer do vläicht de Budget falsch berechent haten als, oder de Syndicat dee falsch berechent hat.

A wéi gesot, ech ginn dovun aus, dass, oder ech sinn dovun ausgaangen, dass et hei ëm Transparenz gaangen ass, wat natierlech vun eis alleguerten ze begréissen ass. Dofir hoffe mer och, dass mer als Gemengerot direkt, soubal de Bilan oder de Budget proposéiert ginn ass, och a Kenntnis dovu gesat ginn.

An ech froen dat just, fir deem entgéintzewierken, wat mat aneren ASBLe geschitt ass, dass mer dräi Joer duerno Budgete kréien an honnerten Dokumenter mussen a ganz kuerzer Zäit analyséieren.

An da kommen ech awer op déi zwou Clausen, wou ech wierklech nach eng Kéier wollt am Detail drop goen. Do steet nämlech dran: „La Ville se réserve le droit de procéder à un contrôle de l'emploi de la subvention versée au syndicat."

Als LSAP géife mer proposéieren, fir et ëmzeschreiwen an ze soen: „La Ville procède à un contrôle". Fir einfach nëmme sécher ze goen, dass mer wëssen, dass déi Suen dohinner ginn, wou mer gesot kréien, dass se géifen higoen, fir deem entgéintzegoen, wat lokal an national eventuell hätt kënne geschéien.

Déi zweet Clause ass: „ Le Syndicat consent à ce que le cas échéant des agents ou services mandatés à cet effet par la Ville procèdent sur pièces et sur place au contrôle de l'emploi du concours financier."

Solle mer do net scho festschreiwen, wéi eng Servicer dat kënnen oder solle maachen? Wie kënnt do a Fro? Ass et de Receveur, ass et een aus der Compta, aus der Promotion économique?

Et wär vläicht gutt, wa mer dat einfach definéiere géifen. Mir wëssen, dass an aneren ASBLen do och schonn definéiert ass, dès le début, wien dat ass.

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt, an do gëtt et bestëmmt eng einfach Erklärung – an ech si gespaant drop. Wisou kënnt dat eréischt ab dem 1. Dezember en place?

Bon, mir hunn elo héieren, dass et drëm geet, fir déi Tranchen do da vu 50-50 op 70-30 ze maachen. Meng Angscht war éischter, dass mer se eréischt soen, den 1. des Zwieleften, well da steet de Budget an da brauche mer de Budget vum nächste Joer, wann de Bilan dann dëst Joer eeben net weisen. Dat war déi grouss Angscht, déi ech hunn.

Komm, mer maachen einfach d'Mise en place vun der Konventioun direkt ab deem Moment, wou mer se hei gestëmmt hunn, deen Avenant. An da gesi mer jo schonn den éischte Budget, deen da wäert fest am Gemengebudget drastoen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et nach Wuertmeldungen heizou?

Also hei si mer elo an der Situatioun, wou mer ëmschreiwe géinge goen an eng Konventioun. Dat ass sou, aus dem Stand eraus fannen ech dat relativ schwéier, och wann dat net an enger Kommissioun diskutéiert gouf.

Dowéinst proposéieren ech dem Gemengerot zum Vott ze stellen, dass mer haut net

ofstëmmen, mee dass mer d'Konventioun erëm zeréck an d'Kommissioune ginn, do dat anstänneg op Pabeier, d'Modifikatiounen opschreiwen, an dann dem nächste Gemengerot dës Motioun zum Vott stellen. Ass dat okee? Pardon, dës Konventioun zum Vott stellen.

Ass dat okee fir de Gemengerot? Musse mer et ofstëmmen? Nee. Da maache mer dat esou.

5. Suites à donner aux jugements du tribunal administratif concernant le PAP QE de la Ville d'Esch-sur-Alzette, notamment en ce qui concerne l'aménagement de logements intégrés (point mis à l'ordre du jour par la sensibilité politique *déi Lénk*)

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Punkt 5. Dat ass de Punkt, deen den Här Baum op den Ordre du jour gesat huet. Dir hutt alleguerte matkritt, dass et zwee Jugementer am Juli gouf; een de 25. Juli an een de 26. Juli.

An den Här Baum huet gefrot, opgrond vun engem zweeten Urteel haut am Gemengerot driwwer ze schwätzen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk)

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Dir hutt et effektiv genau op de Punkt bruecht. Et sinn zwee Urteeler ginn, an et ass awer, mengen ech, fir d'Stad Esch am Moment dat zweet Urteel, wat iwwer de PAP Quartier existant a bestëmmt Bestëmmungen an der Partie graphique an der Partie écrite, wou et hei drëms geet.

Nom Bekanntgi vum Urteel ass an enger éischter Stellungnam, déi ech op jidde Fall mol héieren hunn, huet sech de Schäfferot d'Suitte reservéiert. Si géifen dat Urteel analyséieren an dann doropshin vun där Analys dann d'Suitten, déi de Schäfferot wëlles huet, deem Urteel ze ginn, presentéieren.

An dat war dann och sou. Den 10. September war eng Pressekonferenz, wou de Schäfferot och e Pressecommuniqué erausginn huet, an deem se gesot hunn, datt se net géint dat Urteel an Appell ginn an datt se et also respektéieren.

De Schäffe Meris Sehovic huet dat – ech zitéieren aus der Zeitung – kommentéiert mat: „Eis fält duerch dëst Urteel keen Zack aus der Kroun." An erstaunlech ass déi Ausso, well se vis-à-vis an dem selwechten Artikel och zu engem Zitat vum Buergermeeschter steet. Dee seet: „Die Entscheidung von damals" – also vun 2021 – „war richtig, und sie ist es heute noch."

An dat war eigentlech den, ee vun de Grënn, firwat ech mer geduecht hunn, et wier awer vläicht net schlecht, wa mer géifen driwwer diskutéieren, well fir esou en einfach gestréckte Geescht ewéi main ass dat e Widdersproch. Well entweeder seet een, mir sinn am Recht an dat war richteg, wat mer gemeet hunn, a mir sinn och bereet, fir dat Recht ze streiden, well mer eebe richteg sinn.

Oder eeben, et seet een, eis fält keen Zack aus der Kroun. Mir hunn deemools e Feeler gemeet, dat ass elo unerkannt gi vun de Geriichter, datt mer géint d'Gesetz verstouss hunn, excès des ailes. Voilà, komm, mer kucken no vir a mir mussen, mir orientéieren eis an eng aner Richtung. Déi zwou Saache gläichzäiteg ze soen, ass fir mech zumindest schwéier novollzéibar.

Fir vläicht ze hëllefen, hunn ech mer du geduecht, ma da rappeléier emol d'Debatten, wéi et iwwerhaapt dozou komm ass, vun 2020, 2021. Dat war eng laang Prozedur, wou de PAG, awer och de PAP Quartier existant an och d'Bautereglement fundamental reviséiert gi sinn.

An et ass an deem Joer virum Vott, de 5. Februar 2021 ass et zu groussen an heftegen ëffentlechen Diskussioune komm. Et sinn och Maniffen organiséiert ginn. Et ass, an dat war den andauernde Virwand, et ass ëm de Schutz vun Eefamilljenhaiser gaangen.

An an enger éischter Fassung ass dee Schutz esou wäit gaangen, datt an Eefamilljenhaiser just nach hunn dierfte Communauté-domestiquë liewen, wou déi Leit, déi do gewunnt hunn, och nach hu missen e Lien affectif zueneen opweisen. An et hat ee wierklech d'Bild vun enger Nuklearfamill, déi sollt reservéiert si fir e bestëmmte Bautypus.

Et huet wierklech dee Moment just nach gefeelt, datt Fotoe vun enger Famill mat blonden Hoer, bloen Aen dobäi geleeën hätt, fir wierklech dat ideaalt Bild, wat ee sech vu familiär, vu Famill an awer och iwwerhaapt vum tëschemënschlechen Zesummeliewen hätt kënnen, hätt kënne virstellen.

Dëst huet evidenterweis zu groussen, zu Protester gefouert, zu Diskussioune gefouert. Et huet och dozou gefouert, an dat war eng ganz negativ a peinlech Etapp, datt Leit, 50 Stéck ronn, vum RNPP erofgeholl gi sinn an op d'Liste d'attente gesat gi sinn, wat fir déi Leit bedeit huet, datt se all hir sozial Rechter dee Moment verluer haten.

An där Diskussioun, déi mer sécher net méi integral widderhuele vun 19, vun 2021, huet d'Oppositioun vun LSAP an déi Lénk hu virun allem ganz hefteg géint déi Dispositiounen argumentéiert, an och géint déi Dispositiounen, wat de Logement intégré ugeet, datt bei 4.000 Eefamilljenhaiser et sollt onméiglech gemeet ginn, Logment intégré dranzemaachen.

De Vott ass ausgaangen, wéi mer e kenne. D'Majoritéit vun CSV, DP an déi Gréng hunn et votéiert, d'Oppositioun huet dogéint argumentéiert, mee et ass net duergaangen.

Dunn am selwechte Joer am Oktober 2021 huet den Interieur Stellung geholl. An en huet de PAP Quartier existant och net gänzlech approuvéiert, mee verschidden Deeler vun deem PAP Quartier existant huet och den Interieur dee Moment refuséiert, awer net deen Deel, wou dann déi Betraffe virun d'Verwaltungsgeriicht gezu sinn an déi Gain de cause kritt hunn.

Dat Urteel vum Verwaltungsgeriicht ass eendeiteg, an et ass glaskloer. D'Argumentatioun ass, éischtens, en Eefamilljenhaus huet näischt doriwwer ze soen iwwer d'Compositioun vun deene Leit, déi an deem Eefamilljenhaus dra sinn. Dat geet, dat huet näischt an engem PAP Quartier existant ze sichen. An zweetens, e Logement intégré ass Deel vun engem Eefamilljenhaus. De Begrëff „Eefamilljenhaus" incluéiert d'Possibilitéit vun engem Logement intégré.

Also datt déi ganz Argumentatioun, déi d'Gemeng 2021 géint de Widderstand, och vun LSAP an déi Lénk, gemeet hunn, ass vum Geriicht eendeiteg interpretéiert ginn. An dat huet Resultater. Dat Resultat ass, datt déi ganz gréng Schrafféierung an der Partie graphique, datt déi net gülteg ass, an, sou seet d'Geriicht, datt den Artikel 34.1. net gülteg ass, an den Artikel 51.

Ech kommen herno drop zeréck, wat d'Suitten dann elo konkreet bedeit. Ech wëll awer nach ee Moment zeréckgoen a mer probéieren, d'Argumentatioun vun deemools an deelweis

vun haut vun der Majoritéit unze, mer virun Aen ze féieren.

Dat eent Argument ass, datt Klengdeelegkeet, wann elo en Eefamilljenhaus nach e Logement intégré hätt, dat géif, dat géif d'Loyeren an d'Luucht drécken. Dat Argument ass net nëmmen kontraintuitiv, mee et ass falsch. Ee vun de gréisste Problemer, déi mer hunn, datt net genuch Logement do ass, net genuch Logement zougänglech ass.

Logment ze schafe féiert net dozou, datt d'Loyerspräisser an d'Luucht ginn. De Géigendeel ass de Fall. Zënter 2021, also zënter den neie PAP Quartier existant an den neien Escher PAG valabel sinn, sinn am Land d'Loyerspräisser ëm 7 % an d'Luucht gaangen, an zu Esch si se an de leschten dräi Joer ëm 15,6 % an d'Luucht gaangen – also méi wéi dat Duebelt vun der Moyenne vum Land.

Wann also déi dote Bestëmmungen iwwer de Logement intégré, dee jo déi dräi Joer zu Esch verbuede war, ass et op jidde Fall muss ee feststellen, datt mer eng iwwerduerchschnëttlech Präishausse hunn, wat d'Loyeren ugeet.

Wat awer richteg ass un deem Argument – et ass keen Argument, mee wat e Fakt ass. Effektiv ass et esou, datt, wat eng Wunneng méi kleng ass, wat de Loyer pro Quadratmeter méi héich ass. Mee dat läit an der Natur vun der Saach.

En Appartementshaus, wou een, huet eng Cage d'escalier, déi gëllt fir jiddwereen, an evidenterweis, wann Elementer do sinn, déi méi kleng sinn, dann ass d'Opdeelung pro Quadratmeter méi héich. Mee dat huet awer näischt selwer mam Fakt vum Logement intégré ze dinn, dat ass der Natur vun der Saach geschollt.

An dat zweet Argument, wat à perpétuité widderholl ginn ass an och an der Argumentatioun vun der Verteidegung vun der Escher Gemeng par rapport zum Verwaltungsgeriicht ass, datt 4.000 Eefamilljenhaiser géifen da quasi iwwer Nuecht riskéieren, zu engem Logement intégré ze kréien.

An dann ass eng wansinneg Rechnung gemeet ginn: 4.000 mol 2,5, dat ass d'Occupation moyenne – och net grad, et ass 2,2. Mee komm, mer fir „Argument's sake", et wier 2,5. Dat géif dann op ee Coup 10.000 nei Awunner bréngen an dat historesch gewuessent Esch, an domadder wieren eis Infrastrukturen a Capacitéite komplett um Enn.

Dat Argument, wat ëmmer erëm, och viru Geriicht benotzt ginn ass, ass Blödsinn. Et ass falsch.

Evidenterweis kënnen net vun deene 4.000 Eefamilljenhaiser 4.000 Logement-intégréë gemeet ginn. Well och fir e Logement intégré ginn et ganz kloer Konditiounen a ganz kloer Reegelen.

Also ass deen Horrorzenario vun 10.000 neien Awunner, déi iwwer Nuecht géife kommen, ass einfach falsch, an et ass och intellektuell net richteg vun deenen, déi dat an der Vergaangenheet ëmmer erëm behaapt hunn.

Et ass och esou, datt de Logement intégré vun der Regierung a vun dem viregte Wunnengsbauminister als ee Moyen gesi ginn ass, fir géint d'Penurie vu Wunnenge virzegoen, fir e bëssen Damp aus dem Kessel ze loossen, well et d'Méiglechkeet géif bestoen, op eng relativ bëlleg Aart a Weis Logementen ze schafen.

Wuelwëssend, datt och dat just eng Dräps op de waarme Steen ass, mee et ass awer zumindest déi Dräps.

Dofir ginn et och vum Ministère aus Subventioune fir Leit, déi an hirem Eefamilljenhaus, ënner bestëmmte Konditiounen, dat huet mat Gréisst ze dinn, dat huet mat Accessibilitéit ze dinn, ginn et Subventiounen, fir kënnen e Logement intégré ze maachen.

Dat heescht, déi national Wunnengsbaupolitik vum deemolege Logementsminister Henri Kox huet de Logement intégré als een, wann och klengt Mëttel gesinn, fir géint d'Wunnengskris virzegoen. Zu Esch huet den zoustännege grénge Bauteschäffe Martin Kox de Contraire gemeet, andeem hien de Logement intégré, wéi mer elo wëssen, op eng illegal Aart a Weis verbueden huet.

Wou do d'Koherenz vun der Politik ass, déi Fro, mengen ech, kann ee sech ganz berechtegterweis stellen.

Elo ass dann an der, an dem, an der Ëmkéierung vum Saulus zum Paulus gëtt dann elo unerkannt, jo, dat mat deenen 10.000, dat war effektiv e bëssen iwwerdriwwen. An et ass och net schlëmm, well et ass keng grouss Demande ginn déi lescht dräi Joer, wou ech mer soen, mee wann ech weess, datt eppes verbueden ass, da maachen ech dach keng Demande.

Also, ech mengen, wann ee wierklech seriö ass, kann ee soen, datt dee Logement intégré warscheinlech e puer Dosen Haiser betrëfft. Déi genau Zuel, ech wëll mech och net aventuréieren, mee dat ass absolutt iwwerschaubar.

An et bedeit och, datt all déi Leit dat musse wëllen, de Proprietär muss dann och wëllen a sengem Haus e Logement intégré ze hunn, soudatt ech mengen, datt mer ganz gutt domadder dinn, an datt ech de Schäfferot doranner ënnerstëtzen, hei net an Appell ze goen.

Nawell stellt sech awer d'Fro, wat geschitt dann elo. Dee PAP Quartier existant, muss deen nach eng Kéier duerch de Gemengerot? Wann dat sou ass, mengen ech, da sollte mer déi Prozedur sou séier wéi méiglech entaméieren.

An ech hu mech de Moien, wéi ech dat hei och nach eng Kéier kuerz probéiert hunn, mer anschaulech ze maachen, hunn ech mech dofir och immens gewonnert, datt, wann een op de Site vun der Escher Gemeng geet, nach ëmmer de selwechte PAP Quartier existant, mat deenen zwee Artikele 34.1. an 51, a senger Originalfassung, wéi en 2021 votéiert ass, um Site vun der Escher Gemeng ass.

An dat mannst wier awer, mengen ech, datt een déi Ännerungen, déi vum Geriicht verlaangt sinn, och direkt op deem, op deem betreffenden Dokument mécht. Well soss si mer wierklech an der Irreféierung vun de Bierger, wat, mengen ech, net am, an dësem, am Zil vun eis alleguerte ka sinn.

Ech hoffen, an domat wëll ech ofschléissen, no deene puer Froen an Explikatiounen, déi mer warscheinlech elo nach kréien. Ech hoffen, datt déi, dee Wee, dee virun engem Joer an der Logementspolitik ageschloe ginn ass, datt dee Wee weidergefouert gëtt vum Schäfferot, an Zesummenaarbecht, sou wéi et geplangt ass, och mat der Oppositioun.

Well ech mengen, datt mer op deem dote Wee weesentlech méi séier a weesentlech méi effikass virukommen, wéi an der Philosophie vun 2021, wou d'Geriicht, wou de Schäfferot en plus elo nach vum Geriicht gesot kritt hunn, datt dat illegal war. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Da reagéiert als éischt de Schäfferot, duerno de Conseil.

Et ass mer opgefall, dass der an Ärer Demande vu verschiddene „Suitte“ geschriwwen hutt. Dir hutt d’Wuert „suites“ mat „s“ benotzt hannen am Pluriel, an dat huet fir mech drop higewisen, dass Der Iech bewosst sidd, dass et eng ganz Rëtsch vu verschiddene Suitte gouf, nodeems dat Urteel da pronocéiert gouf.

Erlaabt mer awer, éier dass ech zu de „suites à donner“ kommen, nach eng Kéier op déi Suitten aginn, déi tëschent dem Juli an der Decisioun vu Juli an haut alleguerte geschitt si souwéi de Kontext, well Dir dee jo dann och ugeschwat hutt.

De 5. Februar 2021 huet den Escher Gemengerot, mat de Stëmme vun der Majoritéit, den neie PAG, des quartiers, PAP Quartier existant an e Bautereglement ugeholl an ofgestëmmt.

De PAG an d’Bautereglement goufe vum Inneministère a senger Integralitéit approuvéiert. Fir de PAP Quartier existant huet d’Inneministesch Bofferding am Oktober 2021 eng Approbation partielle ginn.

Dee Moment ass, dat hutt Der och erkläert, sinn d’Passagen erausgeholl ginn, déi tatsächlech mat de Colocatiounen, verschidde Reglementatiounen, kee Verbuet, mee verschidde Reglementatioune par rapport zu de Colocatiounen, déi sinn dunn net approuvéiert ginn an déi sinn duerno och automatesch gestrach ginn. Dat war dunn dee Moment d’Prozedur.

Par contre déi ganz Fro vum Logement intégré, déi gouf och herno sou approuvéiert am Februar 2022 vum Inneministère, an am Mäerz 2022 hu mer dunn de PAP Quartier existant publizéiert.

Et gouf géint d’Deliberatioune vum Gemengerot betreffend de PAG an de PAP Quartier existant an och den Decissioune vun der Inneministesch, well d’Urteel war net eleng géint d’Gemeng, mee och den Inneministère huet sech misse verteidegen. Viru Geriicht gouf et entre-temps zéng Recoursen, an et ass deen eenzegen, well deen heiten, wou wierklech de Logement intégré a senger Form a Fro gestallt gouf.

Bis elo gouf et siwe Mol eng Decisioun um Tribunal administratif an eiser Faveur, ee Mol en faveur vun der Klägerin – dat ass hei de Fall –, an zwee Recourse waarde mer nach op d’Decisioun.

Wéi da gesot, et gouf zwee Urteeler. Eent vum 25. Juli 2024, an hei huet och déi drëtt Kummer vum Tribunal administratif befonnt, dass de Recours géint de PAG mat alle Mesurë fir de Schutz vum Eefamilljenhaus a géint d’Approbatioun vun der Inneministesch net justifiéiert ass.

Well tatsächlech ass et jo net sou, dass mer just am PAP Quartier existant Elementer dran hunn, déi de Schutz vum Eefamilljenhaus betreffen, mee mir hunn déi à la fois am PAG, am PAP Quartier existant an am Bautereglement. An hei huet d’Geriicht confirméiert, dass eeben déi Passagen am PAG net a Fro gestallt sinn.

Den Dag drop ass definéiert ginn, huet ... de 26. Juli koum dat zweet Urteel. An hei gouf jo net aus enger politescher Iwwerleeung eraus vum Geriicht decidéiert, dass dat falsch wär.

Mee d’Geriicht huet gesot, et ass esou, dass eng Gemeng an hir Reglementer keng aner Definitioun méi däerf schreiwe wéi déi, déi wou op engem nationalen Niveau definéiert sinn. An dozou zielen och d’Reglement grand-ducauxen. Dat ee Punkt vun der Diskussioun.

Et ass elo kloer, dass eeben all d’Gemenge mussen an hire Reglementatiounen d’Definitioune vum nationalen Niveau

iwwerhuelen. Et ass d'ailleurs och vum Inneminister direkt no dem, nodeems dass den Appell ofgelaf ginn, ofgelaf ass, den Delai fir den Appell, ass eng Nott un alleguer d'Gemengen erausgaangen, e Circulaire un alleguer d'Gemengen, dass se alleguerten iwwerpréiwe sollen, dass dat och bei hire jeeweilege Reglementatiounen dat de Fall ass.

An dat bedeit fir eis, dass mer eigentlech zwee Artikele mussen upassen. Deen een, dee beseet eeben, dass, wou drasteet, dass am Logement intégré, dass an dem Eefamilljenhaus kee Logement intégré ka kommen, dass drasteet, dass déi gréng Markéierung, de Plang vun der grénger Markéierung, dass déi net méi zielt, awer op Hisiicht op de Logement intégré, an dass et och net méiglech ass méi, fir eng Activité libérale an engem Eefamilljenhaus ze installéieren, wat bis elo mat eiser Definitioun nach méiglech war.

E Pourcentage, e Pourcentage, wou een net méi dierf maachen.

*(Divergenz säitens dem Här Baum)*

Aner Mesurë sinn awer weiderhin erhale ginn an alleguer deenen aneren Dokumenter.

Sou an elo wëll ech op d'Suitte komme vum Jugement. An do ass, geet et direkt ... eng Suite war einfach d'Informatioun, déi da souwuel duerch d'Press, souwuel duerch eis als Gemeng komm ass – och ech a mengen Interviewen hätt vläicht méi missen dorobber agoen –, wat eigentlech net ëmmer bei de Leit ganz ukomm ass.

Dat war nämlech de Prinzipp, dass elo net egal wéi ënner alle Konditiounen e Logement intégré méiglech ass, mee dass et awer ganz kloer Konditioune ginn, déi nach ëmmer festgehale sinn an deenen anere Reglementatiounen, ënner wat fir Konditiounen dann iwwerhaapt esou e Logement intégré installéiert ka ginn. Woumadder schonn eng ganz Rëtsch vun deene 4.500 Haiser, déi genannt goufen, och tatsächlech ewechfalen.

Dowéinst muss ech Iech soen, wéi mir hei souzen deemools viru Joren an déi Zuel genannt ginn ass vun deenen 10.000 zousätzlechen Awunner – dat hunn ech och an der Pressekonferenz gesot. Dat war näischt, wat mech elo onbedéngt dozou gedroen huet, fir déi Decisioun ze huelen, well et fir mech eng Prinzippiendecisioun war, awer keng Angscht, dass elo op eemol géingen eis Stroossen iwwerschwemmt ginn. Dat ass nach eng Klamer, mee tatsächlech ass, ass eeben dee Message, vläicht hu mer deen och net selwer genuch kommunizéiert.

An dann huet d'Politik reagéiert. D'Majoritéit, déi huet reagéiert an huet gesot, mir mussen als éischt elo mol déi Konsequenzen analyséieren a mer musse se diskutéieren. Ech hunn erstaunlech fonnt, dass d'Oppositioun relativ schnell hir Konklusioune konnt zéien a relativ schnell konnt, konnt schéissen, soen ech elo mol.

Ech hat e ganz interessant Gespréich mat enger Journalistin oder engem Journalist, deen och d'Oppositioun interviewt huet an dee mech gefrot huet: Ech verstinn net wierklech d'Argumentatioun vun der Oppositioun. Wat ass hire Problem? Ech hunn d'Urteel gelies, ech hunn d'Matière gelies, awer hunn d'Argumentatioun nach net ganz verstanen.

A virun allem eng Formulatioun, déi ëmmer erëm komm ass, déi huet vill Froen opgeworf. Dat war déi Formulatioun, dass d'Majoritéit de Leit wéilt virschreiwen, wéi se doheem mateneen zesummen ze liewen hätten – an dat stéisst mer e bësse schlecht op. Well et wierklech par rapport zu dësem Sujet en

Hors-Sujet ass. Dat ass net d'Fro vun dësem Urteel gewiescht, dat ass net de Sujet, wann et ëm dës Reglementatioun hei geet, wou mer unzepassen hunn.

Et ass nämlech eng Vermëschung, an dat ass och elo e bëssen ugeklongen. Et ass nämlech eng Vermëschung vun zwee verschiddenen Elementer. Dat eent Element, dat ass d'Element vun de Wunnengstyppen, an dat anert, dat ass d'Element vun de Wunnformen.

An dat war och schonn de Problem 2021. Do ginn ech zou, dass mer do nach déi Fro vun de Colocatioune mat erageholl haten an de PAP Quartier existant an dass mer dozou bäigedroen hunn zu där Vermëschung tëschent Wunnformen a Wunntyppen. Mee déi ass elo guer net méi ginn. Déi ass elo guer net méi ginn déi Fro an dowéinst solle mer och elo kloer ënnerscheeden an eisen Diskussiounen tëschent Wunntyppen a Wunnformen.

E Wunntypp, do ënnerscheet een tëschent Eefamilljenhaiser an Appartementer, z.B. awer och e Logement intégré ass e Wunntypp, deen eeben zousätzlech, en Appartement zousätzlech an engem Eefamilljenhaus ass. An dorëms geet et am Urteel.

D'Prise de position vun der Oppositioun hunn awer oft op d'Wunnformen ugespillt. Et ass gaangen ëm Colocatiounen, et ass gaangen ëm d'Chambres mises à disposition an dass mir déi wéilte weider aschränken a weider wéilte matschwätzen, wat an den Haiser geschitt, wat am Stot geschitt. An dat ass wierklech kee Sujet, dee mat dësem Urteel hei à ce stade ze dinn huet.

An dozou steet och näischt méi, zu de Wunnforme steet och näischt am PAP Quartier existant, wat een elo och nach iergendwéi kéint hei diskutéieren, a Fro stellen, an dat ass och net dat, wat mer als Majoritéit wëllen.

Et ass nämlech eis Kompetenz vun der Gemeng eng baulech Reglementatioun virzeginn. Et ass eis Kompetenz vun der Gemeng, d'Kontrollen, ze kontrolléieren, ob déi national a lokal Reglementatioun par rapport zu Konstruktioun, Salubritéit, Viabilitéit etcetera ginn ass. Genee wéi et eis Kompetenz ass, matzedéfinéieren, wéi eng Aktivitéite wou an der Stad an a wéi engem bauleche Kader däerfe fonctionéieren. An ob een eleng, zu zwee, als Partner, als Frënn, Bekannten oder Onbekannten zesumme wunnt, wëlle mer guer net reglementéieren.

A fir verschidden urban Legenden, déi zanter Joren undaueren, dann awer och hei aus der Welt ze schafen, wëll ech awer e puer Zuelen duerleeën. An der Stad Esch gëtt et an all Quartier, ausser dem Zaepert, Colocatiounen. Am Ganzen sinn 191 gemellt Colocatiounen zu Esch, an deenen 744 Persoune wunnen. 74 vun deene Colocatioune sinn an Eefamilljenhaiser. Dat mécht 1,6 % vun allen Eefamilljenhaiser aus, wat Colocatioune sinn.

An eng aner Wunnform, an déi gëtt oft verwiesselt mat Logement intégré oder mat enger Chambre meublée; dat ass d'Chambre mise à disposition. Also, wou e Stot, eng Persoun kann eng oder aner Pers, oder méi Persoune bei sech kann doheem ophuelen an eng Kummer entweeder ubidden, och gratis kann zur Verfügung stellen. Där hu mer och zu Esch. Dat ass, laut nationalem Gesetz muss een dat och bei der Gemeng mellen, an där hu mer 162, 99 Mol an Eefamilljenhaiser.

An do sinn eng ganz Rëtsch Vermëschunge geschitt, well d'Matière och komplex ass, well d'Matière wierklech komplex ass. An ech muss lech och soen, éier ech Buergermeeschter war, hunn ech mech och ni esou doranner geknéit an déi verschidden Typpen, wéi elo zu dësem Moment.

A mir kéinten Iech elo fir all Quartier opschlësselen, wéi vill Eefamilljenhaiser mer hunn, wéi vill Appartementer hunn, wéi d'Wunntyppen, d'Wunnforme sinn. Do hunn eis Urbanisten e ganz interessant Dokument ausgeschafft, an ech proposéieren och, dass mer dat an enger Kommissioun dann eng Kéier virleeën an zesumme kënnen diskutéieren.

Genausou wéi mer och nach eng Kéier den Observatoire social kënnen huelen, well do ginn et jo och Informatiounen iwwer d'Loyerspräisser an Esch. An do wëll ech ze bedenke ginn: Jo, de Loyer ass geklommen. Et ass awer och interessant ze analyséieren, a wat fir engen Deeler vun Esch de Loyer geklommen ass.

Ech hunn dat elo net gemaach, mee dat war eigentlech déi nächst Reflexioun par rapport zu Ärer Reflexioun, Här Baum, fir ze kucken, a wat fir enge Quartieren ass da wierklech de Loyer explodéiert. Ass dat éischter an den neie Quartieren oder op deene Plazen, wou nei Appartementshaiser gebaut ginn, oder ass dat am bestoende Raum.

Et gouf och sou vun der Oppositioun duergestallt, wéi wa mat der Interdictioun vum Logement intégré d'Majoritéit gäre wéilt dem accessibele Logement entgéintwierken. An ech mengen, Dir hutt dat och gesot, dass dat absolutt net de Fall ass. Mir sinn als Gemeng ganz engagéiert, wann et ëm Logementspolitik geet.

Eleng als Promoteur an als Baileur social hu mer decidéiert, iwwer 400 zousätzlech Sozialwunnengen an eise Parc locatif ze integréieren an den nächste Joren. An et ass och esou, dass mer op all Territoire, dee mer hunn, weider Wunnraum wëllen entstoe loossen, fir zukünfteg Proprietären a Locatairen, déi net ënner d'Konditioune vum Logement social falen.

Eleng an de PAPen, déi scho gestëmmt sinn, gesi mer vir, dass 2.941 nei Wunnunitéiten um Escher Territoire wäerten entstoen. An d'Schémas directeurs, do si mer bei 6.123 Unitéiten. Dat ass eng richteg Logementspolitik, déi en faveur ass vum accessibele Wunnraum. A Logement intégré ass vläicht e minimen Deel dovunner, eng Drëps op de waarme Steen, wéi Dir selwer gesot hutt, Här Baum, mee dat heiten ass de richtege Wee vun der Logementspolitik.

Sou, an dann déi drëtt Suite vum Urteel. Dat war als éischt emol, dass mer eis Analysen an och Diskussiounen an de Parteien haten. Mer hunn eis nach eng Kéier gefrot, ob dee Schutz vum Eefamilljenhaus, sou wéi mer en och an de Koalitiounsaccord ageschriwwen hunn, ob dat awer fir eis nach e wichtegt Element ass, awéiwäit mer bereet sinn, opgrond vun deem Urteel elo Aschnëtter ze maachen.

An hei si mer zu der Konklusioun komm, dass mer deen awer net a Fro stellen, well mer och weiderhi wëlle jonke Familljen, an am Idealfall jonken Escher Familljen d'Méiglechkeet wëllen erhalen, en Eefamilljenhaus um Escher Territoire kënnen ze fannen, an dofir eng Offer vun dësen Haiser op dësem Territoire muss erhale ginn.

Well och weiderhi jonke Familljen, an am Idealfall jonken Escher Familljen, d'Méiglechkeet wëlle ginn, sech en Eefamilljenhaus um Escher Territoire kënnen ze leeschten, an dofir mat enger Politik, wou net all Form vun Zerstéckelung méiglech ass, géint d'Spekulatioun an domadder eng zousätzlech Präishausse wëllen uwierken.

Awer och well mer d'Notioun vun der Qualitéit vum Wunnraum iwwer d'Notioun vun der Quantitéit vum Wunnraum setzen. An Dir kennt jo verschidde Quartieren hei an Esch an Dir wësst, wéi d'Situatioun ass

a verschiddenen Haiser, dass d'Qualitéit grad am Zentrum a grad am bestoende Wunnraum vun Esch muss verbessert ginn. An dowéinst do nach weider Ënnerdeelungen anzeféieren, dass dat net am Interêt ass, virun allem net vun de Mënschen, déi hei wunnen.

A mir wëllen, dass d'Liewensqualitéit an de Quartieren net wéinst méiglechem Wunnraum op d'Spill gesat gëtt, dass mer weider mussen den Accès zu all eise Servicer beschtméiglech garantéieren a mer och eis Infrastrukturen net däerfen iwwerfuelen, iwwerfuerderen.

Maja, a well déi zwee Urteeler zwar een Deel vum PAP Quartier existant a Fro stellen, awer all aner Mesuren, déi am PAG festgehale sinn, all aner Mesuren, déi am PAP Quartier existant festgehale sinn an am Bautereglement festgehale sinn, well déi awer net a Fro gestallt sinn a well och allgemeng d'Politik net a Fro gestallt ass vum Geriicht – wat jo och net hir Kompetenz an hir Aufgab hei war –, dowéinst fanne mer eigentlech, dass déi Elementer confirméiert goufen a groussen Zich an dass mer awer nach all déi technesch Krittären hunn, fir kënnen zwar à la fois de Logement intégré ze akzeptéieren an hinzehuelen, an awer sou ze kontrolléieren, dass se en net explodéiert.

Well tatsächlech zielen, dat hunn ech elo scho puermol gesot, verschidde Konditiounen ze respektéiere sinn. Et brauch een eng Baugeneemegung, et kann een net ouni Autorisatioun eppes bauen, et däerf ee keng Eefamilljenhaiser einfach oprappen, wann een dat, wann ee Loscht dozou huet.

Et däerf een ... et ass net an all Haus d'office méiglech, Logement intégré ze maachen, an et wäert och net zu enger Explosioun komme vu verschiddene Wunnquartieren, sou wéi dat vläicht zu engem Moment vun eenzele Leit, awer net vu jidderengem gesot gouf.

An da kommen ech zum leschten Deel, dat ass déi administrativ Suite, déi elo virun eis läit. Et ass esou, dass tatsächlech eis Juristen, eis Urbanisten, grad mat de Juriste vum Interieur amgaange sinn, fir d'Upassunge vum PAP Quartier existant virzehuelen, fir déi ze schreiwen, anstänneg ze formuléieren an dass se dem Urteel Rechnung droen.

Et ass esou, dass mir do gëschter eréischt eng definitiv Äntwert krute vum Interieur, dass mer net nach eng Kéier mussen duerch déi ganz PAP-Prozedur, oder déi ganz PAP-Quartier-existant-Prozedur musse goen, mee dass mer eigentlech do de Moment mussen ophalen, wou dann, wou dann de Vott war, de leschte Vott war vun eis am Gemengerot.

Mir wäerten elo nach eng Kéier Upassunge maachen an deem Sënn, dass déi gréng Gra, de gréngе Graphique, deen um PAG läit, um PAP Quartier existant, dass deen nach eng Kéier sou formuléiert gëtt, dass et kloer ass, dass e Changement d'affectation soll weiderhi verbuede ginn.

An da kënne mer eigentlech schonn an den nächste Wochen, vläicht souguer schonn am nächste Gemengerot fir deen Deel, fir déi kleng Upassung, hei an de Gemengerot kommen, woumadder dann d'Äntwert, d'Deliberatioun op den Interieur schécken, wou mer dann den neie PAP Quartier existant kënne publizéieren.

Ech krut grad e Message, wou gesot ginn ass, dass um Internetsite tatsächlech nach de PAP dropsteet, PAP Quartier existant, well dat de leschten ass, dee gestëmmt ass. Entweeder huele mer e ganz erof oder mer loossen e ganz drop stoen, mee mer huelen net, mer fänken net un, do Saachen erauszeschreiwen, déi net ofgekläert sinn an net virdrun hei duerch de Gemengerot gaange sinn an net approuvéiert goufe vum Inneministère. Do gëtt et, do gëtt et och keen Mélange.

An da mengen ech, an dës Majoritéit ass iwwerzeegt dovunner, dass mer tatsächlech hei e PAP kënne presentéieren, an deene PAP Quartier existant Modifikatioune kënne presentéieren, déi à la fois zwar ënner verschidde Konditiounen Logement intégré zouléisst, wou och alternativ Wunnforme géintiwwer oppen ass an oppe bleift, a gläichzäiteg weiderhin de Bestand vun den Eefamilljenhaiser awer duerchaus ka schützen.

Elo géing ech d'Diskussioun ... wann nach ee vum Schäfferot eppes wëll dorunner hänken, da froen ech, wie vun de Parteie wëll schwätzen.

Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, vläicht ganz kuerz just. Villmools merci, Här Baum, fir deen Exkurs an am Fong an engem e bëssen traurege Moment vun der Stad Esch, wéi eng Affär et hikritt huet, fir d'Leit op d'Strooss ze kréien, wou all Jugendorganisatiounen zesummen do en Opruff gestart hunn, fir hirem Mëssmutt e bësse Loft ze maachen oder vill Loft ze maachen.

Wat huet am Fong ... wat och eng gewëss Reaktioun augeléist huet, awer net onbedéngt bis hannenhinner.

Ech denken, dass mer hei virun allem, an ech ginn Iech Recht, Här Weis, net hei iwwer Wunnforme solle schwätzen, mee ëm Wunnengen u sech.

Dir schreift an Ärem Koalitiounsaccord, dass Der de PAG wéilt opmaache fir alternativ Wunnformen, mee awer och Wunnstiler ze vereinfachen. An da gitt Der do d'Beispill vun Tiny Houses.

Also, mir sinn hei zu Esch, an ech gesinn elo definitiv net, wou mer elo nach en Trailerpark iergendwou géifen hikréien, mee Logement intégré ass awer eppes, wat an eisem gewuessene Raum awer eppes ass, wat eng alternativ Wunneng kéint duerstellen.

Notamment wou mer wëssen, dass mer, A, vill Jonker hunn, déi op der Wunnengssich sinn, dat heescht, déi op klenge Wunnenge sinn.

Vill vun Iech, déi op der Uni waren, hunn och vläicht bei enger aler Persoun an der Zäit sou an Untermiete gewunnt, wou awer eng flott Form war fir ...

*(Divergenz säitens dem Här Cavaleiro)*

Här Cavaleiro, dach, dach. Et ass genau dat doten.

An dofir ass et jo am Fong einfach, well et e baulech, eng Moossnam ass, wou Der en plus nach de Garde-fou hutt mat der Baugeneemegung. An et ass jo net den Déngen. Dir kommt ëmmer mat der Zerstéckelung vun der, vum Eefamilljenhaus. Et ass jo awer och offensichtlech, dass, A, duerch déi Baugeneemegung dat ka verhënnert ginn, wann op eemol eng zweet Entréesdier muss an d'viischt Fassad gesat ginn, wat jo manifestement dat Haus verschampelt.

Dat heescht, et si schonn net egal wéi eng Haiser dofir virgesinn. Mee trotzdeem solle mer eis ... an ech mengen, do hu mer awer elo de Konsens, dass méiglecherweis keng 4.000 Leit dat dote wäerten an Usproch huelen. An awer. A wann et nëmmen déi Dräps op de waarme Steen ass, wou mer vläicht eng 50 Studenten ënnerkréien oder 50 jonk Leit op der Wunnengssich ënnerkréien an en, an eng ganz agreabel Wunneng, dann denken ech, datt een dat soll huelen.

Ech mengen, den Här Weis huet elo d'Ouverture gemaach. Ech mengen, mir hunn, ech mengen, do si mer um richtege Wee.

Mee eng zweet Fro, déi sech fir mech elo nach stellt, dat ass: Mir sinn am Moment trotzdeem an engem Flou administratif. Dat heescht, d'Geriichter hu geschwat, mir hunn, wéi nach virdru just gesot ginn ass, den ale PAG an den ale PAP Quartier existant um Internet stoen. Wéi eng Uweisunge kruten d'Beamte vum Biergeramt, respektiv vum Bautebüro, wéi se elo sollen déi dote Situatioun händelen?

Ech weess, dass deemools tëschent dem éischten an dem zweete Vott, wou am Fong och sou eng Aart Flou administratif gehändelt huet, geherrscht huet, kloer Uweisungen un d'Beamte gaange sinn, fir déi dote Situa ... also fir den deemolegen éischte Vott schonn ëmzesetzen.

Dofir géif ech mech froen, ob Uweisungen un d'Beamte gaange sinn, well déi musse jo wëssen, wéi se elo déi dote Situatiounen händelen, wann elo eng Baugeneemegung an déi do Richtung erakënnt, wéi se dat sollen händelen.

Villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Madamm Weyrich huet d'Wuert. Oder den Här Bermes.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Här Buergermeechter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert elo net op d'Suitten agoen. Ech mengen, dat huet den Här Weis schonns gemeet, mee empfannen awer, datt een dat Ganzt an d'Vergaangenheet kucken. An zwar eng Vergaangenheet e bësse weider, wéi den Här Baum ugeklongen huet. An dorobber muss een agoen.

De Schutz vun dem Eefamilljenhaus ass jo keng nei politesch Diskussioun, mee entretemps elo scho säit iwwer 20 Joer e fest Element an der Stadentwécklung- an an der Logementspolitik.

2004 gouf ënner enger LSAP-déi gréng-déi Lénk-Koalitioun d'Bautereglement sou adaptéiert, dass keng Zerstéckelung vun Eefamilljenhaiser an de Secteuren Al Esch a Brill méi méiglech ass.

Dat neit Beitrug, dat neit Bautereglement, dat deemols vum Schäffen Hinterscheid presentéiert gouf, war an deem Sënn eng Zort vu Virgänger vun der Interdictioun vun de Logements intégrés, well eeben ab deem Moment esou e Logement net méi méiglech war an den Haiser.

2018, dunn ënner enger CSV-déi gréng-DP-Koalitioun, huet déi proposéiert, dës Interdictioun vum Zerstéckelung vun Eefamilljenhaiser a ganz Esch ze erweideren. Ech erlabe mech, aus der Gemengerotssëtzung vum 9. Februar 2018 ze zitéieren:

„Stierft zum Beispill eng eeler Persoun, där en Eefamilljenhaus gehéiert huet, verkafen d'Ierwen dann oft net un den Héchstbiddenden, an dat ass oft net eng jonk Famill, déi en Eefamilljenhaus mat engem Gaart sicht, mee éischter e Bauhär."

„Déi Décisioun vun 2004 huet deemols och sécherlech dozou gefuer, gefouert, dass et en Impakt op d'Logementspräisser konnt kommen. Ech mengen, et ass awer e ganz positiven Effekt komm an deem Sënn, datt zumindest d'Präisser net sou schnell geklomme sinn a mer konnten zu enger mat héijer Liewensqualitéit bäidroen."

„Perséinlech muss ech soen, dass et gutt, dass ech et gutt fannen, dass Eefamilljenhaiser am Zentrum och Eefamilljenhaiser bleiwe mussen. Well soss wären déi ganz séier, soss wären dës ganz séier fort an domadder wär et schwiereg, fir Jonker a grad jonk Familler hei zu Esch, op Esch ze kréien."

Dat ass zwar eng gutt Argumentatioun fir Eefamilljenhaiser, datt Eefamilljenhaiser sollen Eefamilljenhaiser bleiwen, awer dat waren net d'Wierder vun den Häre Mischo, Knaff oder Kox, mee et waren d'Wierder vun der LSAP-Fraktiounsspriecherin Taina Bofferding.

A sou gouf mat de Stëmme vun der Majoritéit en place a mat de Stëmme vun dem gréissten Deel vun der LSAP, also vun der Majoritéit vun den LSAP-Conseilleren an de lénke Conseilleren d'Bautereglement esou adaptéiert, an dat ass, dass an Esch keng Zerstéckelung méi méiglech ass vun Eefamilljenhaiser.

Schlussendlech gouf dann d'Reform, an ass jo do, wouvun den Här Baum geschwat huet, vum PAG a vum PAP Quartier existant a vum Bautereglement proposéiert. An dës Mesuren an aner Mesurë fir de Schutz vun Eefamilljenhaiser goufen dann ageschriwwen.

Am Koalitiounsaccord ass et kloer ageschriwwen, dass dës Majoritéit och weiderhin zum Schutz vun Eefamilljenhauser steet. An och d'CSV ass dofir a setzt sech a fir de Schutz vun Eefamilljenhaiser.

Mir sinn awer bereet, a muss jo och en Urteel akzeptéieren. A virun allem dëst Urteel, wat u sech dem Prinzipp vun der, dem Prinzipp net Onrescht deet an eng ganz Rei, wéi den Här Weis och schonns gesot huet, d'Mesuren, fir Eefamilljenhaiser ze schützen, jo confirméiert huet.

Wat d'Suitten ugeet, erwaart sech d'CSV, datt de Schäfferot sech weiderhi fir d'baulech Krittäre fir e Logement intégré festhält, un de bauleche Krittäre fir de Logement intégré festhält an de Changement d'affectation fir Eefamilljenhauser och weiderhin duerch de PAG an de PAP vum Quartier existant onméiglech mécht.

An ech erlabe mer am Numm vun der CSV dofir och an deem Sënn eng Motioun ze proposéieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Dann deele mer d'Motioun aus. An dann huet den Här Schmit d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools, Här Buergermeeschter. Wéi gesot, d'Logementspolitik, d'Sozialpolitik hei zu Esch ass, ass natierlech e ganz sensibelt Theema. An 2021 natierlech, wéi dat hei, wéi de PAP gestëmmt ginn ass, ware mir nach net dobäi.

Ech muss soen, ech hu mer e bësse Gedanke gemaach iwwer déi Saach a versicht och, Informatiounen doriwwer ze sammelen, wéi dat an der Vergaangenheet den Dossier hei traitéiert ginn ass. An ech sinn awer op déi Konklusioun komm, datt déi, déi, dee Punkt, wou gefrot ginn ass vum Här Baum, hei op den Ordre du jour ze maachen, trotzdeem eng gewëss Pertinence huet.

An ech gesinn och net an, vu que datt eng Logementsform méi ... also déi Logements intégrés hunn trotzdeem d'Tendenz, d'Offer, wann och nëmme liicht, vun de Wunnengen an d'Luucht ze schrauwen an domat e gudde Effet éischter op Esch hätten, wéi en negativen ze erwaarde wär.

Also géifen, géife mir dann hei och soen, datt dat ze begréissen ass am Fong geholl, datt een, datt kënne Logement-intégréen proposéiert ginn an och genotzt ginn. Am Sënn vun der Fräiheet, och vun der individueller Fräiheet fanne mer dat am Fong geholl eng gutt Entwécklung a mir géife soen, datt mer ganz averstane sinn an den Urteel vum Geriicht hei éischter begréissen.

An ech hoffen och, datt dann d'Gemeng op de Wee geet, an dee Wee geet, fir dat net wëllen nach iergendwéi, solle mer soen, künstlech trotzdeem ze begrenzen. Mee an deem Sënn, wou déi, déi Restrictiounen, solle mer soen, wou déi Obligatiounen agehale gi vun de Leit, wou jo déi Preacquise bekannt sinn, fir kënnen e Logement intégré ze maachen an och besetzen ze kënnen, wann déi erfëllt ginn, datt mer déi am Fong geholl keng, net versichen, eng Oppositoun dogéint ze maachen, mee datt mer dat esou akzeptéiere sollen. Well dat am Sënn am Fong geholl vun den Escher ass an och vun der schwiereger Loyerssituatioun, déi wou mer hei hunn.

A wann dat och nëmmen eng Drëps ass, geet dat trotzdeem, menger Meenung, an déi richteg Richtung. A mir sollten eis net dogéint spären. Mee mir gesinn dat och esou, mer sollten dat am Fong geholl elo unhuelen, ëmsetzen an, wann et geet, a räsonabele Moosse favoriséieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Bermes huet nach eng Kéier eng Ajoute.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Entschëllegt, ech wollt just soen, eng kleng Rektifikatioun. Ech hat elo mengen ech gesot, just vun der CSV wär déi Motioun. Déi ass natierlech vun der CSV mat de Koalitiounspartner, dat heescht, vun der ganzer Majoritéit.

Entschëllegt fir déi kleng Inprezisioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes, fir d'Prezsioun. D'Madamm Weyrich huet d'Wuert.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Merci. Den Här Weis huet jo elo genau erkläert, ëm wat et bei dësem Urteel geet, an och, dass een hei oppasse muss, dass ee wierklech keng Äppel a Biere vermësche soll. Mee et ass ee Punkt, op deen ech nach ganz kuerz wëll agoen, deen e bëssen aus dem Bléck geroden ass bei där ganzer Diskussioun.

Ech wëll dofir ganz kuerz aushuelen an en en Artikel vu gëschter an der Zürecher Zeitung hiweisen, deen d'Problematik nämlech vum AirBnB erkläert huet nach eng Kéier. An do ass et jo och ufanks ëm eng zimmlech gutt Saach gaangen. Et sollt dodrëms goen, matten an enger Stad ze iwwernuechten, an engem Zëmmer oder an enger Wunneng, déi vun engem „Local" fir wéineg Geld zur Verfügung gestallt gëtt.

Dat kléngt no enger zimmlech gudder, no engem coole Konzept, mee wat ass elo hautzudaags dorauser ginn? Ma aktuell kafe grouss Enteprisen d'Wunnengen, ma ganz Gebaier op an de grousse Stied. Se maachen domadder net nëmmen de Wunnengsmaart futti, mee verdéngen sech och eng gëllen Niesschen domadder.

An dat, well et net richteg reglementéiert ginn ass an och well d'Kontroll sech als zimmlech

schwiereg erwisen huet. A genau dat ass et jo, wat verhënnert soll ginn hei zu Esch.

Och wann et op den éischte Bléck sech beim Logement intégré ëm eng idealistesch gutt Saach handelt, musse vu vir eraus streng Reegelen dofir opgestallt ginn. Am Vierdergrond soll et nämlech ëm de Schutz vum Wunnengsmaart, vun der demografescher Verdeelung an eiser Stad, a virun allem ëm de Schutz vun de Bewunner vun eiser Stad stoen.

Déi Reegele sinn nämlech genau dofir, dass déi Wunnkonditioune vu genau deene geschützt ginn, déi net Proprietär sinn. Et geet dëser Majoritéit nämlech net dodrëms, d'Schafung vu Wunnraum ze verhënneren, mee ganz am Géigendeel.

Et geet hei dodrëms, Spekulatiounen a Geldmaacherei vu verschiddene Leit ze verhënneren. Et geet hei drëms, net déi verschidde Wunnformen ze verbidden, wéi mer elo héieren hunn, mee déi verschidde Wunntyppen ze reglementéieren.

An et geet hei drëms, an dat ass dat Wichtegst, déi Leit ze verteidegen, déi sech vläicht keen Affekot leeschte kënnen, fir viru Geriicht ze zéien an duerno och nach an Appell ze goen, mee deene Leit, déi net sou vill hunn, eng gutt Wunnsituatioun ze garantéieren.

Et geet hei drëms, d'Locatairen ze schützen, an net, dass Proprietären an Entrepreneuren déi grouss Sue mat der Wunnengsnout hei zu Esch maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Weyrich. Gëtt et nach eng Wuertmeldung? Den Här Tonnar huet d'Wuert.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Also mir fannen et e bësse komesch, dass Der sou laang Zäit gebraucht hutt, fir ze realiséieren, dass Der falsch léingt. Den Här Baum huet et erkläert, an et ass widderhuel ginn, wéi vill mol.

Ech ka mech erënneren, mer sinn an de Gemengerot komm, do war d'Maniff hei ënnen. Dat huet Iech awer séier wéineg gestéiert, well Dir hutt riicht weider dee Prozess gefouert. Dir hutt net emol dann en Avis gefrot. Ech huelen awer och un, dass Äre Jurist gesot huet, dat do steet op wackelege Been. An dass et huet misse komme bis zum Urteel. Dat fanne mer net normal.

An dann op eemol no deem Urteel gëtt op eemol gesot, majo, dann ass dat eebe sou – et ass elo e puermol widderholl ginn. Deen ee seet, mer verléiere keen Zack aus der Kroun, deen anere seet, majo, dann huele mer dat sou un. Et huet awer wierklech misse bis dohinner kommen.

An et ass och net ... ech wollt der Madamm Weyrich awer äntwerten. Ech mengen, dass hei d'Oppositioun awer kaum elo am Schutz fir de Proprietär wier an dass Dir elo de Monopol hutt, fir d'Locatairen ze schützen. Dat fannen ech awer elo e bëssen e staarkt Stéck. An dat wollt ech awer ervirhiewen.

Dat ass awer elo déi alleréischt Kéier, dass dann d'CSV-DP-Gréng-Majoritéit elo de Monopol sech hëlt, déi eenzeg Schützer hei vun de Locatairen ze sinn.

Ech ka mech op jidde Fall erënneren, dass d'Leit Kapp stoungen, wéi dat do decidéiert ginn ass. An Dir sidd all ugesprach ginn, wat ass dat do da fir e Blödsinn. Net nëmme vun den Escher, mee am ganze Land hu se gelaach iwwer déi Decisioun, déi Der do geholl hutt.

A wou Der et da wierklech dorop ukomme gelooss hutt fir e Prozess, deen Der vu vir eran lech hätt kënnen denken, dass Der e géift verléieren. An dat erkläert och, dass Der keen Appell maacht an net eng aner Ursaach. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Tonnar. Gëtt et soss nach eng Wuertmeldung?

Da reagéiere mir nach eng Kéier an duerno den Här Baum.

Et ass sou, dass eigentlech e bëssen elo awer erëm geschitt ass an et wierklech komplex vun der Matière hier ass. Well, Här Faltz, Dir sot, eng, e Student, dee bei enger eelerer Damm z.B. an engem Haus wunnt an do en Zëmmer kritt, do si mer erëm net bei engem Logement intégré. Dat ass erëm eng aner Definitioun. Do si mer bei enger Chambre mise à disposition, wou ee vill méi einfach ...

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

Jo, an dann hutt Der eppes gesot, dat war och net korrekt. Et stëmmt net, dass een eng zweet Sortie no bausse brauch bei engem Logement intégré. Soss bräicht ee jo och bei engem Appartementshaus sou vill Dieren, wéi een Appart, wéi een Unitéiten huet. Et geet duer, dass een eng Sortie no baussen huet an da bannendran e Gank huet an do separat Entréen huet.

Also dat hutt Der elo och anescht duerchgestallt. An ech huelen dat kengem iwwel, well et ass wierklech eng komplex Matière. Et gëtt verschidden Elementer, déi een an den Definitiounen, wou ee muss niewentenee leeën.

An ech wëll lech soen: Et ass ganz vill méiglech hei an Esch. Et war och ouni Logement intégré eebe ganz ganz vill méiglech. Elo gëtt dann an eenzele Fäll nach eng Kéier eppes méi méiglech – a wou ech nach eng Kéier betounen, an eenzele Fäll.

Et ass kee Flou administratif do. Et ass ganz kloer d'Uweisung, am Moment zielt de PAP Quartier existant, mee ouni d'Formulatiounen, wou d'Geriicht gestrach huet. Déi sinn am Moment net méi ze consideréieren.

Ab deem Moment par contre, wou mir hei de Vott geholl hunn, fir eng Ännerung ze maachen, ab deem Moment si mer an enger Phas, wou erëm de Vott vun hei zielt an dann dee PAP Quartier existant ze, gëllt.

Et gëtt, an dat wëll ech par rapport zum Här Schmit soen, et gëtt keng nei künstlech Begrenzunge par rapport zum Logement intégré. Wou mer hei den Exercice gemaach hu mam PAG, PAP Quartier existant a mam Bautereglement, do sinn an déi dräi Dokumenter Elementer eragefloss.

Vläicht och schonn an der Viraussiicht, dass een oder dat anert kéint kippen, a fir awer nach genuch Elementer ze hunn, fir e beschtméigleche Schutz ze hunn. Dowéinst geet et duer mat deem, wat mer am Moment drastoen hunn, fir awer kënnen en Abus vu Logement-intégréë kënnen ze verhënneren, mee do, wou e méiglech ass, ganz gutt kënnen akzeptéieren.

Awer et wäert net op der enger Säit zu engem Abus vu Logements intégrés kommen an et wäert awer och net vun engem Abus politique kommen, wou mer elo op eemol higinn an nach eng Kéier d'Mesurë wäerte verschäerfen. Mir hu Mesuren, déi an eisen Ae gutt genuch sinn, déi ageschriwwe sinn an den Dokumenter an déi mer wëllen halen.

An elo hu mer dann iwwer 2021 geschwat, an do ass genau dat geschitt, wat ech am

Ufank ugeschwat hunn. Eebe genau déi Vermëschung vun de Wunntyppen an de Wunnformen.

Ech ka mech un déi Maniffen erënneren, ech hunn och mat Leit geschwat. An do war ëmmer déi grouss Fro vun de Colocatiounen a wou et och eng Reglementatioun gouf, dass a verschiddenen Unitéite keng Locatioun sollt méiglech sinn, déi iwwer eng gewëss Unzuel vu Persoune geet. Dat ass net méi an eisem PAP Quartier existant, dat ass elo eigentlech keng, keng Matière méi, fir ze diskutéieren.

An ech muss Iech soen, dass och an der Majoritéit vun deemools een oder deen anere ganz zefridden ass, vläicht och well en op der Uni war a vläicht well en och an engem Moment vu sengem Liewen an enger anerer Wunnform gelieft huet, dass dat dote sou konnt reglementéiert ginn, an dass mer elo eigentlech eppes virleien hunn, wat awer der Realitéit vun den Escherinnen an Escher, mengen ech, ganz gutt gerecht gëtt.

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, wësst Der, ech ginn de Verdacht net lass, datt Dir awer och bedeelegt sidd un deem Schlamassel, deen déi Verwirrung tëschent Wunnform a Wunntypp.

Well dat, wat bei engem ganzen, der Diskussioun ëm de PAG an de PAP Quartier existant geschitt ass, ass eeben, datt doduerch, datt Colocatiounen ageschränkt gi sinn, datt am Ufank virgesi war, datt Communauté-domestiquen d'Prekonditioun war, fir iwwerhaapt kënnen zesummen ze sinn, datt Logement-intégréë verbuede ginn ass. Doduerch ass dee ganze Schlamassel komm.

An ech mengen, datt, wann Der, wann Der elo sot, jo, et ass net propper getrennt Wunnform a Wunntypp. Jo, mee dat kënnt awer och vun iergendwou hier. An ech mengen, datt do de Schäfferot awer och eng Responsabilitéit huet, datt et déi Verwirrung gëtt.

An et ass stéckelchersweis, eent nom aneren, fir d'éischt op Drock vun der Gesellschaft, mengen ech, ass d'Communauté domestique erausgeholl ginn. Dunn ass d'Decisioun vum Interieur, ass d'Colocatioun erausgeholl ginn. Keng Decisioun vum Schäfferot, mee vum Interieur.

An elo gëtt de Logement intégré, de Verbuet vum Logement intégré op deene 4.000 Wunnengen, gëtt erausgeholl, och net als politesch Decisioun vum Schäfferot, mee als eng Decisioun vun engem Tribunal. Dat heescht, Dir hutt, wat déi dote Froen ugeet, eng Responsabilitéit, an Dir hutt d'Saachen einfach aus der Hand ginn.

Datt Der elo sot, an dat begréissen ech absolutt, datt Der oppe sidd fir alternativ Wunnformen, datt mer ... an a Gremie kucken, wéi ee gemeinsam d'Wunnengskris upaakt. Dat luewe mer och.

Mee mer mussen awer feststellen, datt do awer Altlaste sinn, déi Der, mat deenen Der elo befaasst sidd, déi aus de Joren 2018 bis 2021 nun einfach mol kommen. A wou et eis Aufgab och ass als Oppositioun, do de Fanger an d'Wonn ze leeën.

Vläicht nach eng Kéier, well och dat net, mengen ech, net ganz richteg ass, wat de Buergermeeschter gesot huet. Et ass awer och net ganz falsch, mee et ass just eng Hallefwourecht.

Am Urteel gëtt et ee Saz, deen eigentlech alles resuméiert: „Le litige se meurt en substance autour de la question de savoir,

si l'administration communale a légalement pu créer une catégorie de maison unifamiliale dans lesquelles l'aménagement d'un logement intégré supplémentaire est interdit, en s'écartant de la prédite définition de la notion maison unifamiliale."

D'Fro ass also: Ass et rechtens, ass et am Kompetenzberäich vum Schäfferot respektiv vum Gemengerot, fir nei Kategorië vu Wunnengen ze definéieren, sou datt den Zougang dozou fir een Deel net méiglech ass?

An do seet d'Geriicht ganz kloer, dat ass net d'Kompetenz vum Schäfferot, net d'Kompetenz vum Gemengerot. Dat ass d'Kompetenz vum Legislateur, dat ass d'Kompetenz vun der, vun de Gesetzer.

Dat heescht, eigentlech ass et eng Kompetenziwwerschreidung, déi mat deem Urteel hei revidéiert gëtt an déi an der selwechter Logik ass, wéi déi Kompetenziwwerschreidungen, an eisen Aen an och an den Ae vun aneren, wat d'Communautés domestiques ugeet a wat d'Colocatioun ugeet.

Et ass hoffentlech dann elo eng weider Etapp an der Normaliséierung vun der, vun der rechtlecher Situatioun, wat dat do ugeet.

Dir sot, jiddwereen seet, en ass géint d'Zerstéckelung vun Eefamilljenhaiser. Jo, dee Saz ass richteg. Ech sinn och géint d'Zerstéckelung vun Eefamilljenhaiser. Just, de Punkt ass, e Logement intégré ass keng Zerstéckelung vun engem Eefamilljenhaus, mee e gehéiert als Attribut zu engem Eefamilljenhaus. Och dat geet ganz kloer aus der Jurisprudenz ervir.

Ech si ganz bei der Madamm Weyrich, wa si seet, alles biergt natierlech och d'Gefor vum Abus. Dat ass richteg. An dofir huet d'Gemeng d'Police des bâtisses. Genau déi Kontrollfunktioun sollt d'Gemeng opgrond vun den aktuelle Gesetzer ausüben, an dat à fond ausüben.

Ob dat sech ëm Kaffiszëmmeren handelt, ob dat sech ëm Logement-intégréen handelt, a wéi enge Beräicher och ëmmer. Well do hu mer Gesetzer. An och Gesetzer, déi glécklecherweis an de leschte Joren zum, zu deelweis, zum Fortschrëtt och fir am Sënn vum Locataire bäidroen.

Datt de Proprietär, deen Abus bedreift, och wierklech responsabel ass fir, wat duerno mat deem Locataire geschitt. Dat ass, do gëtt et eng gesetzlech Basis. An do wier et wichteg, datt d'Gemeng grad hir Kontrollfunktioun wouerhëlt.

An e leschte Gedanken. Ech verstinn administrativ, datt Der elo net wëllt an e fäerdegt Dokument wéi e PAP Quartier existant dra fummele goen a Saachen duerchsträichen oder nei schreiwen. Besonnesch, well dat jo dann awer eng Kéier misst nach diskutéiert ginn.

Mee datt Der zumindest en Hiweis op där Säit maacht, datt dat do net méi, also datt zumindest déi Artikelen net méi sou aktuell sinn. Ech mengen, fir Leit, déi dat elo net grad sou suivéiert hu wéi mir, wär dat awer vläicht hëllefräich.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Gëtt et nach eng Wuertmeldung zu der Motioun? Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, vläicht just als kleng Explikatioun. Also, Dir sot, Dir géift zu dräi dat ënnerschreiwen. Dat doten ass d'Escher Gemengszeechen, also

dat géif jo heeschen, mir alleguerte géifen dat dote sou eraginn. Dat ass jo manifestement net wouer. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, ech weess net, ob et um Conseil communal ass, dem Collège échevinal dat do ze fuerderen, well et ass d'Geriicht, wat dat dote fuerdert. Dofir gesinn ech dat heiten als superflu un.

An dass mer d'Protection vun de Maisons unifamiliales hunn, dat steet bei eis och an e puer legalen Texter dran. Dofir, fir mech ass déi Motioun do superflu, an dofir gesinn ech de Sënn och net an, firwat mer déi hei solle stëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Dir nach eng Kéier äntweren oder solle mer ofstëmmen?

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Nee.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Bermes, wëllt Der nach eppes soen oder net?

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Nee, nee.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee.

Bon, ech mengen, dass et keng Fro vum Logo ass, mee dass et vläicht méi neutral ass, e Logo ze huelen, wou jiddereen däerf benotzen. Mee dat ass net d'Fro.

Ech stellen dann d'Motioun zum Vott.

- ☒ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ≡ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz**
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, meng Abstentioun kënnt dohier, datt an deem éischten, am éischten Deel vun deem, wat gefrot gëtt, eigentlech just gesot gëtt, d'Gesetz misst appliзéiert ginn. Jo, do kann ee schlecht dogéint sinn.

An am zweeten Deel ass awer, ass et mer ze vag, fir dat hei kënne matzedroen. „Et maintenant toutes autres mesures de protection". „Toutes autres", dat ass mir ze vill Persilschäi fir de Schäfferot.

6.1. Questions de personnel

6.1.A Création d'un poste de conseiller écologique dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, auprès du service écologique ; décision

6.1.A.2. Création d'un poste d'agent socio-éducatif au sein de la Maison relais Parc Laval dans le statut du salarié ; décision

6.1.A.3. Création d'un poste de chef d'équipe au sein du service Hygiène dans le statut du salarié ; décision

6.1.A.4. Création d'un poste d'éducateur diplômé dans le statut du salarié (éducation à la nature Ellergronn) ; décision

6.1.B.1. Décision de classement de Monsieur Boris Molitor, coordinateur des équipes d'interventions sociales mobiles dans le statut de l'employé communal engagé auprès de la Coordination sociale ; décision

6.1.B.2. Décision de classement de Madame Julie Melmer, agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Déierepark ; décision

6.1.B.3. Décision de classement de Madame Carol Zaruk, enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

6.1.B.4. Décision de classement de Monsieur Attila Keresztesi, enseignant dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

6.1.B.5. Décision de classement de Madame Charlie Theis, enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Consveratoire ; décision

6.1.C.1. Réduction du service provisoire de Madame Carla Da Silva Sousa, employée communale dans le groupe d'indemnité B1 engagée auprès du service de l'Enseignement ; décision

6.1.C.2. Réduction du stage de Monsieur Yannick Thiry, fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique ; décision

6.1.C.3. Réduction de stage de Monsieur Kenan Kijamet, fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique ; décision

6.1.D.1. Prolongation de stage de Monsieur Yannick Thiry, fonctionnaire A1 enseignement musical, Conservatoire ; décision

6.1.D.2. Prolongation de stage de Monsieur Claude Furtado Pereira, fonctionnaire B1 administratif, égalité des chances ; décision

6.1.D.3. Prolongation de stage de Monsieur Joël Guerreiro Epifanio, fonctionnaire C1 technique, Division de l'Architecture ; décision

6.1.E. Demande de supplément personnel ; Monsieur Daniel Coelho, fonctionnaire nommé provisoirement dans le groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools Merci, Här Baum. Da komme mer bei de Punkt 6, Questions de personnel. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech proposéieren lech dann, wéi mer et ëmmer maachen, d'Creations an d'Suppressions de postes.

Mir hunn am Service écologique, wou mer eng Kreatioun maache vun engem Conseiller écologique am Statutt vum Fonctionnaire a gläichzäiteg géife mer dann och eng Suppressioun maachen um Niveau vum Employé communal an dem selwechte Grupp.

Dann hu mer bei de Maison-relaisen eng Kreatioun ënnert dem Regimm vun engem Salarié fir en Agent socio-éducatif a gläichzäiteg géife mer dann och eng Suppressioun maachen, och um Niveau vum Statutt vum Salarié. An do ass eng Demissioun komm vun deem Titulaire.

Dann hu mer am Departement vun den Travaux an der Hygiène, do ass e Chef d'équipe, deen no 2026 wäert a Pensioun goen. Mir mussen dee remplacéieren a gläichzäiteg si mer dann och opgefuerdert, fir eng Kreatioun an deem Sënn ze maachen. A soubal de Chef d'équipe dann och fort ass, da wäert och do déi Suppressioun vun deem Poste kommen.

Dann hu mer am Service forestier, do ass et sou, dass mer do wäerten en Educateur nominéieren, respektiv eng Kreatioun dovunner maachen um Niveau vum Statutt vum Salarié. Dat ass e Posten Educateur diplômé, deen do gefrot ginn ass, wou mer och der Meenung sinn, dee solle mer maachen. Dat ass am SAS-Kollektivvertrag.

Mir hunn Decisions de classement ze maachen. Déi hutt Der alleguerten do virleien. An dat eent ass an der Ekipp vun der Interventioun vun de Services sociales mobiles, dat ass anert ass e CDD am Déierepark. An dann hu mer nach dräi Stéck ze maachen, wat de Conservatoire ubelaangt. Do sinn och CDDen, wou mer Adaptatioune musse maachen.

Mir hu Reductions de stage, déi Der alleguerten do virleien hutt. Déi Leit hunn alleguerten d'Konditiounen erfëllt, fir déi Reduction de stage kënnen zougesprach ze kréien.

A gläichzäiteg hu mer nach Prolongations de stage ze maachen. Do ass et wéi ganz oft, dass déi zwee Joer net duerginn, fir kënnen hir Examen ze maachen an dofir gëtt dann nach ee Joer bäigesat. Dat sinn der dräi am Ganzen, soudass do déi dräi, déi déi Demande gemeet hunn, och sollen déi Zoustëmmung kréien.

A mir hunn e Supplement, dee mer hei mussen ausbezuelen am Service vum Informatique. Do ass eng Differenz ënner dem Employé communal an dem Fonctionnaire. Do gëtt et en Artikel, deen dat erlaabt, kënnen ze maachen.

Voilà, dat wier et vu menger Säit aus.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen zu deene Punkten? Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV**

Et ass am Fong keng Fro. Ech wollt am Fong just e klenge Luef ausschwätzen als President vun der Personalkommissioun.

Ech mengen, an der Kommissioun gëtt och ëmmer gesot oder dass et am Fong gutt ass, datt d'Escher Gemeng elo bei verschidde Posten, wann do d'Leit an d'Pensioun ginn, datt mer mat Zäit en neie Remplaçant oder eng Remplaçante astellen, fir datt déi ka gutt ugeléiert ginn.

Ech mengen, dat ass net ëmmer sou de Fall. An ech wollt einfach dat eng Kéier soen a mäi Merci doduerch ausdrécken.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Deen hëlt den Här Zwally gären un. Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn, au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 6.2. Office social ; création de poste salarié à tâche intellectuelle A2 ; avis

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert. Creation de poste am Office social.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, mir hunn eng Kreatioun fir e Posten à durée indéterminée fir 40 Stonnen d'Woch, dat an engem Regimm Salarié à tâche intellectuelle. Dat, wéi gesot, eng Kéier, fir zwee hallef Posten ze ersetzen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Nach Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.1. Mise en vente de la „Résidence Mont Blanc" - Quartier Nonnewisen (lot 6N) ; modèles de compromis de vente ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Punkt 7. Dat sinn d'Transaktiounen. Do geet et u mat de Modelle vun de Compromis-de-venten, déi mer mussen hei stëmmen, fir de 6N.

Dir wësst, mir hunn do 35 Triplexen an Appartementer, wou déi éischt Visitten elo

waren, a wou och elo schonn déi éischt zéng Kandidaten, wou der siwen den Dossier komplett hunn an dräi nach feelen, drop waarden, dass se e Compromis de vente kréien, fir da kënnen ze ënnerschreiwen.

Et gi verschidde Compromis-de-venten en fonction dovunner, ob et en Appartement ass, ob et en Triplex ass, en fonction dovunner, ob d'Parkplaz dobäi ass oder ob et just eng Locatioun ass. Déi hutt Der alleguer virleie gehat.

An Dir hutt och vläicht gelies, dass den Numm vun der Residence 6N elo „Mont Blanc" ass. Dat ass näischt, wat mir eis einfach sou afale gelooss hunn, mee do krute mer vun de Servicer dat proposéiert, well de Guillaume Capus, no deem d'Strooss benannt ass, den Observatorium um Mont Blanc mat lancéiert huet a well d'Architekte fannen, dass de 6N e bësse wéi de Mont Blanc ausgesäit, just am Klengen.

Ginn et Froen dozou, zu dësen Dokumenter? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.2. Acte de vente entre la Ville et l'État – Terrain zone industrielle um Monkeler ; décision

## 7.3. Acte de vente relatif à parcelle située devant la maison 34, Grand-Rue ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da maache mer déi zwee nächst Punkten zesummen. Dat sinn zweemol Acte-de-ventë vun der Stad Esch.

Eng Kéier verkafe mer en Terrain um Monkeler un de Staat, un de Wirtschaftsministère, fir genau ze sinn. Dat ass en Terrain vu bal 3 Hektar, wou et sou ass, dass, dee läit an der Zone industrielle „Um Monkeler", en ass bebaut, et ass schonn eng Firma drop.

Déi Firma steet hallef op eisem Terrain, oder deelweis op eisem Terrain an deelweis um Schëfflenger Terrain. An de Ministère huet eebe gefrot, fir déi kënnen als Staat an hir Parcelle ze integréieren. Mir kréien dofir 3,7 Milliounen.

An dann ass nach en zweeten Terrain. Do geet et just ëm e ganz, ganz klengen, eng ganz kleng Parcelle vun 28 Zentiar. Dat ass virum Privathaus vun enger Persoun hei an der Groussgaass, wou eigentlech de Virgäertchen, oder déi Afaart vum Haus nach ëmmer der Gemeng gehéiert huet, wou mer awer kënne verkafe fir 14.000 Euro.

Gëtt et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.4. Acte de vente relatif à la maison lot 7N (Nonnewisen) – 14, rue Maria Mitchell ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Dann erëm e Punkt eenzel. Mir verkafen en Haus am Lot 7N. Dat, den übleche Modell, 137 m$^2$, Bail emphytéotique fir 655.000 €.

Gëtt et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.5. Convention relative à l'installation d'un portillon de jardin – 32, rue de Lallange ; décision

## 7.6. Convention relative à la mise à disposition d'une partie de parcelle située au lieu-dit „Boulevard Grande-Duchesse Charlotte" ; décision

## 7.7. Convention relative à la mise à disposition d'une partie de parcelle située au lieu-dit „Boulevard Grande-Duchesse Charlotte" ; décision

## 7.8. Convention de prêt à usage entre la Ville et le FDL – Quartier Nonnewisen ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer véier Konventiounen, déi ech proposéieren, zesummen duerchzehuelen. Déi éischt dräi Konventiounen, dat si klenger

Konventiounen tëschent der Stad Esch a Privatleit, wou mer en Deel vun der Parcelle, oder eng Parcelle de Privatleit ginn zur Notzung. Dat ass zweemol um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte, wou dann de Gaart e Stéck verlängert gëtt.

An dann och eng Konventioun, wou et einfach drëms geet, eng Parcelle op den Terrain, deen dann deelweis eisen Terrain ass, nach opzeriichten.

An dann hu mer eng Konventioun mam Fonds du Logement, wou et ëm de Sous-sol vum 7ND geet. Dat ass déi Residenz, wou dem Fonds du Logement gehéiert an déi virun eisem 7N ass a wou awer d'Parkhaus gedeelt ass. Fir dass einfach hei kloer ass, dass jidderee sech kann hei fräi beweegen op deem Terrain.

Gëtt et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.9. Avenant au bail emphytéotique entre la Ville et Hôtel am Park S.A. – Terrain Hôtel Seven ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir hunn e Bail emphytéotique mam Hotel um Gaalgebierg. Hei gëtt et elo en Avenant dozou ze stëmmen, wou et eigentlech just drëms geet, fir nach en Deel Terrain zousätzlech an de Bail emphytéotique mat eranzehuelen. En Deel, wou souwisou vum Hotel genotzt gëtt.

Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.10. Acte de vente relatif à l'emplacement 15 Nonnewisen lot 4N ; décision

### 7.11. Acte de vente relatif à l'emplacement 70 Nonnewisen lot 4N ; décision

### 7.12. Acte de vente relatif à l'emplacement 56 Nonnewisen lot 4N ; décision

### 7.13. Avenant au contrat de bail du 7 décembre 2022 relatif à un emplacement de stationnement ; décision

### 7.14. Contrats de location d'emplacements aux membres du personnel de la Ville ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da schléisse mer mat Parkplazen of. Op der enger Säit hu mer dräi Parkplazen am 7N, wou mer verkafen. Zweemol fir 25.000 € an eng Kéier fir 30.000 €.

Dann hu mer en Avenant am 7N zu engem Contrat de bail vun enger Parkplaz mat enger Privatpersoun.

An dann hu mer nach Kontrakter hei virleien. Dräi Kontrakter, wou et ëm d'Locatioun geet fir Parkplaze vu Membere vun eisem Personal, wou hei an der Géigend eng Parkplaz da vun eis zur Verfügung kréien.

Gëtt et dozou Froen? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Dir sidd haut sou gnädeg mat mir beim Punkt virdru gewiescht, dofir probéieren ech dann och elo, ob Der nach eng Kéier gnädeg sidd.

Ech hu schonn ëfters gefrot, ob et Krittäre géife gi fir d'Vergab vu Parkplazen. Ech froen, ob se mëttlerweil vläicht ausgeschafft ginn. Wann net, proposéieren ech selbstverständlech, dass mer ganz gären dru bedeelegt sinn, fir dat ze maachen.

Mee ech hunn u sech nach eng aner Fro. Virdru bei den Emplacementer, bei de Contrat-typen, wou mer gestëmmt hunn, hate mer zwee Präisser drastoen. 145 an 125 €, jee nodeem, ob Precablage gemaach ass fir eng Born oder net.

Bei deene Parkplazen, déi fir d'Personal, wou mer un d'Personal verlounen: Ginn et do, A, Parkplazen, wou precabléiert sinn, fir eng Born ze installéieren? A wann et der ginn, ginn et do och zwee Präisser oder gëtt et do just ee Präis?

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, also wat d'Reglement ubelaangt, do hunn ech schonn eng Kéier erkläert, dass mer op de Wee wëlle goen a bleiwen, dass den eigentleche Schäfferot decidéiert, wien dohinner kënnt.

Ech hunn déi Krittäre schonn eng Kéier festgeluecht, dass mer no den Hierarchië wëlle fueren. Op jidde Fall och do, wou Parkplaze sech situéieren an den eenzelen Infrastrukturen. Et ass net jiddwereen vun deene 1.451, déi an de Genoss kommen, fir iergendeng Garage oder iergenden Emplacement kënnen ze kréien.

Insofern musst Der eis dann awer och kënne vertrauen, fir ze soen, dass dat déi Leit sinn,

déi no do beienee sinn, a mir wëllen do keng Mobilitéitsproblemer schafen, andeem mer dann Tourismus schafen, wou dann deen een dorobber fiert, iergendwou, wou d'Distanzen ze vill wäit auserenee sinn. Dofir mengen ech, ass dat och nach ëmmer eis Logik, fir doranner ze bleiwen.

Wat de Precablage ubelaangt, respektiv och dat, wat domadder zesummenhänkt, ech muss dat eng Kéier iwwerpréiwen, well ech dat elo net op de Stee ka soen, wat do wierklech och dran ass. Mee selbstverständlech versiche mer, dann an deem Fall, wou mer dat dann natierlech kënnen ënnerstëtzen, wa Leit do si mat der Elektromobilitéit, mat hirem kommen a wéi mer dat da kënnen ausriichten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Kënne mer zesummen ofstëmmen, Här Funck? Da stëmme mer all déi Punkten zesummen of. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1.1. Devis École Brill – complexe sportif et maison relais – réfection de l'étanchéité enterrée ; décision

### 8.1.2. Devis complémentaire Centre de vacances Jules Schreiner – bâtiment vétuste – démolition ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Gemengefinanzen, wou mer als éischt Devisë virleien hunn.

Ech fänke mat deenen zwee éischten Devisen zesummen un, well et an deenen zwee Fäll eigentlech Gebailechkeete vum Service Enseignement betrëfft. Op der enger Säit hu mer fir 150.000 € Ofdichtungsaarbechte vun den Deeler vum Brill-Schoulgebai, wou d'Maison relais an d'Sportsanlage sinn, ofzestëmmen.

An dann hu mer och en Zousazdevis fir d'Ofrappaarbechte vun dem zerfalende Gebai an der Entrée zu Ënsber. Dat Gebai, fréier war ëmmer de Café Jimmy dran, an dat Hotel ënnendran an hannendru war eise Centre de vacances. Voilà, dat war eigentlech eng Ruin, déi mer ofgerappt hunn a wou eeben do dann zousätzlech Käschten ufalen.

Et ass och esou, dass mer scho Kontakt hate mat der Gemeng vun do uewen, fir eigentlech mat hinnen zesummen ze definéieren, wéi mer hiert, hiren, eisen Terrain an hirem Duerfkär e bësse méi schéi kënne gestalten.

Gëtt et Froen dozou? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Jo, e puer Froen dozou. Jo, de Jimmy ass ofgerappt.

Endlech, et muss ee soen. D'Fro stellt sech awer vum Gesamtkonzept vun deem, vun deem Site.

Also déi Chaleten, déi sti gefillten 20 Joer eidel. Scho virun 10 Joer, mengen ech, mech richteg ze erënneren, sinn et scho Budgete ginn, fir se ofzerappen. Awer och dee Moment ass geduecht ginn, komm, mer maache fir d'éischt e Gesamtkonzept aus fir dat Ganzt.

An dat heescht, do ginn et verschidden Optiounen. Wëll een erëm éischter Richtung Vakanzenzenter mat pedagogeschen Aktivitéite goen, oder wëll ee soen, et ass e ganze pedagoesche Site. Béides huet seng Vir- a seng Nodeeler, seng Berechtegungen.

D'Haaptgebai ass, mengen ech, fir pedagoesch Aktivitéite begrenzt. Ech mengen, do kënne just 30 Kanner gläichzäiteg do sinn, wat schwéier ass, fir jee nodeem zwou Klassen dorobber ze bréngen.

Sou wéi ech et matkritt hunn, ass d'Stroumversuergung och defaillant. Dat heescht, et kann een net méi wéi zwou Maschinne gläichzäiteg drun, also lafe loossen. An et si vill sou kleng Problemer, déi do bestinn an déi een awer am Kader vun engem Gesamtkonzept, mengen ech, mengen ech, wierklech léise soll.

An ech mengen, datt dat ...et war ëmmer e Bijou vun der Escher Gemeng, wou vill Leit, Stéchwuert Vakanzenzentrum, an de 60er- , 70er-Joren och wierklech genotzt hunn a schéin Erënnerungen do hunn.

Et huet awer natierlech och eng pedagoesch Vocatioun an ech mengen, datt et ganz wichteg wier, wa mer als Escher Gemeng relativ séier e Gesamtkonzept entwéckelen, an dann och kucken, mat den Zoustännegen an der Gemeng Ënsber – et ass net d'Gemeng Ënsber, et ass Esch-Sauer, oder? Esch-Sauer – kucken, fir dat méiglechst ze realiséieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Sehovic huet d'Wuert, fir drop ze äntweren.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, ganz kuerz. Ech mengen, et ass déi éischt Etapp, dass et fir eis emol wichteg ass, fir den Echange mat de Responsabelen do uewen eng Kéier ze sichen. Mir hunn an deem Sënn Demarchen do ënnerholl.

Et ass sou, dass virun net allze laanger Zäit d'Schoulkommissioun zesumme mat der Kommissioun vun den Espaces verts eropgefuer ass, fir sech d'Situatioun eng Kéier unzekucken. Dat och aus enger Demande vun eis aus eraus, fir dass eeben eigentlech och déi konsultativ Kommissiounen do an deen dote Prozess mat abënnt.

Vun eiser Vue ass et eng prioritär, eng Prioritéit weiderzesetzen, ob dat pedog, op déi pedagoesch Offer, déi mer do kënne maachen, well se einfach och integrale Bestanddeel ass eigentlech vun där Offer, déi mer hei maachen. Souwuel an de Betreiungsstrukturen, wéi och am, an der Schoul, sou dass mer dat och wëllen erhalen an an deem Sënn och kucken, wéi mer weiderueren.

A wéi gesot, als éischt elo mol en Echange ënner de Schäfferéit. Dat ass eis wichteg. An da wäerte mer kucken, dass mer déi konsultativ Kommissiounen, déi domadder ze dinn hunn, och saiséieren, fir zesumme mat hinnen och do ze kucken, wéi mer wëlle weider virgoen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Kënne mer déi zwee Devisen ofstëmmen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1.3. Devis immeuble Rue Fontaine, 45 – Foyer de nuit – mise en conformité ; décision

### 8.1.4. Devis immeuble Rue du Canal, 55 – Synagogue – renouvellement de l'installation électrique ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Dann huele mer déi nächst zwee Devisen. Do geet et an deenen zwee Fäll ëm Mise-en-conformitéen.

Op der enger Säit musse mer eng Mise en conformité maache vu Sécherheetselementer am bestoenden AbriSud-Gebai. Den Devis, deen ass, dee chiffréiert sech op 64.000 €. Dee Montant gëtt integral vum Familljeministère rembourséiert.

An dann ass et esou, dass d'Beliichtung an och den elektreschen Tablo muss an der Synagog an d'Rei gesat ginn. Dat fir e Coût vun 30.000 €.

Gëtt et Froen heizou oder Remarken? Nee. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1.5. Devis Terrain Rue d'Audun, 32 – BENU Village – démolition ; décision

### 8.1.6. Devis Arrêts de bus – système d'affichage numérique – acquisition et installation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächsten Devis. Virun, no bal engem Joer, gutt zéng Méint, ass e groussen Deel vum BENU Village ofgebrannt. An zanterhier sinn déi Containeren, an deenen et gebrannt huet, an den Dreck, deen d'Aarbechten, fir d'Feier auszekréien, hunn auszekréien, déi leien do nach ëmmer ronderëm.

Et ass sou, dass mir Demandeur sinn, dass mer sou schnell wéi méiglech kënnen dee Site propper kréien, dass mer en op d'mannst sécher kënne kréien, dass net do gesquat gëtt oder Leit, déi ... et ass jo awer eng geféierlech Plaz, eng fréier Brandplaz, dass do kee sech doduerch beweegt. An dat Bescht ass et dann awer, ofze, deen Deel ofzerappen.

Et ass e bësse sou, dass d'Liquidatioun nach ëmmer net ofgeschloss ass. Dat ass op der enger Säit e Problem. Dat heescht, wat mir elo festgehalen hu mat der Liquidatrice, dat ass, dass mir géingen elo mol d'Virleeschtung bréngen, well et ass eisen Terrain, fir eisen Terrain ze befreien, an duerno dann awer déi Käschten mat an d'Liquidatioun, an d'Diskussiounen ze huelen.

An dann ass et awer och sou, dass mer drop waarden, dass, déi och déi Enquête judiciaire, déi lancéiert ginn ass beim Feier, dass mer och déi nach mussen ofwaarden, bis mer kënnen dat ofdroen.

Mer wëllen awer elo schonn den Devis stëmmen, dass, soubal mer dann den Accord hätte vun der Justiz, vun der Police, dass mer da kéinten ufänke mat ofrappen. Dat ass iwwer 220.000 €.

Ech huelen och den nächsten Devis direkt mat eran. Do geet et ëm elektronesch informatiounspanneauen, déi op verschiddene Busarrête sollen installéiert ginn. Einfach, fir dann den ëffentlechen Transport méi attraktiv ze maachen. Et sollen 29 nei Installatioune sinn, an dat fir 300.000 €.

Ginn et Froen heizou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Explikatiounen zum BENU. Well dat war e Punkt, wou mer an der Finanzkommissioun e bëssen hin an hier driwwer geschwat hunn, well mer net genau wossten, wat eis Obligatioune si par rapport zum ... wou si mer mam Stand, mat der Situatioun drun.

Ech wëll awer trotzdeem profitéieren, wa mer vun deem Punkt schwätzen, fir eng Kéier ze froen, wat dann elo dem Schäfferot seng Visioune beim Sujet Economie circulaire sinn.

Ech mengen, och wann nach Enquêtë lafen, ass et awer trotzdeem wichteg, ze kucken, wéi wëlle mer do weiderkommen. Dir hat gesot, den 3. Abréll, Här Buergermeeschter, eigentlech géif ee sou séier wéi méiglech de Site erëm un d'Goe kréien an iergendwéi beliewen. Dat géif dem Quartier an Esch eng Plus-value ginn.

Onofhängeg elo vun der Plaz, onofhängeg vun der Plaz, wou eppes géif kommen: Wat sinn d'Visiounen, déi mer eis ginn an deem Kader, bezéiungsweis déi lech do virschwieft?

Ech ginn eng Kéier zeréck op Äre Koalitiounsaccord, well ech hunn do eng Kéier séier e Search gemaach op „Economie circulaire", well „Kreislaufwirtschaft" hat ech och näischt fonnt. „Ein Hub für die Entwicklung von Startups, zum Beispiel im Bereich der Economie circulaire".

Kréie mer do vläicht e bësse méi Informatioune just, wannechgelift?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ech wëll zu dem Système d'affichage vläicht e puer Wuert soen.

Dat ass definitiv de Gamechanger, wat ëffentlechen Transport ubelaangt. Dofir, mir begréissen et sou, och wann et à la base grouss Ausgabe solle sinn, mee wann herno iergendeng Excuse dann herno net méi ka gëllen, de Bus huet ëmmer Retard, wat och ëmmer. Hei kënnt een op den Arrêt an et gesäit een, a wéi vill Minutte kënnt deen nächsten.

Et brauch een net op seng Mobilitéitsapp ze kommen, déi och scho performant ass, mee fir mech ass dat en absolutte Gamechanger. A mir invitéieren dofir de Schäfferot, och do alleguer eis Busarrêten an deem Sënn ze beglécken, och wann dat richteg Sue kascht. Mee dat ass den Ënnerscheed, ob een en hëlt oder net. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Ech fänke vläicht u mat engem Wuert zum BENU. Zum Site u sech: Et war relativ schnell kloer nom Brand, dass mer gesot hunn, déi Plaz wëlle mer awer weider der Economie circulaire dediéieren.

Just d'Fro vun der Form, well et fir mech awer wichteg war, deen dräi Deeg laang op deem Brand stoung, dass ech et net akzeptéiere kéint, a keen eigentlech vun eis akzeptéiere kann, dass mer eppes do stoen hunn, wou riskéiert, awer erëm eng Kéier sou e Brand ze entstoen an dee sou schwéier auszegoen ass. Dat heescht, dat ass déi Fro vun der Sécherheet, wou matspillt.

Et gëllt elo als éischt, de Site ze demanteléieren, dat erauszehuelen, wat futti ass an ofgebrannt ass. An da gëtt ze kucken, ob dat, wat nach do steet, wéi een dat da kann notzen. An do hu mer och schonn eng Kéier gesot, dass mer u Concourse geduecht haten, Acteuren, fir ze kucken.

Mee déi Analys, wat nach alles iwwerhaapt ze notzen ass, déi ass nach net ofgeschloss à ce stade.

Den Här Sehovic wëll nach eppes drunhänke vläicht.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng), Schäffen

Jo, well d'Fro war, wat eis Ambitioune sinn am Beräich vun der Economie circulaire.

Et muss ee jo soen, dass de Projet BENU jo bei Wäiten net den eenzege Projet war an ass, deen hei an der Stad Esch eppes mat der Economie circulaire huet. Mir hunn eng ganz Rei vun, vun zivillgesellschaftlechen Acteuren, vun Organisatiounen, déi an deem Beräich ganz gutt Aarbecht maachen.

Mir sinn am Kader vum Klimapakt eng vun de Stied, déi d'Zousazzertifikatioun fir d'Kreeslafwirtschaft schonn huet, also schonn attestéiert kritt huet, dass se an deem Beräich eigentlech ganz gutt ass.

Mir hunn zesumme mam Service écologique d'Geschierkëscht an d'Liewe geruff, wou Mënsche kënnen d'Material léinen, wa se mol eng Buermaschinn brauchen oder sou. Dat si jo alles Saachen, déi een net onbedéngt all Dag brauch. Mee wann ee se dann eng Kéier am Joer brauch, da kann een déi gratis zur Verfügung gestallt kréien.

An dann erlaben ech mer awer, well et mer eng gutt Virlag gëtt, fir ee Projet unzeschwätzen, deen nei ass, deen nach an deem Sënn net vill Promo huet. ReUse Esch, wou mer higinn zesumme mam Service Architectes.

A wa mer an eisem kommunale Bestand, an eisen Haiser Saachen oder renovéieren, dass mer dat Material net ewechgeheien, mee op der Plattform Reuse.lu kann all Mënsch

gratis vun der Stad Esch eigentlech Material recuperéiere goen, wat mir erausgebaut hunn aus Haiser.

Dat si Material, wat nach kéint weider verbaut ginn, sou dass natierlech déi Aarbecht am Beräich vun der Economie circulaire weidergeet, mat enger ganz ganz grousser Panoplie u privaten an och stättesche Initiativen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci. Da kënne mer déi zwee Devisë mateneen ofstëmmen.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1.7. Devis École en forêt – station d'épuration – renouvellement ; décision

### 8.1.8. Devis complémentaire – Stade de la Frontière – nouveaux gradins ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et ass elo geschwënn 13 Auer. Ech mengen, dass mer an zwou Minutten net méi alles duerchkréien, mee wa mer nach eng hallef Stonn, 20 MInutten drunhänken, ass awer, mengen ech, Liicht um Enn vum Tunnel.

Ech maachen elo mol weider mat dem Devis fir d'Waldschoul. Do ass et sou, dass eng eege Kläranlag um Site ass. Déi muss erneiert gi fir 180.000 €.

An dann huelen ech och den nächste mat, den Devis fir d'Gradine vun der Jeunesse. Dat ass en Devis complémentaire, dat heescht, zu den 1,6 Milliounen, déi 2020 gestëmmt goufen, misste mer nach eng Kéier 220.000 € nostëmmen. Éischtens wéinst der Revision des prix, an dann awer och, well nach weider Aarbechten dunn ugefall sinn, wou net virdrun net virausgesi waren.

Ginn et Froen dozou zu deenen zwee? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**8.1.9. Devis Rue M. Reuland – voirie – renouvellement ; décision**

**8.1.10. Devis Rue M. Reuland – canalisation – renouvellement ; décision**

**8.1.11. Devis Rue L. Petit – voirie – renouvellement ; décision**

**8.1.12. Devis Rue L. Petit – canalisation – renouvellement ; décision**

**8.1.13. Devis Rue D.J. Hoferlin – voirie – renouvellement ; décision**

**8.1.14. Devis Rue D.J. Hoferlin – canalisation – renouvellement des canalisations E.P. et E.U. ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da maache mer déi nächst sechs Devisen zesummen, well et sinn dräimol Stroossen. Et sinn d'Aarbechten an der Rue Marcel Reuland, Voirie a Kanalisatioun. En Devis vun 950.000 € fir d'Voirie a 765.000 € fir d'Kanalisatioun.

An der Rue Louis Petit hu mer 600.000 € fir d'Erneierung vun der Voirie a 450.000 € fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun.

An an der Rue Dominique Joseph Hoferlin, déi läit direkt hanner der Rue Louis Petit, an dat ass unhängend. Och do kaschten d'Voirie-Aarbechten da 765.000 € an d'Kanalisatioun ass den Devis op 490.000 € ugesat.

Ginn et Froen dozou? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, hei muss ech jo bal dozou schwätzen, bei där Matière.

Ech mengen, dass, wa mer déi Chantieren do kucken, déi, och déi Konstellatioun, wou déi Stroossen do leien, dass mer alleguer wëssen, dass et komplizéiert ass, am Stroosseraum Adaptatiounen ze maachen, wéi mer et da wëllen. A sief et fir de Vëlo, sief et fir eng gewëss Berouegung vum Verkéier, dass dat, wa mer an engem alen Terrain sinn, dass dat ganz komplizéiert ass.

Mee wa mer awer eng Strooss nei bauen, dass dat eng Opportunitéit gëtt, déi mer net solle verpassen.

An d'Madamm Weyrich huet et treffend gesot, mir hunn e Problem, dass eis Kanner net méi op der Strooss spillen. A wann ech dann elo d'Konstellatioun vun där doter Strooss ... also ech huelen elo mol haaptsächlech d'Hoferlin mat der Petit-Strooss. An déi Konstellatioun ass, dass sou e bëssen eng, wéi gesot, sou eng Strooss sinn, déi sech sou e bësse verléiert, wou een net onbedéngt erafiert, wann een net onbedéngt muss.

Wann ech awer natierlech elo gesinn, dass aus engem Double-sens an engem verenkte Beräich, wou, wéi gesot, keen hifiert, wann en net onbedéngt muss, well et e bësse peinlech ass oder penibel ass, fir do ze fueren.

Wann dat awer elo lauter Sens-uniquë ginn, quitt datt déi Sens-uniquë sou geriicht sinn, dass et och komplizéiert ass, an de Quartier eranzefueren an erauszefueren. Mee dass d'Sens-uniquen op enger Strooss vun 3,5 Meter, déi schnouerriicht ass, näischt Aneres bewierkt wéi d'Vitess an d'Luucht ze setzen.

Mir hunn am Fong eng schlecht Situatioun erëm zeréckgesat. Zu kengem Moment hu mer iergendwéi un d'Kanner geduecht. Kanner, déi an de leschten 30 Joer de grousse Verléierer sinn an eiser Aart a Weis, wéi mer Stroosse respektiv de Raum bauen.

An da muss ech mer alt erëm froen, wou ass de Vëlo. Well de Vëlo wäert nämlech och, well dat ass jo gewollt, dass den Auto elo méi grouss Weeër muss maachen, fir aus dem Quartier erëm eraus. De Vëlo am contre-sens gesinn ech néierens; Dir korrigéiert mech vläicht do, Här Sehovic.

An dann déi grouss Fro, wou sech ëmmer erëm stellt: War dat do an enger Verkéierskommissioun? Mir hunn d'Verkéiersrichtungen oder d'Verkéierssituatioune geännert, an an der Verkéierskommissioun – ech hunn elo déi véier lescht gekuckt, do war et op jidde Fall net dran –dat do net bedéngt. An da froen ech mech firwat.

Soll elo d'Verkéierskommissioun wierklech nëmmen nach do sinn, fir PMR-Parkplazen ze aviséieren oder Zebrasträifen? Respektiv fir de PLM alt erëm fir 34. agetriichtert ze kréien? Wär dat do alt net awer eng Méiglechkeet, wou mer deene Leit emol d'Méiglechkeet kéinte ginn, fir sech auszedrécken?

Genau, an do kommen ech awer trotzdeem op Är Testphas op der Remparts-Plaz eng Kéier zeréck, genau wéi déi och. Well et trotzdeem e groussen Afloss hat op de Verkéier. An och do, wann ee mat der Verkéierskommissioun vläicht am Virfeld geschwat hätt, hätt ee kënnen och do e bëssen Checks and Balances maachen, wat dann elo gutt ass a wat net.

Well wat do erauskomm ass, an domadder schléissen ech of, dat ass, dass mer an deem Quartier manifestement Plaz brauche fir Kanner fir ze spillen. Well dat war en absolutten Erfolleg. A wierklech, okee, elo Sprangschlässer op de Makadamm ze setzen, dat halen mer elo nach, dat ass nach egal, mee ech mengen awer, dass de Verdikt ass, dass déi Kanner an deem Quartier Plaze brauche fir ze spillen. Do si mer eis alleguerten hei eens.

An dofir, berouegt mech, Här Sehovic, déi Spillplaz am Sprëtzenhaus: Ass déi och fir de Quartier oder net? Well do ass mat vill Steiergelder eng flott, ganz flott Park, Spillplaz amenagéiert ginn, an ech géif et elo dramatesch fannen, wann déi just wär fir d'Leit aus der Maison relais.

D'autant plus dass déi Clôture ronderëm dann awer, wou awer sou jidderee mat engem Enjambement driwwer kéim, ausser Elterendeeler mat engem Kand an enger Poussette nach ëmmer, wou eng Spilllaz steet, déi awer ganz héichwäerteg ass.

Dofir, vläicht e puer Äntwerten op déi Froen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Ech fänken emol u bei deem, wat elo haut um Ordre du jour ass. Bei deenen Devisen, déi hei ze stëmme sinn.

Mir schwätzen hei vun dräi Stroossen, déi eigentlech alleguerte schonn zënter enger ganzer Rei Joren als Tempo30-Zone reglementéiert sinn. De Constat haut ass dat, wat Der, deen Dir jo och gemaach hutt, dass et eigentlech Rennpiste sinn, wou en absence vu jegweeglechem aneren Amenagement a jegweeglecher anerer Infrastruktur einfach d'Vitessen net agehale ginn.

Dofir gëllt dat, wat ... déi Aarbechten, déi mer maachen an der Marcel Reuland z.B., fir allen Direktiven a punkto Verkéiersberouegung nozekommen, déi haut sinn, fir eeben och iwwer Schikanen, verschiddefaarweg Revêtementer asw. d'Situatioune fir all Verkéiersteilnehmer

méi kloer ze reglementéieren, an eeben och iwwer d'Infrastruktur dofir ze suergen, dass eng Deceleratioun vum motoriséierte Verkéier, vum motoriséierte Verkéier ass.

An der Rue Louis Petit an och an der Hoferlin; dat si jo zwou Stroossen, déi Deel si vun engem méi grousse Reamenagementsprojet am Quartier Uecht. Och hei gëtt d'Verkéiersberouegung Tempo 30 duerch en zäitgeméissen Amenagement, also erëm Schikaneféierung asw., verstäerkt.

Hei hu mer och nach den anere positiven Deel, dass mer iwwer deen dote Chantier och wäerten eng zousätzlech Begréngung an deenen dote Stroosse kënne maachen, fir och nach eng Kéier den Aspect vun deene Stroossen ze, ze, ze valoriséieren.

Mir sinn hei wierklech am strikte Residentiel, wou en Tempo 30 gegollt huet, wou ech och confiant sinn, dass mat deenen Amenagementer, déi mer hei elo proposéieren, mer wäerte sécherstellen, dass deen Tempo 30 och besser kann agehale ginn. An ech mengen, dass sech an deenen dote Konstellatiounen dann och de Vëlo ganz gutt do wäert erëmfannen.

An natierlech wëll ech och nach eng Kéier betounen, dass d'Partie intégrante vun all deenen dote Projeten, och déi komplett Erneierung vun de Reseauen drënner ass. Déi waren zum Deel nämlech an der enger oder anerer Strooss och bal nach méi urgent eigentlech, wéi do déi Voirie-Amenagementer, déi mer hei gemaach hunn.

All déi aner Saache par rapport zur Verkéierskommissioun huelen ech elo mol positiv zur Kenntnis, dass Der an Zukunft do wëllt méi matschaffen. Dat war elo an de leschte Méint manner de Fall. Mee dann huelen ech dat elo mol mat fir d'Zukunft. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Kënne mer dës Devisen zesummen ofstëmmen? Jo, maache mer. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ⊜ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Der Är Abstentioun begrënnen, Här Faltz?

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Selbstverständlech.

Jo, also, Här Sehovic, ech ginn lech jo Recht, dass Der sot, mir wëllen all Moossnam ergräifen, fir eng Deceleratioun do ze provozéieren oder Schikanen anzebauen. Da kuckt eng Kéier séier Är Schikanen no, kuckt eng Kéier, wat Der an der Mathias-Koener-Strooss gebaut hutt. Ech mengen, ausser de Schnéiplou muss do kee lues maachen, fir do duerchzefueren.

Dat ass einfach … ech weess, wéi d'Stroossebauer sinn. Ech kommen aus deem Metier. Déi hu sou Richttabellen. Déi muss een net onbedéngt fir all Wunnstrooss uweisen. Dofir, an esou Stroossen, mengen ech, däerf een e bësse méi reng, e bësse méi enk bauen, respektiv och net just dem Auto d'Plaz erëm alleguer iwwerloossen.

An Dir wësst jo schonn, dass Der de Vëlo, wa sech deen do erëmfënnt, muss deen explizitt ernimmt ginn am Contre-sens. Dat ass net einfach.

Dofir, vläicht an den nächste Voiriespläng och e klenge Marquage drop maachen, ob Der wëlles hutt, en ze consideréieren oder net.

Mir wëssen et alleguerten, de Vëlo ass leider Gottes dee Flächenrestplanung. Mir wëssen et alleguerten. Dir hutt eis, Dir hutt versprach, dass Der eppes wäert, dass dat op Ärem Radar ass, dofir da weist eis en och an de Pläng, wannechgelift.

Ech weess, dass meng Confrèren net ëmmer d'Tendenz hunn, fir dat ze maachen. Merci.

### 8.1.15. Devis Rue J.P. Bausch (Tunnel Lentille Terres-Rouges) – infrastructures eaux usées – renouvellement ; décision

### 8.1.16. Devis complémentaire Rue des Charbon – voirie – renouvellement-21301-624 ; décision

### 8.1.17. Devis Op den Drieschen – raccords canalisation – mise en conformité ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Déi lescht dräi Devisen, dat ass dann als éischt en Devis iwwer 750.000 €, wou et ëm d'Erneierung vun den Ofwaasserinfrastrukturen an der Rue Jean-Pierre Bausch, méi konkreet an engem Tunnel, deen zur Rouder Lëns féiert, geet.

An dann hu mer nach en Devis complémentaire fir d'Rue des Charbons. En Zousazdevis iwwer 240.000 €.

An dann och fir d'Raccordementer op den Drieschen en Devis fir 600.000 €. Dat ass an der Zone industrielle Um Monkeler, wann ech dat gutt an Erënnerung hunn.

Ginn et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.2.1. Crédits spéciaux budget ordinaire – Subsides aux associations sportives ; décision

### 8.2.2. Crédit spécial budget ordinaire – Logements communaux ; décision

### 8.2.3. Crédits spéciaux budget extraordinaire – Travaux – divers projets ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer Crédit-spéciauxen ze stëmmen.

Den éischten, do musse mer Upassunge maachen am ordinäre Budget wéinst eise Subside fir d'Escher Sportsveräiner, well mer do bei de Plafongen ukomm sinn an do nach eng Kéier mussen op déi zwee Artikelen nostëmmen. Dat gëtt dann, dass mer eleng an deenen direkte Subsiden hei, direkt ordinär Subsiden un d'Sportveräiner herno op 226.000 € kommen, déi si ausbezuelt kréien. En neie Rekord.

Dann hu mer en zweete Credit ze stëmmen. Dat ass de Budgetspunkt am ordinären, wou et ëm d'Renovatioun vun eidelstoende Sozialwunnenge geet. Och do gouf de ganzen ordinäre Budget opgebraucht a mir mussen eng Kéier 50.000 € nostëmmen, fir dass eis Servicer Material kënne kafen, fir weider ze renovéieren, respektiv aner Servicer beoptragen, fir kënne weider ze renovéieren.

An da par rapport zu de ganzen Devisen, déi mer ofgestëmmt hunn, gëtt et och Crediten, déi mer da mussen ofstëmmen. Do hat Der d'Lëscht mat allen Detailer am Dossier leien.

Ginn et Froen dozou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt vläicht just e puer Wuert verléieren zu de Sportsubsiden.

Ech denken, dass mer do absolutt um richtege Wee sinn. An ech denken, dass ech fir d'Sportsresponsabel vun eisen Escher Clibb do e grousse Merci ka soen un de Sportschäffen an deem Moment, an dem ganze Schäfferot.

Et ass vläicht e Virdeel, wann de Sportschäffen och e Sportler ass. Dat hëlleft scho bëssen, wann en do d'Sportsveräiner bësse besser kennt.

Ech wéilt awer trotzdeem eng kleng Remark maachen, dass, et ass jo richteg, dass mer déi Sportsubsiden un d'Qualitéit upassen, un eis Traineren an hei an do. Ech mengen, et ass de richtege Wee.

Trotzdeem ass ëmmer erëm de Subsid just fir Jonker. Et kléngt natierlech ëmmer gutt, wann et fir déi Jonk ass, mee mer dierfen awer net verbieden hei ... alleguerten ënner eis si mer an iergendenger Form an engem Sportsclub gewiescht, wou mer frou waren, dass mer och encadréiert waren an awer méi al ware wéi 16 oder 18 Joer.

Ech mengen, dass een do ... vläicht huet een an enger éischter Phas natierlech missen en Tri maachen. Mee ech mengen, eeben och am Drëtten Alter, deen nach ëmmer an engem Sportclub täteg ass, respektiv am Zweeten Alter soll ee genausou gutt encadréiert kënne gi vu richtegen Trainer.

Well doduerch, dass déi Trainer natierlech gutt sollen ausgebilt sinn, stellt sech nämlech am Moment ee Problem. Dat ass, wien dat soll maachen. A wéi een dat soll bezuelen.

Am Moment gi mer als Veräiner ... an ech mengen, do sinn alleguerten déi, déi an

iergendenger Form responsabel sinn an iergendengem Veräin, sief et souguer d'Kultur, wéi och d'Sportsveräiner, dass mer de Moment iwwerlaf ginn.

Nom Covid, dat war, mengen ech, e positiven Effekt, wou ee konnt soen, dat ass, dass d'Leit erëm an d'Clibb gaangen ass, well se gesinn hunn, dass doheem hänken, dass dat ganz schwiereg war. An op eemol haten alleguerten d'Sportclibb op jidde Fall – fir déi kann ech emol schwätzen – immens vill Zoulaf. An déi mussen awer encadréiert ginn. An dat kascht.

An dofir sinn ech frou, dass deen dote Schratt gemaach gëtt. Mee den Här Buergermeeschter hat jo elo eng Ouverture gemaach, dass, am Kontext vun der Hal, dass d'Besoine vun de Clibb eng Kéier sollten op de Leescht geholl ginn an dass do eng Kéier soll gekuckt ginn, wat déi Clibb, wat de Besoin vun de Clibb wär.

An ech denken, dass dat e gudde Moment ass, och d'Clibb vläicht eng wichteg Fro mol ze stellen. Wat kascht et, fir en einfache Sportler – an ech schwätzen definitiv net vun engem Éischt-Ekipp-Sportler, mee vun engem ganz normale Sportler, fir deen ze encadréieren, mat enger propperer Uniform op den Terrain ze bréngen, wou den Arbitter muss bezuelt ginn, wou ... voilà.

Wéi d'Situatioune vun de Cotisatioune sinn. An dass ee sech och emol dat op de Leescht hëlt, an dass een an deem Moment och kéint, mat festen Zuele kéint soen, genau sou, dofir ass de Subsid sou ausgefall, wéi en ass.

An dofir begréissen ech, denken ech, och d'Veräiner déi Aktioun, wou Der elo maacht, am Kader och vun deene Soirées-là, wou Der de Veräiner d'Méiglechkeete gitt, op jidde Fall wärend deene sechs Soiréen, fir do Catering ze maachen.

Ech muss awer leider Gottes feststellen, dass op der Schlussfeier vun der Biennale, dass de Stroossener Fussball de Catering gemaach huet. An ech bësse bei menge Presidenten- a Sekretärskolleege ronderëmgefrot hunn an do keen Escher Veräi konnt soen, dass e gefrot gi wär.

Dat fannen ech awer elo e bësse schwiereg, well, ech hat et schonn eng Kéier an enger anerer Situatioun gesot, alleguerten eis Veräiner sinn an enger schwiereger finanzieller Situatioun.

Dofir, Subside kommen à merveil, ech begréissen deen dote Wee, mee gitt e Schratt weider, wéi gesot, maacht de Bestand bei de Veräiner. Well wann Der wëllt dat doten, wann dat iergendwann eng Kéier zu Gronn geet eist Veräinsliewen, da gëtt et ganz schwéier. Well wann, da muss wuel héchstwarscheinlech d'Escher Gemeng déi dote Sportsoffer maachen, an da gëtt et richteg deier.

Vläicht als kleng Remark: Mir haten am Pedibus héieren, dass do de Pedibus, dass de Montant huet missen eropgemaach, eropgesat ginn, well d'Leit sech net méi mellen. Dat ass entre-temps eng Moud, dass Leit näischt méi fir näischt maachen. Dat heescht, och de Benevolat. Mir kennen et, wéi schwéier dass et ass, fir deen ze kréien.

Dofir, et ass e Gesamtpackage, mee ech mengen, hei si mer um richtege Wee. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Faltz.

Mee mir sinn eis jo eens an all deem, wat Der elo gesot hutt. Et ass wierklech eng

Ausriichtung, déi mer onbedéngt musse kontrolléieren, well mer jo och wëssen, dass de Sport haut net méi ouni finanziell Mëttelen einfach virukënnt.

Ech mengen, de Verdéngscht ass eigentlech mengem Virgänger ze schëlden. Deen huet eigentlech dofir gesuergt, dass deen dote Mechanismus en place gesat gouf, zesumme mat de Sportsveräiner respektiv och mat dem Service des Sports. An dofir sinn och frou, dass Der dat appreciéiert, well mir gesi jo awer, dass amgaangen ass, neien Elan eranzekommen.

Ech géif dat awer net nëmmen eleng zeréckféieren op, opgrond vun de finanziellen Incitativen, déi mer ginn, mee och allgemeng, well et ëmmer erëm Fluktuatioune ginn tëschent dem Erfolleg vun enger Ekipp oder vun enger Sportaart par rapport zu deem, wat den Zoulaf ass um Nowuess.

Ech mengen, mir hunn déi ordinär Budgeten an och Subsiden, déi mer verdeelen. Mir hunn dee vun deene Jonken, dee mer herno och nach eng Kéier hei wäerte stëmmen.

Mee an deem Sënn ... Dir musst wëssen, mir hu jo 94 där Sportsveräiner mat Fräizäitaktivitéiten, déi sech ëmmer bei eis mellen. Jiddwereen huet iergendwéi e Besoin, sief um Niveau vun den Infrastrukturen, wou mer versichen, ze hëllefen, oder sief op aner Manéier.

Mir versichen ëmmer, do de Spagat ze maachen tëschent deem engen an deem aneren, an dat ass och natierlech eis Ausriichtung.

Eis ass geleeën, dass de Sport allgemeng viru gefërdert gëtt. An dofir versiche mer och, um Niveau vun deem, wat mir kënne maachen, och am Enseignement z.B., well ech mengen, och do kann nach ganz vill gemeet ginn. An do waarde mer ganz einfach um, jo, och vum Sportsministère nei Weeër, déi sech sollen dann eng Kéier erausschielen, déi zesummen och mam Enseignement solle geholl ginn. Well Sport ass fir jiddwereе ganz wichteg.

A mir vun eiser Säit aus op jidde Fall, dës Koalitioun wäert mat op de Wee goen, fir de Sport sou gutt wéi et nëmme geet ganz einfach ze ënnerstëtzen. Net nëmme finanziell, mee och op dem aneren Niveau.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Och den aneren Niveau ass indirekt e finanziellen Niveau. Dat solle mer net vergiessen. Et gëtt direkt Subsiden an et gëtt och indirekt Subsiden.

Wann een eng Kéier deen doten Exercice mécht, dat soen ech elo als Finanzschäffen, da muss een, mengen ech, och nach aner Facteure mat integréieren.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 9.1. Décomptes de projets extraordinaires pour l'exercice 2023 ; décision

### 9.2.1. Relevés et rôles supplétifs de l'impôt foncier ; décision

### 9.2.2. Relevés et rôles supplétifs de l'impôt foncier ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 9. Do geet et och nach Kéier ëm d'Finanzen.

Et ass sou, dass mer eemol am Joer den Decompte vun de Projets extraordinaires musse stëmmen. Dat bedeit eigentlech just, dass mer decidéieren, dass déi Punkten, déi am extraordinäre Budget 2023 stoungen, dass mer déi kënnen elo fir déi nächst Budgetsdiskussiounen do erausstäichen.

Firwat stinn déi dran? Dat ... firwat ginn déi hei ... Firwat stinn déi nach dran a mussen eenzel erausgestrach ginn? Dat ass z.B. de Fall, well d'Aarbechten ofgeschloss goufen, mer awer net alleguerten d'Suen ausginn hunn an nach gespuert hunn an nach Suen am Budget virgesinn hunn, déi mer da kënnen eebe sträichen.

Oder z.B. well Projete scho sou al sinn an d'Devisë scho sou al sinn, dass nei Devisë musse gefrot ginn an et net méi, et net méi, einfach d'Präisser net méi dem Laf vun haut entspriechen.

Da kann awer och e Grond sinn, dass z.B. d'Aarbechte gemaach goufe mat engem aneren Artikel direkt mat an dass dann een Artikel iwwerflësseg ass. An dann ass et och, dass verschidden, well se awer wierklech .. et kënnt ganz rar vir, dass verschidde Projeten net ëmgesat goufen an dann och decidéiert gëtt, dass se net méi ëmgesat ginn an dann dofir aus dem Budget gestrach ginn.

Hei, mat dësen Decompten, do spuere mer, e fiktiven Epargne vu 6 Milliounen Euro, deen dann eebe schonn d'Base ass fir d'Aarbecht vum nächste Budget.

An dann hu mer nach zwee Relevés et rôles supplétifs ze stëmmen.

Gëtt et Froen heizou? Wien Detailer gären hätt zu den Decompten, kann déi och hei noliesen. Do ass en Dossier mat all eenzele Projet, deen erkläert ass.

Wann net, dann au vote fir de ganze Punkt 9.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10. Plan de gestion des forêts pour l'année 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Sehovic fir d'Plans de gestion des forêts.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Vu d'Zäit, faassen ech mech ganz ganz kuerz.

De Plan de gestion ass d'Basis, op där eise Fierschter ka seng Aarbecht maachen an der Bewirtschaftung vun eisem Bësch. Et huet par rapport zu de leschte Joren net vill geännert. Mir maachen nach ëmmer eng Bewirtschaftung ënner Berücksichtegung vun de Labele PEFC an FSC, déi eng nohalteg Bewirtschaftung vum Bësch assuréieren.

Dass ëmmer nach nieft der Bewirtschaftung vum Bësch e grousse Wäert geluecht gëtt an der Aarbecht vum Fierschter, zesumme mat eise Servicer, op den Naturschutz, awer och op d'Sensibiliséierung, wou mer ganz vill och mat Kanner zesummeschaffen, och d'Infrastruktur.

De Rescht fannt Der am Dossier an am Plan de gestion. Ech géing hei ophalen, ausser et wäre Froen.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 11.1. Subsides jeunes sportifs 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally fir d'Subsides jeunes sportifs.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech mengen, ech hu virdru schonn alles gesot. A mir sinn och frou, dass mer do reegelméisseg eng Augmentatioun gesinn.

Wat d'Veräiner ubelaangt, gesäit een, dass dat wierklech seng Friichten dréit. An an deem Sënn géing ech dann och bieden, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Montanten hat Der am Dossier. Ginn et Froen dozou? Au vote.

## 11.2. Subside extraordinaire ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer nach en extraordinäre Subsid.

Dir wësst, dass et eng Traditioun ass, dass mir als Stad Esch beim Lëtz Go Gold-Laf matmaachen. An och do hate mer eng Ekipp dëst Joer vu 45 Marcheuren a Leefer, déi zesummen iwwer 17.000 € gesammelt hunn.

Ech wëll dem Laetitia La Vecchia an dem Alain Hastert Merci soe fir dës Initiativ. A mir leeën als Stad Esch nach eng Kéier 1.500 € gären als Subsid dobäi.

Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12.1. Règlement de la circulation ; modifications ; décision

### 12.1.1. Cité Franz Leesberg ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.2. Rue Victor Hugo ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.3. Rue Marie Müller-Tesch ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.4. Avenue des Hauts-Fourneaux ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.5. Rue des Jardins ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.6. Rue Emile Mayrisch ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.7. Place de l'Exposition ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.8. Rue Winston Churchill ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.9. Rue Jean-Pierre Bausch ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

### 12.1.10. Rue de Stalingrad ; adaptation du règlement communal de la circulation ; décision

## 12.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An den Här Sehovic huet d'Verkéiers-reglementer.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn eng ganz Rei permanent Verkéiersreglementer dobäi. Ech géing och gär domadder ufänken.

Eng Kéier an der Cité Franz Leesberg, wou mer, wéi ech vridrunner schonn erwäänt hunn, e Busarrêt dobäi reglementéieren, fir déi Navette kënne gutt zirkuléieren ze loossen.

Dann an der Rue Victor Hugo maache mer e Foussgängeriwwerwee dobäi. Dëst ass gesinn am Kader vum „Séchere Schoulwee" a war och eng vun den Doleancen, déi mer kritt hunn, wéi mer de Plan local de mobilité op der Mobilitéitswoch virgestallt hunn.

An der Rue Marie Muller-Tesch, dat ass ze gesinn am Kontext och vum „Séchere Schoulwee", awer och vun den Ëmbauaarbechte vun der Bruch-Schoul, reglementéiere mer e Kiss-and-Go-Beräich, an der Hoffnung, dass dee vun den Eltere genotzt gëtt an doduerch de Stroosseberäich sou bëssen entlaascht gëtt, wou mer einfach mierken, dass an de Spëtzestonnen leider am oppene Stroosseraum ze vill Kanner nach an- an entluede ginn. An dat wëlle mer verhënneren, wéi gesot, mat dem Amenagement vun deem Kiss-and-Go.

Op der Avenue des Hauts-Fourneaux maache mer, maache mer ee Foussgängeriwwerwee, deen do schonn temporär war, elo definitiv an d'Reglement mat dran, well mer einfach gemierkt hunn, dass et genotzt gëtt an dowéinst säi Besoin bestätegt ass.

An der Rue des Jardins huele mer eng Liwwerparkplaz ewech, déi do stoung, wou mer awer eigentlech elo gemierkt hunn, dass déi quasi net méi a Benotzung ass, an et eis awer erméiglecht doriwwer, an zesumme mat deene Pottoen, déi mer do rezent gesat hunn, fir de Vëloswee ze schützen, einfach fir sécherzestellen, dass do d'Falschparke manner gutt ass. An dass mer déi Strooss, wou och de Vëlo am Contre-sens zirkuléiert, dass mer do kënne gutt a sécher zirkuléieren.

An der Rue Emile Mayrisch ginn dräi Parkplazen, wou permanent Abuse gedriwwe ginn, andeems vill méi laang wéi 30 Minutte geparkt gëtt, ginn do anescht reglementéiert. Och well mer mëttlerweil jo de Kiss-and-Go um Terrain vum CHEM hunn, dee gutt fonctionéiert, soudass dës dräi Parkplazen an den normale Parking residentiel erëm zeréckginn.

Dann hu mer effektiv véier weider nei PMR-Parkplazen op der Place de l'Exposition, an der Winston Churchill, an der Rue Jean-Pierre Bausch an an der Rue Stalingrad.

Ech bieden ëm Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen heizou?

Wëllt Der direkt weidermaache mat den temporären?

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, voilà, do wollt ech eigentlech guer net méi drop agoen, Här Buergermeeschter.

Et sinn néng temporär Reglementer nach, déi et géif, déi ee confirméiere misst, déi alleguerte Suite vun diversen Aarbechten am Reseau oder an der Voirie musse sou reglementéiert ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Kënne mer déi zesummen ofstëmmen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13. Contrats de bail et avenants ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer fënnef Contrat-de-baile fir Sozialwunnengen ze stëmmen. Dir hutt d'Informatiounen am Dossier.

Froen dozou? Au vote.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Ech hunn do eng Fro.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Tonnar.

**M. Jean Tonnar** (LSAP)

Do sinn zwee Appartementer total identique an de Loyer ass bal dat duebelt. Fir deen ee wéi fir deen aneren.

Hänkt dat vum Verdéngscht of, oder?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Jo, ënner anerem. Jo, tatsächlech, dat hänkt do vun der Composition de famille of a vum Akommes vun der Famill. Dat gëtt berechent no den nationale Krittären.

Ça va. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 14.1. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Kommissiounen. Do hu mer e puer Dokumenter virleien.

Als éischt gëtt et eng Ännerung an der Schoulkommissioun, wou d'Madamm Boehler als Member demissionéiert, well se elo Member vun der Direktioun ass am Fondamental an dann net méi als Vertriederin vum Léierpersonal kann an der Schoulkommissioun sinn. Do muss dann d'Schoulpersonal en neie Vertrieder designéieren.

Dann huet d'LSAP eis Changementer eraginn, iwwer déi mer ofstëmmen. An den ADR huet eis och Changementer eraginn, wou ech allerdéngs e puer Problemer domadder hunn, wou ech proposéieren, dass mer iwwer de gréissten Deel ofstëmmen.

Allerdéngs proposéiert den ADR … véier Kommissioune kënne mer net ofstëmmen, well do proposéiert den ADR z.B. e Member fir d'Commission de surveillance du Conservatoire. Déi Kommissioun gëtt et net méi.

D'Commission des Loyers ass gesetzlech anescht definéiert. Do kënnt Der och keen nennen. D'Commission des femmes et hommes du métier gëtt och net vun de Parteie besat, mee vun Experten. An d'Commission consultative communale d'intégration, déi gëtt et och net méi. Déi ass ersat ginn duerch d'Commission du vivre-ensemble interculturel. Do hutt Dir awer ee genannt.

Dat heescht, ech proposéieren, d'Kommissioune vum ADR sou ze stëmmen, bis eeben op déi véier, déi net ze stëmme wieren.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci, mech drop hinzeweisen. Warscheinlech ass dat an eisem Sekretariat dann iergendwéi duerchernee geheit gi mat deene verschiddene Kommissiounen.

Ech soe Merci, dass Der eis dorop hiweist. An natierlech maache mer et gäre sou, wéi Der sot, datt déi dann, déi véier dann net berücksichtegt ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Schmit. Au vote.

**[Geheime Vott, 17 Mol Jo]**

## 14.2. Congé politique supplémentaire ; attribution ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir loossen den Här Zwally an den Här Cavaleiro auszielen. An da maachen ech schonn de Punkt vum Congé politique.

Dir hutt alleguerten en Ziedel kritt, dass de Congé politique an d'Luucht gaangen ass fir d'Gemengeconseilleren an och fir d'Schäffen, dat ab dem 1. August. Dat gouf et schonn eng Upassung.

Mir hunn awer och nach eng Kéier zousätzlech Stonnen, sechs Stéck, déi mer kënne verdeelen zousätzlech hei am Conseil communal. An do huet d'Majoritéit dann elo proposéiert, dass mer et sou géinge verdeelen un awer dann d'Vertrieder, déi och an de verschiddene Conseil-d'administrationen oder a Kommiteeë vu Syndikater vertruede sinn, respektiv och un den Här Funck, well hie ganz oft heihinner

muss kommen als Vertrieder an der Kommissioun, am Conseil de recrutement.

Gëtt et Froen heizou? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, Dir kënnt Iech erënneren, wéi mer deemools d'Kommissiounen opgedeelt, d'Conseilen opgedeelt haten, dass mer am Fong e Pro rata gefuerdert haten als Oppositioun, dass do virun allem an deene Conseilen, wou mer zu méi representéiert sinn, dass mer do vläicht och méi representéiert och sinn.

Elo mat de Congéen hunn ech mer ... als Fraktiounssspriecher fält dat elo natierlech op mech, huet de Rot Faltz mer da gefrot, ob en an deem Conseil, wou e sëtzt, vläicht och eng Stonn zegutt gehat hätt. Dofir ech sinn awer frou, dass den Här Funck se kritt, well e muss effektiv méi oft hei untrieden.

Dofir vläicht an enger nächster Phas, ech weess net, wéini dass sou Stonnen nach eng Kéier verdeelt ginn oder sou, och un déi Oppositionell an de Conseilen denken. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

U sech hätt ech net méi geplangt, et ze froen. Ech hat et nämlech verpennt bei de Personalfroen, mee ech froen et dann elo awer séier hei, well d'Explikatioun zu der zousätzlecher Stonn op de Conseil de recrutement virun allem zeréckfält.

Ech hat eng Kéier gefrot, ob mer kënnen zesummen diskutéieren, ob een net e Suppleant kéint eventuell virgesi fir dee Rôle aus der Oppositioun eraus, well et einfach wierklech vill ass. Et si vill Stonnen, an et wär u sech just glécklech fir d'Transparenz, déi mer eis ëmmer wëlle ginn, an ech fannen et och super, dass mer dee Rôle hunn. Mee een eleng kann et net maachen, wann en nach niewendrun en Job huet.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Da musst Der herno d'Stonnen opdeelen.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Dat géife mer gären.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mer hu jo d'Chance, dass mer eng vun den eenzege Gemenge sinn, wou dee Conseil de recrutement an där Form hunn. Dat heescht, et schwätzt eigentlech näischt dogéint, dee Schrëtt ze maachen. A sou zitt eis dann och d'Stonnen eriwwer.

Hei ass de Vott ausgaange 17 Mol Jo fir d'Kommissiounen.

A fir de Congé politique soe mer dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da soen ech Iech villmools Merci, wënschen Iech e schéine Weekend, z.B. muer op der Fête interculturelle oder den Owend an der Kulturfabrik. An et gëtt bestëmmt och nach aner Occasiounen.

E schéinen Dag, schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
Piraten



**Dejvid Ramdedovic**
CSV